

werdriwwene Wonschkatalog op seng richteg Gréisst ze stutzen, da wonnert et keen, wann herno esou e Bau ëmmer méi deier gëtt.

Et muss ee sech dat virstellen, am-plaz ze spuere geet eis Regierung hin a wëllt mat dësem Bau, an ech zitëiere wat am Rapport vun 1997 steet: „...créer un cadre de travail agréable et convivial. Il est indiqué de soigner particulièrement les équipements qui en conditionnent la qualité“. Domadder kann een nach d'accord sinn. Dann : «...aménagement un ensemble d'oeuvres expressionnistes d'un peintre luxembourgeois ornant l'atrium-café, constituant ensemble avec la terrasse du cinquième en plein air avec une table d'orientation pour profiter des vues intéressantes un attrait particulier pour le grand public et les passants».

Dem Statsrot seng Bemierkung do-riwwer liest sech esou: „Le Conseil d'Etat ne peut approuver la démarche suivie par les autorités, parce qu'il lui manque à la fois la transparence et la rigueur indispensable à la gestion des deniers publics“.

De Statsrot erënnert dann och u fréier kritesch Bemierkungen, déi e scho bei anere Projete gemaach huet am Bezuch op d'Geldverschwendung, Bemierkungen, déi awer elo nach méi wouer si weinst deene schlechten Zäiten an deene mer finanziell jo sinn.

En zweete Punkt ass d'Finanzéierung iwwert de System vun der Loi de garantie. Dat ass e verstoppten Emprunt, an domadder klëmmt d'Statsschold ëmmer méi héich. Eis Regierung misst eis emol eng Kéier eng Opstellung maachen, wat mer bis elo iwwert déi verstoppten Empruntë schëlleg sinn.

Den ADR gesäit awer an, dass dëse Centre de recherche muss funktionéieren, an dofir kënne mir jo net géint dat Gesetz stëmmen. Déi Aart a Weis, wéi dat awer zesummekommt ass a wéi dës Supplémenter virgeluecht goufen, féiert derzou, dass mir eis beim Vote enthalen.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Här Huss, Dir hutt d'Wuert.

M. Jean Huss (DÉI GRÉNG).- Här President, ech wollt am Numm vun der grénger Fraktioun soen, dass mir selbstverständlech dëse Projet kënnen ënnerstëtzen, dee vun der Madame Stein hei virgestallt ginn ass.

Et si wuel vun enger Partie vu Virriedner dozou eng Rei vu kritesche Bemierkunge gemaach ginn, wéi elo nach zum Schluss vum Här Greisen wat d'Zu-Stane-Kommen dovunner ubetrëfft, mä wat den Inhalt ubelaangt an d'Noutwendegkeet dovunner, ass et kloer, dass mir dat kënnen ënnerstëtzen an och wäerte stëmmen.

M. le Président.- D'Wuert huet elo d'Madame Bauteministesch Erna Hennicot-Schoepges.

Mme Erna Hennicot-Schoepges, Ministre des Travaux publics.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll fir d'éischt der Madame Stein merci soen an hirer Qualitéit als Presidentin vun der Kommissioun an als Rapporteur vun dësem Projet.

Mir si frou, dass hei konnt séier geschafft ginn, an ech wëll och nach eng Kéier drop hiweisen, dass et sech hei net ëm en Depassement üblecher Natur handelt, wou et mat de Sue fir de Bau net duer gaange wär, et handelt sech hei ëm ganz geziilt Kreditte fir de premier équipement, well wéi dee Projet déi éischte Kéier virbruecht ginn ass vu mengem Virgänger 1997, do war virgesi fir de premier équipement dem CRP Henri Tudor ze iwwerloossen, an dat iwwer Dotation annuelle am Budget ze gewährleeschten. Dat ass awer laut där neier Budgettechnik net

méi méiglech an dofir hu mir de Wee gewielt fir en extra Projet de loi ze maachen, an domadden dann déi gesamt Investitiounen fir de CRP Henri Tudor op 13,8 Milliounen Euro opzestocken, dat heescht fir den Equipement och direkt iwwert de Statsbudget kënnen ze finanzéieren.

Dat gesot, ass et wuel kee Muttwëll, dass an dësem Gebai och den Equipement mat der Zäit mat viru geet, an dass et déi Technologie vun där neister Gattung ass, déi hei erakënn. Et sinn insgesamt Bürosraim fir 150 Leit. Mir wëssen, dass mer e Konferenzsaal vun 250 Leit am Rez-de-chaussée hunn, dass des Weideren de Centre de technologie de l'éducation, dee virdrum am Schloss zu Walfer an éischter vétusté Raimlechkeeten huet missen onzäitgmeiss funktionéieren, dass deen elo ka mat modernen Equipementer seng Aarbecht maachen. Alles dat ass eng Investitioun an nei Technologien an an d'Zukunft.

Ech wëll dann déi grondsätzlech Bemierkungen, déi erëm eng Kéier hei gemaach gi sinn, wat d'Berechnungen am Bâtiment public ugeet, formell zrëckweisen, wou, wann Depassementer kommen zu engem Bauprojet, dat ëmmer esou dohinner gestallt gëtt, wéi wa falsch berechent gi wär. Esou laang wéi d'Chamber de Bauteminière net à même setzt, fir dass hie richteg Berechnunge ka maachen, solle mer och net hei gemassregelt ginn, wann déi Berechnungen herno net opginn.

Wourëms geet et? Mir ginn hei forcéiert fir Zuelen an d'Welt ze setzen, obwuel mer net a Kenntnis vun engem konkrete Bauprogramm sinn. Da sot emol engem Privatmann hie soll eng Gréisstenuerdung an d'Welt setzen, wann hien emol net e konkrete Bauprogramm als Virgab huet, an dofir sinn natierlech ëmmer déi Diskrepanzen tëschent deenen Zuelen, déi an engem Budget pluriannuel opgefouert ginn, an tëschent deenen Zuelen, déi an engem Avant-projet sommaire, deen och oft nach wäit vun der Wourecht ewech ass, stinn. Mir sollen dach hei net mat gezénkte Kaarte spillen an dann ëmmer erëm Schuldzuweisungen maachen un déi Leit, déi hir Aarbecht esou gutt maache wéi se nëmme kënnen, déi awer opgrond vun net méi geneeën Donnéeën net anescht rechnen kënnen.

Et ass dofir ubruecht, fir hei ganz kloer nach eng Kéier d'Fro opzewerfen, ob mer da wierklech keng aner Prozedur fir eis Bauprojekte kënnen ugoen, a fir dann domadder och méi korrekt kënnen Angaben ze ginn, wat déi eenzel Gebaier solle kaschten. Jiddfereen, dee baut, weess, jee nodeem ëm wat fir e Gebai et sech handelt, dass Imprévuë kënne virkommen, an ech géif emol gären déi Gemeng gesinn, déi ee Bauprojet duerchzitt ouni Devis supplémentaire. Déi hätt jiddefalls e Präis verdéngt, an da wéisst een awer nach net, ob se net direkt am Ufank verschidde Bévueë mat aberechent huet, wat jo leschten Enns de Bau dann awer verdeiert.

Dat gesot, weisen ech och dat zrëck, wann hei beanstant gëtt, et wäeren Deniers publics vergeut ginn, well mer Oeuvres d'art an e Gebai integréiert hunn. Mir hunn dat vun der Chamber gestëmmt kritt, an do gëtt et e Gesetz, an dat ass eng Base légale, déi am Gesetz vum Statut vum Artist 1,5% vun de Käschte vum Bau virgesäit fir Oeuvres artistiques.

Wa mer am Ausland kucke gi wéi Bauten do behandelt ginn, a wa mer iwwerhaupt an d'Vergaangenheet kucke gi wéi eis Virgänger esou Saache gehandhabt hunn, da kann ee soen, mir sollen eis hei awer och net enger moderner Konzeptioun vun engem Bau verschléissen.

Dat gesot, ass dëse Projet fir d'Recherche hei zu Lëtzebuerg vu grousser Wichtigkeet, well et deen

éischte CRP ass, dee mat engem neie Gebai elo ka seng Aarbecht viruféieren. Deen nächste Projet, dee kënnt, wäert dee si vum CRP-Santé, well d'Regierung huet de Feu vert gi fir de Bauprojet vun engem neien CRP-Santé beim Centre hospitalier an d'legislativ Prozedur ze ginn.

An och um Fonds Belval gëtt un engem Neibau fir den CRP Gabriel Lippmann geschafft, esou dass mer am Laf vun den nächste Méint wäerten déi Projeten an d'Prozedur kréien, esou dass dann all eis dräi Fuerschungszentre mat neien Infrastrukture kënnen an Zukunft hir Aarbecht maachen, déi eng wichtig Aarbecht ass an déi och Unerkennung am Ausland fënn, an déi eis eng nei Entwécklungsméiglechkeet gëtt an eisem eegenen ekonomeschen Tissu, an déi dofir justifizéiert ass.

Dat gesot soen ech der Chamber an allen Deputéierte merci, déi hir Stëmm zu dësem Projet ofginn.

M. le Président.- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikelen a stëmmen zum Schluss vun der Sitzung driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 bis 3 si gelies an ugeholl.

Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen also of zum Schluss vun der Sitzung, an da kéime mer zur Diskussioun vum nächste Projet, an zwar handelt et sech do ëm d'Diskussioun vum Projet de loi 4954 iwwert d'Repressioun vum Terrorismus. D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluecht.

Et hu sech schonn ageschriwwen den Här Mosar, déi Dammen Err a Beissel, den Här Jaerling, d'Madame Wagener an déi Hären Urbany, Bodry a Fayot.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Patrick Santer. Den Här Santer huet d'Wuert.

8. 4954 - Projet de loi portant

1) répression du terrorisme et de son financement

2) approbation de la Convention internationale pour la répression du financement du terrorisme, ouverte à la signature à New York en date du 10 janvier 2000

Rapport de la Commission juridique

M. Patrick Santer (CSV), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Objet vum Projet de loi 4954 ass et iwwert d'Transpositioun vun enger Décision-cadre vun de Justizministere vun den EU-Memberstate vum 13. Juni 2002, an d'Approbatioun vun enger UNO-Konventioun vum 10. Januar 2000, den Terrorismus als autonom Strofdot an eisem Strofrecht virzegesinn.

Mir hu schonn dacks gesinn, vill ze vill dacks gesinn an den Noriichten, déi grujelech a mënschenonwiederdeg Attentater, wou Zivilisten duerch Autobommen, déi mëtten am Dag an enger Geschäftstrooss explodéieren, niddergemetzelt ginn, wou Politiker oder Riichter per Genéckschoss virun den Ae vun hirer Famill higeriicht oder wou Kandidate fir eng Wahl oder Membër vun hirer Familljen entfouert goufen.

Déi politesch oder pseudopolitesch Revendicatiounen, déi da

gestallt ginn, fir esou Akten ze rechtfäertegen, kënnen net an déi fräi Meenungsaussou rangéiert ginn. An engem demokratesche Stat huet all Bierger Richter, déi an der Verfassung, an der europäescher Mënscherechtskonventioun a vläicht an der zukünftiger europäescher Verfassung verankert sinn, an déi hie fräi ausnotze kann. Jidderee ka seng Meenung soen, respektiv schreiwen, och wa se minoritär ass, och wa se net jidderengem gefält. Wann ee seng politesch Meenung awer wëllt aneren operzwéngen andeems ee Leit an demokratesch Institutiounen terroriséiert duerch Attentater, Attacken, Hiirichtungen, huet een do kee Recht méi sech am Kader vun der fräier Meenungsaussou ze positionéieren oder sech hannert iergendengem anere Recht ze verstoppen.

« L'on conçoit », schreift e franséischen Droitsprofessor, « que ne puisse être pris en considération le caractère prétendument politique des revendications exprimées par les terroristes, dès lors que les méthodes utilisées et les objectifs poursuivis méconnaissent gravement les règles fondamentales de la démocratie ».

Tëschent der fräier Meenungsaussou an dem Terrorismus leie Welten. Déi eng muss vun enger Demokratie ënnerstëtzt a geschützt ginn. Déi aner muss vun enger Demokratie bekämpft ginn. Et geet also beim Terrorismus ëm d'Substanz, ëm de Kär vun enger Demokratie. Brauche mer dann iwwerhaupt hei zu Lëtzebuerg en Antiterrorismusgesetz?

Lëtzebuerg ass ee vun deene wéinege Staten an der Europäescher Unioun, deen Terrorismus net speziell ënner Strof stellt. D'Definitioun vun der Décision-cadre, déi vun alle 15 Justizministere, also vun der ganzer Panoplie vu Parteie gedroe gëtt, gëtt eng eenheetlech Definitiou vum Terrorismus. Ech wäert nach op déi Definitiou spéider ze schwätze kommen.

Terrorismus ass eben, leider muss ee soen, eng Realitéit. « Une forme moderne et particulièrement odieuse de criminalité », sot den deemolege franséische Justizminister Michel Sapin 1992 virun der Assemblée nationale, wéi den Terrorismus speziell am franséische Code pénal ageschriwwen gouf.

An de Länner, déi terroristesch Akten erlebt hunn, huet et sech séier erausgestallt, dass déi bis dato existéierend Strofdoten inadaptéiert wore fir géint dëst villfallegt a villsäitegt Phenomeen virzegoen.

« Les réponses répressives traditionnelles devaient se montrer bien insuffisantes », schreift de franséischen Droitsprofessor Cartier an der Revue de science criminelle, wéi hien den Titre IV am nouveau Code pénal kommentéiert huet.

Mä net nëmmen en Terrorist, mä och déi, déi fräiwëlleg aktiv a wäsentlech eng terroristesch Strofdot gehollef hu virzebereeden andeems se zum Beispill eng Wunneng zur Verfügung gestallt hunn, oder wichtig Informatiounen iwwert d'Zilobjekt oder d'Zilpersoun ginn hunn, mussen speziell strofbar gemaach ginn. Bei Strofdote mat engem terroristesche Charakter handelt et sech ëm méi wéi einfach Strofdoten. Et geet hei drëm d'Demokratie, eise Rechtssystem, eisen Etat de droit iwwert déi privat Intérëten eraus ze schützen. Doniewent muss Lëtzebuerg natierlech och eng UNO-Konventioun iwwert d'Repressioun vum Finanzement vum Terrorismus vum 2000 ëmsetzen. Dës Konventioun, déi vun 182 Länner an der UNO-Vollversammlung, also bal unanime gestëmmt gouf, gesäit et vir, dass d'Staten terroristesch Strofdote speziell bestrofe sollen.

Wat ass also ënner Terrorismus ze verstoen? D'Definitiou vum Terrorismus wäert sech, wann de Projet de loi bis gestëmmt an d'Gesetz a Kraaft getrueden ass, am Artikel 135 (1) vum Code pénal erëmfan-

nen. Dräi Bedéngunge mussen kumulativ, an ech insistéieren op kumulativ, erfëllt sinn. Déi éischt Bedéngung ass, dass eng Infractioun bestoe muss. Dës primär Infractioun, op där den terroristeschen Akt opbaut, muss mat enger Mindesthéchststrof vun dräi Joer Prisong bestrooft ginn. Dat heescht, wann also eng Infractioun mat sechs Méint bis zwee Joer Prisong bestrooft gëtt, ass dës Bedéngung net erfëllt.

Bei dëser Bedéngung sinn d'Meenungen an der Kommission ausereen gaangen, well verschidde Membere gefrot a gefuerdert hatten, dass am-plaz vun der Léisung vun der Mindesthéchststrof eng Léscht vum Infractiounen soll am Artikel 135 (1) festgehalen ginn. D'Majoritéit vun der Kommissioun ass net op dee Wee gaangen, well esou eng Léscht eng Onzuel vu Renvoien op aner Artikele vum Code pénal a vu Spezialgesetzter bedéngt hätt, wat bestëmmt net zur Klarheet vum Text bägedroen hätt.

De Législateur kritt dacks genuch virgeworf, dass hien en Text duerch ze vill Renvoie schweier liederlech géif maachen. Hei hätte mer awer definitiv all Rekorder gebrauch. Doniewent wär eng Léscht net d'Léisung gewiescht, fir d'Definitiou vum Acte terroriste méi kloer ze gestalten. Dat huet och de Statsrot a sengem Avis geschriwwen, wou hie seet: « Il convient d'emblée de relever que la délimitation matérielle du champ d'application de la nouvelle incrimination par rapport à une liste, soit d'infractions déterminées, soit de catégories génériques d'infractions, soulèverait les mêmes interrogations ».

Natierlech hätt eng drëtt Méiglechkeet dora bestanen, fir wuertwierlech den Text vun der Décision-cadre ofzeschreiwen, an d'Termes génériques, déi do festgehalen sinn, an dem Artikel 135 (1) festzehalen. Dat wier a mengen Aen déi schlechteste Léisung gewiescht, well déi Sammelbegrëffer wéi „atteinte à l'intégrité physique“, oder „libération de substances dangereuses“, oder nach „destructions massives d'installations gouvernementales“, fir d'éischt am Code pénal oder a Spezialgesetzter nogsicht hätte misse ginn eier een den Artikel 135 (1) ugewannt hätt.

Fir mat dëser éischter Bedingung ofzeschléissen, muss nach gesot ginn, datt entgéint dem Avis complémentaire vum Statsrot d'Kommissioun bei sengem Amendement, fir d'Mindesthéchststrof vun zwee op dräi Joer eropzesetzen, bliwwen ass. Dobäi wësse mer, datt d'Fälschung vun engem Pass, dee mat enger Héchststrof vun zwee Joer bestrooft gëtt, aus der Definitiou vum Artikel 135 (1) ausgeschloss gëtt.

Déi zweet Bedingung ass wuertwierlech vun der Décision-cadre iwwerholl. D'terroristesche Handlung muss duerch de Kontext, an där d'Infractioun stattfënn, oder duerch d'Natur vun der Infractioun, an ech zitëieren: « porter gravement atteinte à un pays, une organisation ou un organisme international ».

Déi drëtt Bedingung ass och wuertwierlech aus der Décision-cadre geholl ginn. Hei dréit et sech ëm Zil an Zweck vum Terrorismus. Zil an Zweck vun enger terroristescher Handlung muss sinn, entweder d'Bevölkerung anzuschüchteren oder d'Autoritéiten dozou ze zwéngen eppes ze maachen oder ze hannerloossen eppes ze maachen oder nach déi fundamental politesch, wirtschaftlech, sozial oder verfassungsrechtlech Struktur vun engem Land oder enger internationaler Institutioun ze destabiliséieren oder ze zerstéieren.

Dës sinn also déi dräi Bedingungen, déi kumulativ mussen erfëllt sinn, fir datt et sech ëm e strofbaren terroristeschen Akt handelt. An dës sinn och déi dräi Bedingungen, déi vun de 15 Justizministere unanime an der Décision-cadre festgehalen goufen.

Deen, deen dann déi dräi Bedingungen erfüllt, gëtt mat enger Prisonsstrof vu 15 bis 20 Joer bestrooft. Wann awer Persoune bei der Handlung ëm d'Liewe komm sinn, ass liewenslängleche Prisons virgesinn.

Erlaabt mer, Här President, e puer Wieder zu der Proportionalitéit vun de Peinen ze soen, déi virdrun hei ugeschwat ginn ass. Den honorablen Här Urbany huet an engem Bréif vu gëschter dës Proportionalitéit vun de Peinë bei dësem Projet a Fro gestallt a geschriwwen, datt dat belscht Gesetz en Echelonnement des peines géif virgesinn, an datt dat europäescht Recht disproportionéiert Sanktiounen net géif zouloossen.

Wat dat belscht Gesetz ugeet ass et richtig, datt en Echelonnement des peines virgesinn ass. An der Belsch falen awer Infractiounen ënnert d'Gesetz, wat hei zu Lëtzebuerg net de Fall ass, zum Beispill gesitt Der och am belschen Text, datt Amendes, also Geldstrofen - dat kënnen 200, 500, 1.000 Euro sinn - duerch eng Prisonsstrof vun engem bis dräi Joer ersat ginn. An Infractiounen, wou d'Mindesthéchststrof manner héich ass wéi dräi Joer, dat heescht wou ee bei eis aus der éischter Bedingung géing erausfalen, bleiwen awer och vum belsche Projet mat beträff. Hei si mer dann awer zu Lëtzebuerg méi restriktiv.

Wat d'europäescht Recht ugeet, huet den Här Urbany en Uerteel vum Europäesche Geriichtshaff vum 19. Mäerz 2002 zitéiert, wou festgehale gouf, datt den italienesche Code de la route eng disproportionéiert Sanktioun virgesinn hätt, dat ass och richtig esou. Mä bei dëser Affär ass Italien condamnéiert ginn, well am italienesche Code de la route eng Diskriminatioun tëschent Autoen, déi an Italien immatriculéiert sinn, an Autoen, déi net an Italien zougelooss sinn, stattfonnt huet.

An am europäesche Recht, dat brauch ech de Juristen heibannen net ze soen, do brauche mer och kee weideren Expär vu baussen ze froen, wësst Der jo, datt eng Diskriminatioun, ob se directement fondée sur la nationalité, oder wéi an eisem Fall indirecte ass, well jo méi Italiener an Italien immatriculéiert Autoe fueren a méi Net-Italiener am Ausland immatriculéiert Autoe fueren, also dës Discrimination indirecte nëmme ka justifiéiert ginn, wann eng objektiv Ursaach do ass a wann d'Ursaach proportionéiert zum Zil ass.

Hei fanne mer et proportionéiert erëm an hei huet den Europäesche Geriichtshaff gesot: Neen, dat geet ze wäit. Dat ass disproportionéiert am Kader vun enger Justificatioun fir eng Diskriminatioun. Dat huet also iwwerhaupt kee Lien mat eiser Affär, well et hei, dat kënnt Der alleguerten noliessen, Article 135 (1) vum Code pénal, iwwerhaupt keng Diskriminatioun mécht, keen Ennerscheid mécht objektiv oder subjektiv tëschent Lëtzebuerger oder Auslänner, déi eng terroristesch Strofdot begaangen hätten.

Et wär also falsch, fir schlussfolgernd ze soen, datt eng Infractioun an en terroristesche Kontext muss bruecht ginn, fir datt méi staark Prisonsstrofen ugewannt kënnen ginn. Et ass och falsch ze soen, datt d'Décision-cadre méi restriktiv wier wéi dëse Projet de loi, well grad zwou vun dräi Bedingungen identesch sinn an déi drëtt au contraire preziséiert gouf. Well dës dräi Bedingunge kumulativ mussen erfüllt sinn, an och wann ee géif soen, déi viséiert Infractiounen wären hei am Projet méi large ausgefall wéi an der Décision-cadre, wat zwar net de Fall ass, mä och wann een dat géif soen, kënnen mer logescherweis, well et sech ëm kumulativ Bedingungen handelt, net d'Dier méi grouss opgemaach hu wéi an der Décision-cadre.

Mä net nëmmen den Terrorist, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, gëtt duerch de Projet de loi er-

faasst. Déi, déi zu engem Groupe terroriste gehéieren, an déi, déi gehollef hunn eng terroristesch Aktioun virzebereeden, gi vum Artikel 135 (4) ënner Strof gestallt. An der Kommissioun ass bemängelt ginn, datt d'Définitioun vum Groupe terroriste onkloer oder onprezis wär, an datt esou Leit, déi am Fong näischt mam Terrorist ze dinn hätten, do kéinte mat eragezu ginn.

Éischstens ass e Groupe terroriste eng strukturéiert Associatioun vu Persounen, déi beabsichtegen eng terroristesch Dot ze vollbréngen. Deejäinegen, dee fir den Terrorist schafft an net a seng Affären, terroristeschen Akte verwéckelt ass, zum Beispill d'Kannermeedchen, dat näischt mam terroristeschen Aktiounen, Aktivitéite vu sengem Meeschter, muss een da soen, ze dinn hätt, kann also net zu engem Groupe terroriste gehéieren, well hatt huet net selwer beabsichtigt eng Strofdot ze vollbréngen.

Zweetens steet och am Gesetz, am Projet de loi et muss ee wëssentlech, fräiwëlleg an aktiv zu engem terroristesche Grupp gehéieren. Dee Kader vu Persounen, déi hei a Fro kommen, ass begrenzt, an d'Kannermeedchen, de Chauffeur oder d'Kächin vum Terrorist fale bestëmmt net drënner, ausser si wäere wëssentlech, fräiwëlleg an aktiv deenen Handlungen nogaangen.

Drëttens ass déi Bestëmmung vum Groupe terroriste, d'Définitioun vum Groupe terroriste, wuertwäertlech vun den Artikelen 324bis an 324ter vum Code pénal, déi sech mat der Association de malfaiteurs beschäftigen, ofgeschriwwen. 1998, wéi dës Artikelen 324bis an 324ter hei unanime am Plenum ugehall goufe vun alle Parteien, war d'Onklarheet oder de Mantum u Präzisioun kee Problem. Et kéint een natierlech vläicht drun denken, fir d'Strofmooss bei der Association de malfaiteurs no uewen an déi vum Groupe terroriste unzepassen.

De Finanzement vun terroristeschen Aktivitéiten ass e weidere Kärpunkt vum Projet de loi, well Geld bei der Virbereedung vun Terrorakten eng wichteg Roll spillt oder ka spillen. Contrairement zum Blanchiment vu Gelder, déi eng illegal Origine hunn, well se aus dem Drogenhandel, Menschenhandel oder Waffenhandel stamen, legaliséiert ginn, kënnen beim Finanzement vum Terrorismus Gelder, déi legal erwirtschaft gi sinn, zu illegalen Zwecker benotzt ginn. Dofir huet missen eng spezifesch Infractioun an de Code pénal geschriwwen ginn, well alles muss an d'Wee geleet gi fir déi terroristesch Doten ze vermeiden, et gi Stroffräiheete fir déi virgesinn, déi en Terrorakt, éieren datt e stattfënnt natierlech, d'Identitéit vun Terroristen oder d'Existenz vun engem Groupe terroriste der Justiz matdeelen.

D'Regierung huet nach en Amendement agereecht, dee vun der Kommissioun a vum Statsrot guttgeheescht gouf, fir am Fall vun engem Repérage téléphonique d'Informationspflicht ze änneren. Bis elo huet den Untersuchungsrichter missen déi concernéiert Persoun iwwert de Repérage téléphonique informéieren, entweder während der Instruktioun oder späitstens bannent zwielef Méint vun der Autorisatioun, fir esou e Repérage téléphonique duerchzeféieren.

Well a komplexen Affären, wéi déi vum Terrorismus oder der grousser Kriminalitéit, d'Instruktioun méi laang wéi zwielef Méint kann daueren an et net virstellbar ass, datt déi concernéiert Persoun informéiert gëtt, datt e Repérage téléphonique stattfonnt huet, éier datt den Dossier ofgeschloss ass, gëtt deen Délai vun zwielef Méint geännert a spillt net an Affäre vum Terrorismus, Associations de malfaiteurs an, wéi vum Statsrot virgeschloen, an a verschiddenen Drogenaffären. Et bleift awer bei der Informationspflicht während der Instruktioun.

Zum Schluss wëllt ech nach soen, datt de Projet de loi eng eleng Zoustännegkeet fir de Parquet an d'Gerichter vun der Stad Lëtzebuerg an allen Terrorismus- a Blanchimentsaffären virgesäit.

Dëse Projet de loi ass also net dee béisen Text, deen d'Grondfräiheete vun de Leit aschränkt. D'Bedingungen, fir datt et zu engem Akt vun Terrorismus kënnt kommen, si strikt. Zemoos well, wéi dat bei allen Artikelen vum Code pénal ass, d'Gerichter an net iergendeng politesch Autoritéit zoustänneg sinn an dat lescht Wuert hu bei der Ausleeung an Ausféierung vun dësem Projet de loi.

Mir si jo net an enger Diktatur, wou déi politesch Autoritéiten de Gerichter virschreiwen, wat se ze soen hunn, wéi dat an enger Diktatur de Fall ass - mir denken un all déi Journalisten, déi zu Kuba virun zwee Méint weinst Terrorismus liewenslänglech an de Prisons komm sinn -, zemoos mer hei zu Lëtzebuerg zwar déi terroristesch Strofdot aféiere mä keng nei Prozedur aféieren. Et ass déiselwecht Prozedur wéi bei allen anere Strofdelikter, also Crimen, déi sech do applizéiert. Keng nei Richter, keng Jurisdiction d'exception gëtt hei agefouert.

(M. Nico Loes prend la Présidence)

A kengem Fall muss Terrorismus e Virwand sinn, fir egal wat ze maachen. Wann Illegalismus mat Illegalismus bekämpft gëtt, da gëtt et Terroristen op béide Säiten. Da gëtt et kee Rechtssystem méi. A grad wéi den Terrorismus ass den Terrorisme d'Etat eng eklatant Dénégatioun vun eisen demokrateschen Wäerter. Mä néierens, a kenger Demokratie ginn d'Grondfräiheeten a besonnesch d'Meenungsausso esou wäit fir terroristesch Handlungen ze legitiméieren, an eng Gefor fir d'Demokratie muss, wéi ech aganks gesot hunn, ëmmer bestrooft ginn.

Et geet also am Sënn vum Victor Hugo, deen an de «Misérables» geschriwwen huet: «Ni despotisme, ni terrorisme».

Ech wollt, Här President, Dir Damen an Dir Hären, meng Ried mat der Konklusioon vum Avis minoritaire vun der Chambre de Travail ofschléissen. Et gouf och en Avis minoritaire, dat vergësst een, et vergësst ee ganz viles bei dësem Text. Si schreift: «Afin de protéger les citoyens de nos sociétés démocratiques, c'est un optimum entre sécurité, liberté qui doit être trouvé. La liberté totale signifie anarchie et loi du plus fort. La sécurité totale signifie la prison.» Ech hätt et wierklech net kënnte besser soen.

Ech soen lech merci a bieden lech am Numm vun der Kommissioun dëse Projet esou wéi e virläit ze stëmmen. Merci.

M. le Président. - Merci, Här Santer. Als nächste Riedner war den Här Laurent Mosar ageschriwwen. Vu datt den Här Mosar nett do ass, géif ech d'Madame Err bieden erop ze kommen. Madame Err, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

Mme Lydie Err (LSAP). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir schwätzen haut iwwer e Gesetzesprojet, dee mat Terrorismus zesummenhängt, mä néierens an den Documents parlementaires geet vun deem Terme Rieds, ausser dass probéiert gëtt e juristesche ze definéieren.

„No against terror“ war eng Schlagzeil, déi CNN nom 11. September 2001 getitelt huet, an esou ass de Krich net nëmmen am Afghanistan, mä och am Irak justifiéiert ginn, e preventive Krich géint e Stat, e Land a Leit, déi vu virtuelle Masse-

vernichtungswaffen hätte kënnen Gebrauch maachen an terroristesch Attentäter hätte kënnen begoen.

Preventiv war de Krich géint den Terror an dat werft d'Fro op, ob e Krich iwwerhaupt d'Léisung fir e Problem ass. D'Antwort op déi Fro ass sécherlech eng individuell, mä eppes ass kloer, all Krich gëtt ni géint den Terror gemaach, mä géint d'Leit an normalerweis géint déi Leit, déi net responsabel kënnen gemaach gi fir iergendwellech Terrorakten, wann et der da solle gewiescht sinn.

Geschichtlech fält dat Wuert Terror 1793 op, wéi ënnert dem Robespierre de Regime vun der Terreur d'Etat agefouert ginn ass. Duerno ass den Terrorismus, an och haut ass dat nach esou, sécherlech net méi esou oft en Terrorisme d'Etat, mä en Terrorisme de subversion. Am Petit Robert gëtt den Terrorismus definéiert als en «emploi systématique de la violence pour atteindre des buts politiques (prise, conservation, exercice du pouvoir...)», oder awer «l'ensemble des actes de violence, des attentats, des prises d'otages civils qu'une organisation politique commet pour impressionner un pays (le sien ou un autre)».

En Terrorist gëtt am Petit Robert definéiert als «membre d'une organisation politique qui use du terrorisme comme moyen usuel d'action».

Esou schéngt dat dach relativ kloer ze sinn, mä nëmmen op d'éischt, well e puer Leit gëtt et jiddefalls, déi bekannt si fir sengerzäits als Terrorist am Verruff gewiescht ze sinn, an duerno unerkannt Politiker, sief et Statschefe waren. Verschiddener vun deenen hu sech esouguer mat engem Friddensnobelpreis erëmfonnt. An och dat, mengen ech, soll ee behalen, wann een iwwert dat Thema vum Terrorismus hei schwätzt, well et ass vill méi villschichtig wéi et sech a priori ugesäit an et ass vill méi komplizéiert, wéi dass ee kéint mat engem Krich géint den Terrorismus dee Problem an de Grëff kréien. Ursaacheforschung, Ursaachebekämpfung, Preventioun an dann eréischt Repressioun missten eigentlech d'Weeër sinn, fir ze probéieren dem Phänomeen vum Terrorismus entgéint ze trieden.

Et ass kloer, an d'sozialistesche Fraktioun condamnéiert zesumme mat anere Fraktiounen aus dësem Haus Terrorismus als Moyen d'action politique oder wéi sief et och ëmmer, a mir sinn eis och bewusst, dass Terrorismus e Phänomeen ass, deen d'Grenzen iwwerschreit an eventuell kann Terroristen dozou bréngen sech dat Land an Europa oder soss op der Welt erauszuseichen, wat eventuell déi schlechtesten, respektiv fir si déi beschte Gesetzgebung huet. Dat ass awer net nëmmen um Gebitt vum Terrorismus de Fall, dat ass beispillsweis och bei Menschenhandel de Fall, an et ass jo net par hasard wou Lëtzebuerg vläicht méi Artistinnen a méi Prostitutioun huet, well Lëtzebuerg eng particuliere favorabel Législatioun op deem Gebitt huet iwwert de Wee vun deem berühmte Visa d'artiste.

Op deem Punkt si mir natierlech net bereet ganz schnell aktiv ze ginn, obscho mer duerch Débats d'orientation schonn op déi Problematik higewisen hunn. Et bleift, dass et richtig ass, dass een engem internationale Phänomeen muss probéieren gemeinsam an harmoniséiert bäizekommen. Et bleift, dass et och a mengen Ae richtig ass, dass 1977 déi éischt Konventioun vum Europarat en matière de répression du terrorisme komm ass, déi am Fong déi Differenz tëschent Infractioun politique an Infractioun de droit commun opgehewen huet, déi mat sech bruecht huet, dass d'Extraditioun net méi ka refuséiert ginn op Basis vun enger Nature politique vun engem Fait, wat sécherlech deelweis och défavorabel Konsequenzen

huet. Den Zweck vun der Übung awer, mengen ech, kann een nëmmen saluéieren, dofir si mir och mat där Approche d'accord.

Mir sinn och dermat d'accord, dass 1999 um Sommet zu Tampere d'Extraditioun tëschent Members-tate vun der Unioun ofgeschaaft ginn ass, well mer mussen dovun ausgoen, a mir sinn iwwerzeegt dovun, dass et innerhalb vun der Europäescher Unioun keng Länner gëtt, déi kéinten als Net-Demokratië bezeechent ginn, an deemno si mer eis schëlleg drun ze gleewen, dass och aner Staten, wa se net extradéieren, à même sinn déi Akten, déi enger eventueller Extraditioun zu Gronn leien, selwer bei sech kënnen op eng zefriddestellend Aart a Weis ze jugéieren.

Mir sinn eis och eens, dass d'Unioun en Espace de liberté, de sécurité et de justice ass, an dass d'Décision-cadre de Wee ass, deen an dëser Hinsicht muss begaange gi fir zu engem Zweck ze kommen, wat d'Terrorismusbekämpfung ugeet. Den Zweck vun der Décision-cadre ass et d'Législatiounen op nationalem Plang an deene verschiddene Länner ze rapprochieren a minimal gemeinsam Regeln ze etabléieren, wat d'konstitutiv Elementer vun den Infractiounen a vun de Sanktiounen en matière d'infractioun terroriste ugeet.

An dat ass natierlech eng komplizéiert Saach. Terrorismusbekämpfung an Aklang ze bréngen am Respekt vun alle Mënscherechter kënnt jiddefalls bezeechent ginn als eng Quadratur vum Krees, déi sécherlech keng einfach Operatioun ass. D'Décision-cadre concernéiert also Akten, déi vun alle Memberstaten incriminéiert ginn als eng Infractioun de droit commun, an erlaabt et déi verschidden Akten ze inculpéieren als terroristesch Akten, a condition dass déi aner kumulativ Konditiounen, déi virgesi sinn, och erfüllt sinn.

Esou wäit schéngt dat och alles relativ harmlos ze sinn, mä wann een awer méi genee hikuckt, da gesäit een, dass déi Definitiounen et a sech hunn, an dass se net nëmmen op d'Harmonisatioun op europäeschem Plang erausginn, mä dorobber erauslafen, dass d'Basisprinzipien, déi am Droit pénal herrschen, an notament do heesche „principe d'égalité, principe de proportionnalité d'infractioun“ an „éléments constitutifs“ vun enger Infractioun net ëmmer esou evident ze gesi sinn.

Terrorismus ass, a mir sinn eis dorüwer eens, eng Menace fir Regimer, haaptsächlech fir demokratesch Regimer, well déi aner sinn duerch näischt ze impressiounéieren an et ass a bleift esou, dass en Acte terroriste ënner alle Konditiounen normalerweis en Abus de droit ass, dee virun allem d'Zivilpopulatioun betrëfft an deen en tant que tel muss combattéiert ginn.

Et geet awer net duer nëmmen déi repressiv Schinn opzeleeën, wann een net bereet ass och no den Ursaachen ze siche wou den Terrorismus hierkënnt, an no den Ursachen ze sichen, wéi een en eventuell kënnt prévenéieren, ier ee probéiert en ze répriméieren.

Mä mir sinn elo um Niveau vun der Repressioun an ech wëll dofir e puer Saachen hei soen, déi an dëser Matière schonn um internationale Plang gesot ginn. Ech wëll rappeléieren, dass et um Niveau vum Conseil de l'Europe Lignes directrices du Comité des Ministres du Conseil de l'Europe gëtt, wat d'Protection des Droits de l'homme ubelaangt am Zesummenhank mat der Terrorismusbekämpfung.

An eng vun deenen éischte Recommendationen vun dëse Lignes directrices ass « éviter l'arbitraire, l'égalité de toute mesure, ni torture, ni peine de mort, collecte des données personnelles contrôlées par une autorité extérieure » an ähnlecher, an ech wäert net hei dat ganz Dokument musse virlesen,

fir ze weisen, dass de Conseil de l'Europe och schonn 1977, wéi déi éischt Konventioun komm ass, probéiert huet a sengen internationalen Instrumenter déi grouss Prinzipien, déi Lignes directrices ze erfëllen, déi ech elo grad virgelies hunn.

Et ass kloer, dass haut beispillsweis ënnert déi Infractiounen, déi kënnten zum Terrorismus féieren, « coups et blessures volontaires, meurtre, assassinat etc. » am Zesammenhank mat enger Association de malfaiteurs oder enger Organisation criminelle kënnte gehéieren. Mä kloer ass, dass an all deene Fäll, haut jiddefalls, dräi minimal Exigenzen aus dem Droit pénal mussen respektéiert ginn. Éischstens muss et en Élément légal sinn. Zweetens en Élément matériel an drëttens en Élément moral.

An dann ass et esou, dass wann déi Infractiounen hei existéieren, da wier et u sech och akzeptabel an normal, dass déi kënnten an enger Hypothèse terroriste mat Circonstances aggravantes bestrooft ginn, à condition natierlech, dass déi Éléments constitutifs och bei deenen neien Infractiounen respektéiert ginn.

Dat schéngt mir muer mat deenen Texter, déi mer hei virleien hunn, net de Fall ze sinn. Wa mer soen zum Beispill, dass en Acte terroriste kënnt sinn all Crime et Délit, dee sanktionéiert gëtt duerch eng Peine vun engem Maximum vun dräi Joer, da muss een derbäi soen, dass hei éischstens d'Décision-cadre virgesäit, dass och den Acte préparatoire muss kënne bestrooft ginn, an dass dat eigentlech eppes ass, wat absolut exceptionnel zum aktuellen Droit pénal ass, wou am Fong nëmmen eng Tentative, déi net fräiwëlleg ënnerbrach gëtt, normalerweis punissabel ass niewent der Complicitéit an dem Coauteur.

Da spillt de Kontext hei an der Definition mat, an et steet do, dass deen Akt, wann et dann eng Infractioun ass, déi déi Konditiounen vun deene Strofen erfëllt, „peut porter gravement atteinte à un pays, une organisation etc.“. Et ass also net kloer, dass effektiv muss en Akt gesat ginn, et ass och net kloer, dass mussen déi dramatesch Konsequenze vun engem Terrorakt do sinn, fir kënne repressiv virzegoen.

Dann déi drëtt Konditioun : « ...qui a été intentionnellement commise pour intimider une population, etc.“. Hei si mer carrément am Élément moral an hei si mer, menger Meinung no, jiddefalls an der Abstraction la plus complète, well ech ka mer net virstelle wéi een eng Intention d'intimider une population kann noweisen, esouguer dann, wann een um Parquet ass, an esouguer dann, wann d'Mesures d'enquête méi einfach gemaach ginn, wann eng Coopération policière verschäerft gëtt an esouguer dann, wann normal Saachen, wéi beispillsweis d'Recours-recht bei de Repérages téléphoniques soll net spillen en matière de terrorisme, mengen ech esouguer, dass dat doten eng Performance ass, déi net esou einfach wäert sinn.

Ech denken och, dass et an der Décision-cadre iwwert den Acte terroriste aner Saache gëtt, déi sech net an eiem Gesetz erëmfannen, wéi déi Lëscht vun deene präzisen Infractiounen. Et ass richtig, dass wa mer eng prezis Lëscht vun den Infractiounen hätten, hätte mer du moins keng Schwierigkeete mat deem éischten Element am Droit pénal, dem Élément légal. Déi aner Elementer vun der Infractioun misst een dann nach kucken.

Mä et steet och beispillsweis net dran, wat genoe muss répriméiert ginn. Den Artikel 4 vun der Décision-cadre seet zum Beispill, dass d'Memberstaten obligéiert sinn den Acte accompli ze répriméieren, wat eng normal Saach ass, d'Incitation à l'acte terroriste, dat ass och eng normal Saach, l'aide, do gëtt et schonn e bësse méi deli-

kat, d'Complicité an d'Tentative d'acte terroriste, do si mer erëm am Régime commun. Dat eenzeg wat vun der Décision-cadre, ausser dem Normalen, verlaangt gëtt ass d'Aide ze incriminéieren. Or, ass d'Aide natierlech elo eppes wat een eventuell kann enger Tentative gläichsetzen, enger Complicitéit oder engem Coauteur gläichsetzen, dat muss awer net sinn.

Déi Démarche, déi hei geholl gëtt, ass am Fong fir virzegesinn, dass all Akt, all Iddi am Kapp, déi eventuell hätt kënne en terroristeschen Zweck hunn, och wa se net ausgefouert ginn ass, och wa se kee Schued gemaach huet, kann en tant que tel no dësem Gesetz, wat soll haut gestëmmt ginn, répriméiert ginn. Dat huet, menger Meinung no, absolut näischt mat der Décision-cadre ze dinn. Dat huet eppes mat enger Exception op de Prinzip vum Droit pénal ze dinn an dofir ass et och fir eis inakzeptabel. Et kann net sinn, dass e Stat eng Obligatioun hätt eng Iddi ze sanktionéieren, wa kengem do-duerch e Schued entstanen ass, an och besonnesch dann, wa kee Schued konnt entstoën, well keen Acte matériel do war.

Mir sinn also an der Konklusioun d'accord, dass eng Approche européenne sech imposéiert, fir ze évitéieren, dass d'Terroriste muer sech innerhalb vun Europa, ob dat elo dat klengt Europa vun der Europäescher Unioun oder dat grousst Europa vum Europarat ubelaangt, dat Land eraussichen, wou se eventuell am beschten ewechkommen. Mir kënne eis sécherlech och mat der Démarche vun der Décision-cadre ufrënden, mä ech mengen, dass ee kënnt d'Exigenze vun der sozialistescher Fraktioun esou resüméieren: Direktiv, déi ganz Direktiv, mä näischt wéi d'Direktiv.

(Interruptions diverses)

Et ass esou erstaunlech, dass ech elo de Fuedem hei verluer hunn.

(Hilarité)

Ech sinn dat absolut net gewinnt. Dofir probéieren ech dann elo hei de Fuedem erëmfannen, dee roude Fuedem. Den 135 (7) schwätzt vun Exemption de peine fir eng Prime à la délation, iwwert d'Circonstances atténuantes. Och déi Saache gëtt et en matière de droit commun. Et kënnt engem just hei esou vir, wéi wann dat heite soll en neie Moyen si fir Infractiounen terroristescher Natur opzedecken an domadder eng Incitation zur Délatioun ze maachen, wat jo och net déi Démarche citoyenne ass, déi ee sech am léifste géing wënschen.

Virun allem stéiert mech an dësem Gesetzestext och nach déi Ausnahm op den Artikel 67 (1) en matière de repérage, e Gesetz wat mer d'lescht Joer no jorelaangem Soueren endlech hei gestëmmt hunn, a wat virgesäit, dass bei engem Repérage téléphonique et muss e Recours gi géint déi Décision vun Ennersuchungsrichter während der Prozedur a spéitstens während engem Joer no der Ordonnance, an dass déi Disposition, déi d'Leit soll informéieren, dass se Victime oder dass se Sujet vun engem Repérage sinn, soll ausser Kraaft getratt sinn. Ech fannen, dass dat sech absolut net justifiéiert, well besonnesch an esou wichtege Saache wéi Terrorismusbekämpfung kann ee sech jo bal net virstellen, dass et méi laang dauert wéi e Joer, fir zu engem Schluss ze kommen.

Ech denken, dass och d'Direktiv beispillsweis en Artikel 14 huet, dee speziell Opmierksamkeet rëfft fir Assistenz a Protektioun vun de Victimen. Kee Wuert doriwwer an eiem Gesetz, an d'Qualifikatioun eleng vun engem Terroristenakt ass menger Meinung no ze wéineng iwwerholl vun dëser Décision-cadre, fir dass et net geféierlech gëtt déi Frontière tëschent Terrorismus an enger normaler politescher Opposition ze maachen. Opposi-

tioun, déi esouguer heiansdo kann Infractiounen begräifen, ouni dofir als terroristeschen Akt musse kënnen definéiert ze ginn.

Déi Grenz tëschent dem Terrorismus an der politescher Opposition ass flou, ass ze flou, fir am Droit pénal ageschriwwen ze ginn, well den Droit pénal ass a soll iwwregens dat och bleiwen, besonnesch de Moment, wou en nach ëmmer eng Compétence excessivement nationale ass, en Droit d'interprétation stricte.

D'Interdictioun vun engem Groupe terroriste, mat där ee sech natierlech als Iddi kéint ufrënden, wëllt net heeschen, dass ee mam Artikel 135 (4) ouni Problemer eens gëtt, an esou ass et och mam Strofmoooss an aneren Dispositionen, déi sech an dësem Text erëmfannen.

Ech wëll duerfir resüméieren, dass déi Législatioun, déi hei virläit, verschidde Risiken a sech begräift, an zwar éischstens, dass d'Sécherheet oder d'Terrorismusbekämpfung sech wäert duerchsetze par rapport zur Protektioun vun de Mënscherechter, notament dem Recht op e Privatliewen.

Zweetens dass d'Pouvoirs policiers an d'Luucht ginn, an zwar an enger éischter Phas nëmme fir déi sou genannten terroristeschen Infractiounen, an doraus wäert sech eventuell kënne erginn, dass et vill méi praktesch ass mat verbesserten Enquête-Moyenen ze fueren, an d'Tentatioun läit op der Hand, dass dat wat haut exceptionnelle Régime ass fir d'Terroristebekämpfung, mar eventuell och bei Droit commun kann de Fall sinn, an dat ass a kengem sengem Intérêt, deenen an dësem Land oder an anere Länner vun der Europäescher Unioun leeft.

Drëttens ass et, dass eng Utilisation facilitée vun den Echanges de données sécherlech eng grouss Tentatioun ass, an dass et dofir och noutwendeg wier, dass dat wat an déi Systèmes d'information stoe kënnt geëf kontrolléiert ginn, dass e Recours kéint gemaach gi géint eventuell falsch Inscriptiounen, an och dat fanne mer de Moment a kenge vun deenen Dispositionen erëm.

Virun allem ass awer fir mech als Juristin de Fall, dass mer hei an enger Hypothese sinn, wou d'Prinzipie vum Droit pénal a Fro gestallt ginn a wou et net ëmmer evident ass bei all Infractioun, déi virgesinn ass, déi dräi Elementer vum Élément matériel, légal a moral erëmfannen. A wann dat eng Exception sollt sinn, dann ass se fir mech op jidde Fall inakzeptabel.

Ech denken dofir, dass et net par hasard ass, wou de Statsrot virun enger nébuleuser Matière pénale gewarnt huet, an dass och aner Avisen, déi gefrot gi sinn, notament déi vun der Chambre de Commerce, eng nette Präferenz ausgedréckt hu fir d'Opstellung vun enger preziser Lëscht vun Infractiounen, wou och d'Chambre des Employés privés gefrot huet den Text esou genoe ze libelléieren, dass all Atteinte un d'Mënscherecht an un d'fundamental Fräiheet kéint excludéiert ginn.

Ech mengen dofir, dass et evident ass, dass et en absence vun aneren Avisen, déi schonn am Laf vun der Prozedur gefrot gi sinn, notament och déi vum Barreau, och déi vun der Commission consultative vun de Mënscherechter, déi vun Associatiounen, déi sech méi speziell mat der Protektioun vu Rechter vun Ausländer befaassen, an en général mat Expären en matière de droit pénal oder en matière des Droits de l'homme, misste kënne gehéiert ginn.

Ech denken dofir, dass déi Approche, déi hei gewielt ginn ass, zwar am Prinzip déi richteg ka sinn,

mä dass déi Manéier, wéi deen Dossier hei traitéiert ginn ass, dass mer de Rapport scho virleien hate ier mer et schrëftlech virleien hatten, ier mer den Avis complémentaire vum Statsrot analyséiert hatten, dass all déi Vitesse hei drop hiweist, dass eppes hei passéiert, wat besser an der Summerzäit passéiert, wann d'Leit am Prinzip aner Prioritéiten hunn, wéi déi ze kucken, wat d'politesch Aktualitéit ass.

Dat ass och déi Ursaach, mat all deenen Argumenter, déi ech virdrun hei erkläert hunn, dass d'LSAP-Fraktioun, déi och fir de Kampf géint den Terrorismus ass an d'Finanzéiere vum Terrorismus, fir méi eng exakt Transposition vun der Décision-cadre ass, an déi virgeschloe Manéier fir eis op jidde Fall net akzeptabel ass. Dofir ass et eng logesch Konsequenz vun deem wat ech hei gesot hunn, dass d'LSAP géint dëse Gesetzesprojet wäert stëmmen.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Madame Err. Als nächst Riednerin ass d'Madame Beissel ageschriwwen. Madame Beissel, Dir hutt d'Wuert.

Mme Simone Beissel (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Härën, ech wëll fir d'éischt och dem Patrick Santer merci soe fir säin ausféierleche schrëftlechen a mëndleche Bericht an dësem Projet de loi, dee bestëmmt net einfach ass.

D'Événementier vum 11. September 2001 hunn déi international Communautéit an eng Aart Schockzustand versat. Mam Zesumme fale vun den Twin Towers zu New York ass et séier kloer ginn, dass d'Regelen, no deenen d'westlech Communautéit iwwer Jorzéngte funktionéiert huet, net méi valabel sinn. Et huet sech och gewisen, wéi vulnerabel eis Demokratien op terroristesch Attacke sinn.

Här President, dat Gesetz wat mir haut debattéieren, an duerno stëmmen sollen, soll eist Land besser géint déi terroristesch Gefore schützen. An deem Kontext kann ee sech als éischt d'Fro stellen, a mir mussen eis déi stellen, well bon, ech mengen et ass hei vun Definitionen aus dem Dictionnaire Rieds gaangen, jiddferree versicht dee Phenomeen vum Terrorismus e wéineng ze cernéieren: Wat ass Terrorismus?

Ech mengen et kann een eppes soen, ënner all Zorte vu Kriminalitéit ass den Terrorismus déi schëllemst. De Professor Jean Pradel schreift: „En employant de manière systématique des moyens ayant pour effet de provoquer la frayeur des populations pour parvenir à ses fins, notamment politiques, et pour pouvoir alors peser sur l'histoire, le terroriste fait sien le principe que la fin justifie les moyens, principe qui est un adage mortel pour nos civilisations.“

D'Schwierigkeet vum Exercice, fir den Terrorismus ze cernéieren, läit schonn dodran, dass ee muss zwësche véier groussen Zorte vun Terrorismus ënnerscheeden.

Dat éischt, a glécklecherweis ass dat haut manner de Fall wéi am leschte Jorhonnert, dat ass dee berühmte Statsterrorismus, Terrorismus de pouvoir, eng extrem réffeg Form vun Terrorismus, déi agesat gëtt vun de Muechtinhaber géint hir eege Leit, géint hir eege Bierger. Zum Beispill Terreur am Frankräich 1793/1794, dem Stalin seng Säuberungsaktiounen, d'Gestapo an esou weider.

Zweet Form ass den Terrorismus des vaincus, oft an der Form vu Guerrilla-Kricher, well déi Besiegten net méi d'Kraaft oder d'Moyenen hunn, fir Batailles rangées duerchzeféieren. Zum Beispill déi zermürbend Guerrilla-Kricher am Vietnam an elo, wa mer d'Televisioun kucken an de Radio lauschteren, all Dag leider am Irak.

Déi drëtt Zort vun Terrorismus an deen, deen de Biergerkricher zuvirkënn, ass och eng fiirchterlech Form vun Terrorismus, wou zwou Populatiounen, meeschtens Kompatrioten oder op d'mannst Nopereen niewent zwou Grenzen, déi säit Jorhonnerten niewenteneen oder mateneen zesumme gewunnt hunn, sech op eemol haassen a bekämpfen an engem reliésen oder politesch ideologesche Konflikt. Mir kennen dat, dat gëtt Escaladen, dat gëtt Grausamkeeten ouni Enn.

Dir kennt de System vun der IRA säit 1939, der ETA, déi déi betrafte Länner alle béid un de Rand vum Biergerkrich bréngt. D'IRA huet just en anere System, si fiert mat massiven Attentater, ass haaptsächlech spezialiséiert an de Bommen, wou d'Irlänner géint d'Engländer fueren. An der ETA ass et an enger Hinsicht nach méi speziell, well do gëtt selektiven Terrorismus bedriwwen, mat der spezifischer Konnotation, dass hei déi baskesch nationalistesch Communautéit mat hirer verbuedener Partei Herri Bata-suna an hirem Independenzprojet ongestrooft, mir hunn dat elo erëm eng kéier an de leschte Woche matkritt, ETA-Attentater toleréieren, gericht géint d'demokratesch gewielt Opposition.

D'Opposition, Familjemembere vun de Politiker, hir Kanner, kënne net méi op d'Strooss goen, kënne net méi ouni Bodyguard goen, si ginn déciméiert esoubal wéi se nëmmen d'Intention hu sech op d'Kandidatelëschte vu fräien demokratesche Wahlen an engem Land wéi Spuenien anzeschreien. Et muss ee sech dat virstellen am Joer 2003. Si soe vu sech selwer: Mir liewen an der « zone zéro de la démocratie européenne ». Si soen och vu sech selwer, an dat ass och extra: „Nous sommes le seul cas au monde où un groupe terroriste n'agit pas contre le pouvoir gouvernant, mais contre l'opposition démocratique.“

Véiert a lescht Grupp, subversiven Terrorismus a senger Versioun vum téléguideren Terrorismus, dat kenne mer jo. Dat ass lassgaange mat de chinesesche Boxeren, an haut, mam System Al-Qaida, hu mer jo dovun déi beschten Expressioun. Et geet drëm e Spannennetz iwwert d'Länner ze leeën, mat klengen Interventiounscellulen, préparéiert, endocrinéiert, fanatiséiert vun der Mammenorganisatioun, déi meeschtens an engem anere Land sëtzt. Ouni Rücksicht op Verloschter géint Kanner, Fraen a Männer, Actions de grande envergure wéi zum Beispill déi vum 11. September a verschidden anerer virdrun.

Den Osama Bin Laden, fir en net ze nennen, huet, muss ech lech soen, awer näischt erfennt. D'Iddi vum System vum Terrorismus téléguider ass schonn am 12. Jorhonnert vun där berühmter Sekt vun den Haschichin erfennt ginn. Haschichin, ethymologeschen Ursprung vum Wuert „assassins“. De Chef vun där Sekt, den Hassan Sabbah, genannt „le vieux de la montagne“, huet deemools schonn am ganze mëttleren Orient bis a Persien eran Cellulé geschéckt vu gutt preparéierten, gutt motivéierten, gutt fanatiséierten Zaldoten, déi him genehm waren an déi systematesch alles liquidéiert hunn, esouwuel d'Politiker wéi och d'Zivilbevölkerung, déi him net genehm waren. Dat fir lech ze soen, dass dat wat mir haut de System Al-Qaida nenne schonn am 12. Jorhonnert entstanen ass. Den Osama Bin Laden hat doudsécher den Hassan Sab-bah als Spiritus Rector.

Zweet grouss Fro: Wat ass dann um jëtzege Terrorismus anescht, esou dass eist existent Regelwierk net nëmmen zu Lëtzebuerg, mä an Europa net méi duer geet fir eis effizient ze schützen? Hei falen direkt verschidden Ennerscheeder an d'Aen.

Éischstens ass d'Gewaltbereetschaft vun den Terroristen extrem

héich, net nëmme schrecken se net virdrun zrëck fir honnerte vu Leit an den Doud ze schécken, mä si scheien och net virdrun zrëck sech selwer fir hir Ideale ze opferen. Dat ass de grouss Problem. Et ass kee méi an eise westleche Länner bereet oder schwéier bereet fir sech fir eng Iddi an d'Luucht sprengen ze loossen. Si sinn eis ëmmer e Schrëtt viraus, well se eng Mentalitéit hunn, wou mir Schwieregkeeten hunn, fir eis an déi eran ze fillen. Et geet fir de Stat also ëmmer méi drëm, an dat ass extrem wichteg, fir den terroristeschen Akt schonn a senger Preparatiounsphas ze stoppen. Héich Prisongsstrofe bidden a mengen A weineg Ofschreckung fir en Terrorist, dee bereet ass säi Liewen ze opferen.

Zweetens hunn d'Terroriste vill vun der organisierter Kriminalitéit géleiert, wat hir Strukturen ugeet. Hir Netzer strecken sech, ech hunn et scho gesot, wéi e Spannennetz iwwert d'Länner, an esouguer iwwert d'Kontinenter a sinn extrem schwéier ze zerbréchen, vu dass si aus enger Multitude vu lokalen Zellen zesummegevat sinn, déi vunenene onofhängeg operéieren.

D'Gesetz, wat an Italien „omertà“ heescht, kann op de System Al-Qaida transféiert ginn. Si profitéiere vun de modernsten Telekommunikationsméttelen a sinn extrem mobil. Si sinn an hirer ganzer Approche Vollprofilen, gutt ausgebilt, voll motivéiert. Dës sou genannter Globaliséierung vum Terrorismus kann op reng nationalem Plang weineg entgéint gesat ginn. Ouni eng enk Kollaboratioun tëschent den Autoritéite vun de verschiddene Länner ass net vill auserlichten. Eng esou enk Kollaboratioun setzt awer viraus op europäeschem, souguer op internationalem Niveau, dass déiselwecht Rechtsgrondlag am Domän vum Terrorismus besteet.

Drëttens huet d'Beispill vum Al-Qaida-Réseau gewisen, wat fir eng extrem héich finanziell Ressourcen dem Terrorismus haut zur Verfügung stinn. Dat huet als direkt Konsequenz, dass den heitegen Terrorist, wéi ech scho gesot hunn, extrem gutt ausgebilt, équipéiert a mobil ass. E wichtigen Usatzpunkt vun enger erfollegräicher Bekämpfung vum dem Terrorismus ass d'Broochleegung vun deene komplexe Finanzstrukturen, déi den internationalen Terrorismus finanzéieren, op eng onermiddlech Aart a Weis d'Poursuite vun de Geldgeber ze maachen, déi sech hannert deene Finanzstrukture verstoppen. Als grouss Finanzplaz, iwwert déi vill Kapital zirkuléiert, ass Lëtzebuerg besonnesch gefuerdert. Eis streng Gesetzgebung an den neie Projet „blanchiment“ komme grad richtig, fir ons Crédibilitéit an Transparenz vun eiser Finanzplaz, déi ëmmer gekuckt gëtt, ze ënnersträichen.

Här President, de Gesetzesprojet iwwert dee mir haut debattéieren, këmmert sech ëm de legislative Kader vun der Terrorismusbekämpfung. Ech mengen, dass mir awer net sollten aus den A verléieren, dass de legislative Kader nëmmen een, zwar e wichtigen, mä trotzdem nëmmen ee Bestanddeel vun der Terrorismusbekämpfung ass. Esou sinn Aarmutt, Ennerentwécklung, Ennerdrückung vu Minoritéiten, mat hire Frustratiounen, hirer Wut an hirer Einsamkeet, e wichtigen Nährbuedem vum Terrorismus.

Hei kann ech d'Efforte vun der Lëtzeburger Regierung nëmme begréissen, wou am Kader vun der Kooperatioun substanzuell Montanten an d'Entwécklung investéiert ginn. Fir mech ass dës laangfristeg eng Investitioun an d'Sécherheet. Déi Virreiderroll, déi Lëtzebuerg an der Kooperatioun spillt, ass also net nëmmen aus humanitäre Grënn justifizéiert, mä hëlleft och an der Bekämpfung vum Terrorismus.

Doriwwer eraus geet et awer och drëms d'Kriseregionen esou gutt wéi méiglech ze stabiliséieren. Et ass jo bekannt, dass anarchistesche Zoustänn a Regiounen wéi dem Afghanistan, deen nach ëmmer net am Grëff ass, oder a verschidde Regiounen um südamerikanesche Kontinent, ideal Viraussetzunge schafen, fir Terroristen ze recrutéieren an auszubilden. Och an deem Domän hält Lëtzebuerg säi Wuert, hält seng Responsabilitéit am Kader vun der internationaler Communautéit. Esou kann ech d'Décioun vun der Regierung, fir Lëtzeburger Zaldoten a Friddensmissionen an den Afghanistan ze schécken, nëmme begréissen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Gesetzesprojet 4954 geet spezifesch op d'Problematik vum Terrorismus an. D'Juristesch Kommissioun huet et virgezunn dës Wee ze goen, anstatt mam System vun där Lëscht, déi virdu schonn hei ugeklongen ass, déi eenzel Infractiounen, déi an eise Droiit pénal virgesi sinn, un d'Problematik vum Terrorismus ze adaptéieren. Dësen zweete Wee wär zwar net nëmmen extrem komplex an ëmständlech gewiescht, mä en hält och den Nodeel, dass keng spezifesch an autonom Incriminatioun fir Terrorismusakten virgesi wären, esou wéi et an de verschiddenen nationalen Ofkommessen, déi Lëtzebuerg matdréit, gefuerdert gëtt.

Fir kënnen Terrorismusakten ënner Strof ze stellen, muss de Gesetzgeber dës fir d'éischt definéieren. Am Projet de loi ginn zwou objektiv Konditiounen an eng subjektiv Konditioun definéiert, déi musse kumulativ erfüllt sinn, fir dass en Akt vum Terrorismus virläit. An dëser Definitioun läit genau, an ech menge mir hunn dat erausfonnt an deene verschiddenen Diskussiounen, déi mir an der Commission juridique haten, d'Gratwanderung, déi de Lëtzeburger Législateur an dësem Gesetzestext muss maachen. Hie wëllt sech wuel op där enger Säit déi juristesche Méiglechkeete ginn, fir den Terrorismus esou effikass wéi méiglech ze bekämpfen, wëllt op där anerer Säit awer och ons demokratesch Grundprinzipien net a Fro stellen. Dës als Garant vum Rechtsstat.

D'Aféierung vun engem subjektive Kritär ass verständlech, wann et drëms geet all terroristesche Akten an d'Definition anzuschléissen. Op där anerer Säit ass et hei e subjektive Kritär, deen dem Pouvoir d'appréciation vum Richter ënnerläit, an et ass grad bei dësem Kritär, wou et drëms geet, mat aller Suergfalt virzegoen, fir dass mer net der Versuchung noginn, fir onse bedroete Rechtsstat, ons menacéiert Demokratie durch exceptionnel Moosnamen ze schützen, a grad durch dës Ausnahmenzoustand ipso facto eise Rechtsstat auszehillegen an domat och eis Demokratie.

Här President, ech hunn a menger Aféierung erkläert durch wat sech de modernen Terrorismus vun deem ënnerscheet, dee mir bis elo kannt hunn um Niveau vun der Preventioun, dat heescht Banditisme, grouss Kriminalitéit, mä lauter Infractiounen de droit commun.

De Gesetzesprojet, deen haut zur Debat steet, probéiert genau deenen Ennerscheeder Rechnung ze droen. Esou hunn ech vun där bis elo onbekannter Gewaltbereitschaft geschwat, déi et nach méi wichteg mécht den Terrorismusakt schonn a senger Preparatiounsphas ze vereiteln. Am Projet de loi si verschidde Moosnamen festgeluecht, déi dës sollen erméiglechen.

Doduerch, dass een engem Grupp terroristen ugehéiert, mécht ee sech no deem neie Gesetzesprojet och strafbar. Eng terroristesch Organisatioun ass definéiert als eng Grupp vu méi wéi zwou Persounen, déi sech bewusst iwwer eng gewëssen Zäit zesummendoen, fir en terroristeschen Akt ze begoen.

Hei wëllt de Législateur en terroristeschen Akt scho vereiteln ier d'terroristesche Zell aktiv gëtt a Schued kann urlichten. Dat proposéiert Gesetz geet also iwwert dat eraus, den terroristeschen Akt ze bestrofen, mä bestrooft schonn, an et ass virdu schonn ugeklongen, de Fakt enger terroristescher Organisatioun unzuehéieren.

Mir sinn eis alleguete bewosst, dass dat eng drastesch Verschäerfung vun eise aktueller Code pénal ass, mä et ass eben durch déi extrem geféierlech Situatiounen, wou mer d'accord ware fir op dee Wee ze goen. En Dirigeant vun enger terroristescher Organisatioun gëtt esou mat 10 bis 15 Joer Prisong an oder enger Geldbouss vun 25.000 bis 50.000 Euro bestrooft. Ech hunn och scho virdrun a menger Ried drop higewisen, dass et menger Meinung no schwéier ass mat héije Prisongsstrofen en Terrorist, e Profi, e Fanatiker, dee bereet ass säi Liewen ze opferen, vu senger Dot ofzeschrecken.

Trotzdem gëtt am Projet de loi mat extrem héije Prisongsstrofe probéiert op d'mannst eng ofschreckend Wirkung ze erreechen, esouguer den terroristeschen Akt, dee Menscheliwe gefuerdert huet, mat liewenslaanger Haft bestrooft. Et ass u sech den Effet de dissuasion, deen hei soll spillen, och wann dat, wéi scho gesot, bei fanatesche Profikiller risquéiert e Voeu pieux ze bleiwen.

Erëm begëtt sech de Législateur hei op eng Gratwanderung, mä mir hunn déi lescht Méint e Spagat gemaach, och an der Kommissioun, fir déi verschidden Definitioune mat eise Rechtsbefinden ënner een Hutt ze kréien, an trotzdem der Philosophie vum Projet de loi gerecht ze ginn, d'Gratwanderung tëschent dem legitime Wëllen d'Bevölkerung virum Terrorismus ze schützen, an der Gefor eis demokratesch Prinzipien ze verletzen. Zum Beispill kënnen net terroristesch Krimineller zu extrem heije Prisongsstrofe veruerteelt ginn. D'Lydie Err huet dat virdu scho gesot, well déi zwee objektiv Kritäre present sinn an dee subjektiven an hir Dot eraninterpretéiert kënt ginn oder gouf ginn ass.

D'Forces de l'ordre an de Service de renseignement ginn hei mat deem System héich gefuerdert an héich responsabiliséiert. Genau musse mir dorop oppassen, dass déi nei Pouvoiren, déi mer der Justiz bei der Bekämpfung vum Terrorismus zur Verfügung stellen, seriö, sachlech an extrem virsichteg ausgeübt ginn.

Här President, dat zweet Merkmal vum modernen Terrorismus, dat ech ervirgestrach hunn, ass säi globale Charakter. Ech hunn a menger Aleedung schonn drop higewisen, dass dës Zort vum Terrorismus nëmme kann durch eng ganz enk Kollaboratioun tëschent den Autoritéiten um internationale Plang bekämpft ginn. Eng Viraussetzung dofir ass eng Harmoniséierung vun den nationale Legislatiounen um Gebitt vum Terrorismus.

De Gesetzesprojet, deen haut soll gestëmmt ginn, ass en extrem wichtige Schrëtt an dës Richtung. Hien ass nämlech d'Transpositioun an eis Lëtzeburger Gesetzgebung vun deenen Exigenzen, déi sech an der Décision-cadre vum Conseil Justice et Affaires intérieures vun der Europäescher Unioun vum 13. Juni 2002 befannen. D'Décision-cadre vun der EU harmoniséiert d'Definitioun vum Terrorismus op europäeschem Niveau, an et ass d'absolut Basisviraussetzung, fir dass mer virukommen. Et ass dat essentiel, wesentlich, fir dass kann effizient an effikass géint den Terrorismus virgaange ginn. Gläichzäiteg gi Re-

gele festgeluecht, wat fir eng Gerichtsbarkeit, wat fir eng Juridiction kompetent ass, wann en terroristesche Grupp iwwert d'national Grenzen eraus operéiert.

De Gesetzesprojet stellt och d'Approbatioun vun der internationaler Konventioun iwwert d'Bekämpfung vum Finanzement vum Terrorismus duer, déi den 9. Dezember 1999 vun der Assemblée vun de Vereenegten Natiounen ugeholl gouf. D'Konventioun vun den Vereenegten Natiounen betrëfft e wichtigen, en absolut wesentleche Punkt an der Bekämpfung vum Terrorismus. Esou huet den Terrorismus haut finanziell Moyenen zur Verfügung, déi et erméiglechen Operatiounen vun engem bis elo onbekannten Ausmooss durchzeféieren. Dës Finanzquelle mussen ausgedréchent ginn, fir d'Menscheliwe ze retten.

De Projet de loi iwwert den Terrorismus incriminéiert de Finanzement vum Terrorismus a bestrooft de Geldgeber am selwechte Mooss wéi en den Terrorist selwer bestrooft. Hei mussen déi gespente Suen net onbedéngt fir en terroristeschen Akt benotzt gi sinn, fir dass dës Gelder incriminéiert ginn. Dat ass nees eng Verschäerfung vun der aktueller Strofgesetzgebung, mä a mengen Aen ass se justifizéiert.

Menger Meinung no missten hei d'Sanktiounen op déi eventuell Geldgeber eng ofschreckend Wirkung hunn a soumat dës Vollet vum neie Gesetz zur Bekämpfung vum Terrorismus bäidroen. Hei stellt sech natierlech och d'Fro, ob eise Justizapparat effektiv d'Moyenen huet, fir dës Geldgeber opzespieren. Et gëllt nach méi grouss Efforten ze maachen am Domän vun der Bekämpfung vun der Finanzkriminalitéit, fir ze erlaben, dass dës Gesetz, wat haut zur Debat steet, en effizienten Impakt kritt.

Interessant ass et och festzustellen, dass den Terrorismus als Infractioun an d'Gesetz iwwert de Blanchiment d'argent opgeholl gëtt. Ech mengen, et ass wichteg. Mir kommen ëmmer méi dozou, dass sämtlech Texter, esou gutt op nationaler wéi op europäescher Ebene, sech momentan ëmmer méi vernetzen, fir dass mer e ganz Gebilde kréien, fir deem Terrorismus eng breet Front ze presentéieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hunn a menger Ried probéiert ze weisen, dass dës Gesetzesprojet eise Justizapparat déi Instrumenter zur Verfügung stellt, fir déi Form vum Terrorismus, wéi mir se mat deenen erschreckenden Evénementen vum 11. September 2001 kenne geléiert hunn, ze bekämpfen. An där Hinsicht ass d'Initiativ vun dësem Gesetzesprojet, mä sinn och déi europäesch Texter, déi him zur Basis leien, absolut ze ënnerstëtzen.

Trotzdem wollt ech awer och weisen, an ech mengen ech hunn dat elo a mengen Développement bewisen, dass dës Zort Gesetzzer en Impakt kënnen hunn op d'Häerzstéck vun eise System, nämlich op d'Grundfräiheeten, op d'demokratesch Fräiheete vun onse Bierger. A mengen Ae musse mer dofir sécherstellen, dass mer mat extremer Suergfalt an dësem Domän légiféieren an eis net scheien d'Validitéit an d'Resultater vun dëse Moosname regelméisseg ze iwwerpräifen.

Ech soen lech merci a bréngen heimat den Accord vu menger Fraktioun.

M. le Président. - Merci, Madame Beissel. Als nächste Riedner ass den Här Aly Jaerling agedroen an domat ginn ech dem Här Jaerling d'Wuert.

M. Aly Jaerling (ADR). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt dem Här Rapporteur merci fir säi schréfftlechen a mëndleche Rapport, deen dat

erëmgëtt, wat am Fong an der Kommissioun majoritär beschloss ginn ass zu dësem Sujet. An no deem och d'Majoritéit hei duerchgesat huet, dass dës Projet um Ordre du jour bleift, musse mer eis eben domat ausernaner setzen.

Ech war just e bëssen erstaunt, dass d'DP sech virun der Ofstëmmung iwwert den Ordre du jour hei net geäussert huet. Do kënt engem jo awer emol de Verdacht kommen, dass och an der DP net jidderee frou ass iwwert dës Projet. An deem Zesammenhank stellen ech mer dann ëmmer Froe wéi déi Leit da mam Artikel 50 vun eiser Verfassung ëmginn, an ech mengen, déi Froe solle sech emol Verschiddener stellen.

(Interruptions diverses)

Här Rippinger, ech liewen ëmmer nom Artikel 50 vun eiser Verfassung. Dat misst Der scho bal eng Kéier hei gemierkt hunn.

Bon, egal wéi een et gesäit, an och wa Verschiddener dës Projet durch en ideologesche Brëll kucken, bleibt dësem Projet awer trotz allem näischt vu senger Wichtigkeet ewechgeholl. Bis elo war am Lëtzeburgeresche Recht kee Strofmooß fir den Terrorismus virgesinn, och wann déi eenzel Doten, aus deenen den Terrorismus besteet, strafbar waren. Mord ass strafbar, wéi och Strofdoten, déi d'Sécherheet vum Stat a Fro stellen an esou weider.

Bis elo si mer hei zu Lëtzebuerg glécklecherweis vum Terrorismus verschount ginn. Dat wat mir vum Terrorismus kennen, kenne mer méi oder weiniger aus de Medien. Mir hu keng IRA, mir hu keng ETA, an och vum Terrorismus, wéi deen, dee vun der RAF verbrach ginn ass, si mer glécklecherweis verschount ginn.

Just vläicht de Fall vum Bommeleeër, wann nach ee sech kann dorunner erënneren, hat och hei zu Lëtzebuerg fir Opregung gesuergt. Dës Bommen hu glécklecherweis nëmme materielle Schued ugeriicht, vläicht well dat och nëmmen esou gewollt war, mä dat huet eis awer deemools och scho virun Ae gefouert, oder hält eis misse virun Ae féieren, dass och mir an deem Beräich vulnérabel sinn, an awer bis haut hate mer eis nach net d'Méi ginn adequat Moosnamen ze ergräifen. Hätte mer eis deemools vläicht eescht-haft Gedanken driwwer gemaach a légiféiert, hätten d'Diskussiounen net an esou enger emotionaler an zum Deel och ideologesche orientierter Atmosphär stattfonnt, a mir hätten och vläicht eng équitabel Léisung am Zesammenhank mam Strofmooß fanne kënnen.

D'Fro am Zesammenhank mam Bommeleeër ass déi, ob dat wat hie verbrach huet, als Terrorismus kann aklasséiert ginn oder einfach als Dote vun enger dérangierter Persoun. Mä och eng dérangéiert Persoun kann en Terrorist sinn. Mir wëssen et net, well dës Affär ass jo bis haut komescherweis nach net opgekläert. Wa mer dat Gesetz haut stëmmen an de Bommeleeër stellt sech zoufälleg fräiwëlleg, well mir fänken e jo bestëmmt net, da musse mer eis domat ausernaner setzen, ob d'Dispositiounen vun dësem Gesetz op hien applicabel gewiescht wieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och wa Lëtzebuerg, ausser vun eise hauseegene Bommeleeër, verschount gouf vum Terrorismus, liewe mer awer net op enger Insel, an dat hu jo déi schrecklech Evénementen eis um internationale Plang hei a leschter Zäit genuch virun Ae gefouert, an och Angschtgefiller an Onsécherheet bei eise Bierger mat sech bruecht. Mir kënnen net einfach ignoréiere wat an der Welt geschitt. Den Terrorismus, wéi dee vun der ETA, vun der RAF oder och vun der IRA, waren a si regional begrenzt. Mir sinn dovun ausgegangen, dass dee sech dofir net bis heihinner géif ausbreeden. Dofir hunn och d'Regierungen

et vläicht net fir néideg fonnt deem-entspriechend ze handelen.

Den Terrorismus, dee mer awer haut erliewen, gesäit ganz anescht aus a schéngt eis no genuch, fir en ze fäerten, a muss eis derzou bewege besonnesch preventiv ze handelen. Haut kënnen mer eis virs-tellen, dass och Lëtzebuerg enges Dags vum internationalen Terroris-mus ka betraff ginn. Dofir menge mer, dass et gutt ass, dass dëse Projet virläit, an dass bei der Be-strofung vun enger Dot enger eventueller Motivatioun a Richtung Terrorismus muss Rechnung ge-droe ginn.

Wa mer also kee Problem mat der Noutwendegkeet vun dësem Ge-setz hunn, werft de Projet dach awer Froen op, déi mer net einfach esou kënnen iwwergoen. D'Defini-tioun, wéi den terroristeschen Akt am Artikel 135 (1) definéiert ass, schéngt eis deelweis onkloer. D'Fro stellt sech och: Gëtt et iwwerhaapt eng kloer Definitioum vum Terroris-mus? Den éischten Alinea vun deem Artikel schreift: « gravement déstabiliser ou détruire les struc-tures fondamentales politiques, constitutionnelles, économiques ou sociales d'un pays, d'une organi-sation ou d'un organisme interna-tional. » Dës Definitioum schéngt eis kloer.

Den zweeten Alinea awer: « contraindre indûment des pou-voirs publics, une organisation ou un organisme international à ac-complir ou à s'abstenir d'accomplir un acte quelconque. » Dee schéngt eis awer e bësse méi be-denklech. Mä wann dësen Alinea natierlech restriktiv géif ausge-luecht ginn, dann dierft u sech och mat dësem Alinea kee Problem op-tauchen.

Mä den drëtten Alinea: « grave-ment intimider une population », dat schéngt eis awer e bësse vague a wäit hiergeholl. Wéini kann ee soen, dass eng Populatioun gra-vement intimidéiert ass?

Fir op de Bommeleeër zrëck-zekommen, mir hu jo nëmmen dat Beispill: War d'Populatioun deemools gravement intimidéiert duerch d'Bommen, déi materielle Schued op wäit ofgeleeëne Plazen ugeriicht hunn? Kann zum Beispill en illegale Streik am öffentlichen Transport eng Populatioun grave-ment intimidéieren, wann e sech iwwer länger Zäit erauszitt? Dat si Froen, déi musse gekläert ginn. Dës Definitioum schéngt eis op jid-de Fall net prezis genuch, virun allem wann een d'Strofmooss kuckt, dat en terroristeschen Akt jo awer no sech zitt.

Eisen Hauptkritikpunkt vun dësem Gesetz ass awer d'Strofmooss, dat den Artikel 135 (2) erëmgëtt. D'Strofmooss vu 15 bis 20 Joer ins-piréiert sech aus der Décision-cadre, déi e Minimum vu 15 Joer virgesäit fir en terroristeschen Akt. Wa mer elo an an der Décision-cadre kucke wat fir eng Strofdoten do als terroristesch definéiert sinn, dann hu mer ënner anerem: les at-teintes contre la vie d'une person-ne pouvant entraîner la mort, l'enlè-vement ou la prise d'otages, la li-bération de substances dange-reuses ou la provocation d'incen-die, d'inondation ou d'explosion ayant pour effet de mettre en dan-ger des vies humaines an esou weider. 15 Joer minimum sinn do ubruecht an och an de Proportiou-nen zu eisem Droit. Well wa mer an eisem Code pénal kucken, da gesi mer, datt d'Strof fir eng Prise d'otages 15 bis 20 Joer virgesäit.

Elo komme mer awer zu deem, wat mer als ADR un dësem Projet virun allem kritiséieren, net well eng Strofdot an engem terroristeschen Zesummenhank méi schwéier be-strooft gëtt wéi eng Strofdot ausse-rhalb vun engem terroristeschen Zesummenhank, mä well dëst Ge-setz eiser Meenung no iwwert d'Zil erausschéisst. Well wa mer analy-séiere wat mat deem virleiende Projet kënn bestrooft ginn, do huelen ech zum Beispill en einfacht Beispill, de Recel vu gestuelene

Gidder, an eisem Code pénal ass eng Strof vu 15 Deeg bis 5 Joer vir-gesinn. Deem zukünftigen Artikel 135 (1) no kann dës Dot, wa se am Zesummenhank steet mat engem terroristeschen Akt, mat enger Pri-songsstrof vu 15 bis 20 Joer be-strooft ginn. Déiselwecht Dot kann also jee no Kontext zu enger Strof vu minimum 15 Deeg oder mini-mum 15 Joer féieren.

Domadder wëlle mer net soen, dass der Circonstance aggravante, wann dës Dot an Zesummenhank mat engem terroristeschen Akt steet, net soll Rechnung gedroe ginn, mä mer mengen awer, datt déisel-wecht Dot an deem enge Fall mat maximal 5 Joer an an deem anere Fall mat maximal 20 Joer, also véierfacht bestrooft gëtt, iwwert d'Zil erausschéisst an domat d'Pro-portionnalitéit vun de Strofen, ee vun eise Rechtsprinzipien, domadder eeschthafft a Fro stellt.

Mir sinn ëmsou méi der Meenung, datt et net néideg ass eis Rechts-prinzipien a Fro ze stellen, wat d'Fransousen eis virgemaach hunn, wéi een eng Dot méi schwéier bestrofe kann ouni d'Grundlage vun eisem System a Fro ze stellen. D'Fransousen hunn an der Gesetzgebung, wat den Terrorismus betrëfft, eng Staffellung agefouert. Wa mer hire System op eis Gesetzgebung uwende géifen, da géif de Recel an engem terroris-teschen Zesummenhank am-plaz mat 25 Deeg bis 5 Joer, mat 25 Deeg bis 7 Joer bestrooft ginn.

Den ADR ass der Iwwerzeegung, datt d'Décision-cadre net de Recel an engem terroristeschen Zesum-menhank am A hat, wéi se e Mini-mum vu 15 Joer festgeluecht huet. Eng Staffellung, wéi se am fran-séische Gesetz virgesinn ass, schéngt eis also am Aklang, net nëmme mat der Décision-cadre, mä och mat eise Rechtsprinzipien.

Eng nach méi grave Dispropor-tioun am Strofmooss, déi dëst Ge-setz als Konsequenz huet, ass déi, datt déi 15 bis 20 Joer Strof sech op all Strofdot bezitt, egal wat dës Strofdot ass. Recel, Prise d'otages, Brandstëftung, Leeë vun enger Bomm, alles gëtt an een Dëppe geschmass a mat 15 bis 20 Joer bestrooft. Et gëtt also keen Enner-scheid tëschent dem Recel an enger Prise d'otages gemaach. De Prinzip vun der Proportionalitéit vun de Strofe gëtt also duerch dëst Ge-setz opgehewen. Et kënn nach derbäi, dass d'Prise d'otages elo schonns mat 15 bis 20 Joer Pri-song bestrooft gëtt. No dësem Ge-setz gëtt d'Prise d'otages mat en-gem terroristeschen Hannergrond nach ëmmer nëmme mat 15 bis 20 Joer Prisong bestrooft.

Et ass och schwéier novollzéibar wuerfir eng relativ harmlos Dot, ech mengen ënner Guillemets, wéi de Recel, 5-mol méi schwéier be-strooft gëtt wann en en terroristes-chen Hannergrond huet, während d'Prise d'otages d'selwecht be-strooft gëtt, ob se elo en terroriste-schen Hannergrond huet oder net.

Här President, et ass schwéier sech haut ze entscheede fir oder géint dëst Gesetz. Engersäits be-steet d'Noutwendegkeet fir preven-tiv, awer geziilt géint den Terroris-mus virzegoen, anersäits sinn awer an dësem Gesetz eng Rei Ongereimtheeten dran, déi engem ze denke ginn. Dës hu mer versicht als ADR hei opzezielen an och a verschiddenen Diskussioune ver-sicht ze analyséieren. Och all déi Argumenter, déi meeschens vun ideologescher Siicht komm sinn, och déi hu mer versicht nozevoll-zéien.

Kloer ass awer fir eis, datt mat dë-sem Gesetz keng fräiheetlech Grondrechter a Fro gestallt ginn. Fazit ass, datt mer e Gesetz brauche wat kloer mécht, wat en Terrorist hei am Land ze erwaarden huet. Et ass och ugedeit ginn, dass d'Fräiheet géing a Fro gestallt gi mat dësem Gesetz, an ech sinn einfach der Meenung, dass een, dee Strofakte mécht, seng Fräiheet selwer a Fro stellt an domadder op

seng fräiheetlech Grondrechter verzicht, wann hien eng Strofdot mécht. Ech mengen, dat ass an al-le Fäll esou. D'Fräiheet, déi hei am Land a Fro gestallt gëtt, gëtt a Fro gestallt duerch Anarchisten an Ter-roristen an déi dierfe mer net gewäerde loossen an do musse mer kloer Akzenter setzen, dass mer hei am Land drop virbereet sinn, fir dat ze verhënnern.

Kloerstelle wëlle mer och, datt et net duer geet repressiv ze ginn an ze mengen dann hätte mer eist ge-maach. Ech mengen an der Ver-gaangenheet hate mer verschidde Gesetzter, do hu mer gemengt wa mer repressiv géife virgoen, dat géif duer goen. Ech menge bei der Drogegesetzgebung hu mer jo ge-sinn, dass dat net duer geet. Mä wichteg ass virun allem d'Preven-tioun an d'Zesummenaarbecht mat den internationalen Instanzen, fir d'Gefore fréizäitig ze erkennen a se och esou gutt wéi méiglech kë-nen ze neutraliséieren.

Wichteg ass awer besonnesch eng objektiv an onideologesch Opklä-rung vum Bierger ze garantéieren. Eng Opklärung, déi engersäits op d'Geforen opmierksam mécht an hien zur Mataarbecht opriff, anersäits muss et awer esou duer-gestallt ginn, datt mer net an eng Welt vun Denunziatismus oder Xe-nophobie erarutschen, déi eis ganz Integratiounsinitiative kënn a Fro stellen.

Här President, och wa mer hei uganks d'accord ware fir de Projet nach eng Kéier ze analyséieren, schéngt et eis awer wichteg eng kloer Ofschreckung am Zesum-menhank mam Terrorismus anze-féieren. D'Fro, déi sech just stellt, ass déi: Kënnen mer Persounen, déi bereet sinn hiert Liewen ewechze-geheie fir eng ideologesch, polites-ch oder reliéis Saach, iwwerhaapt ofschrecken?

Den ADR wäert dëse Projet stëm-men, well mer der Meenung sinn, datt mer trotz allem mussen deen éischte Schrëtt maache fir dem Terrorismus entgéint ze wierken an net nach solle Méint waarden oder waarde bis wierklech eppes ge-schitt, wann op eemol e Bomme-leeër optaucht, dee méi geziilt vir-geet.

Ech soen lech merci.

M. le Président. - Merci, Här Jaerling. Als nächst Riednerin ass d'Madame Renée Wagener age-schriwwen. Madame Wagener, Dir hutt d'Wuert.

Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG). - Merci, Här President. Ech wëllt ufänke mat enger klenger Anekdot.

Ech war virun e puer Deeg op en-gem europäesche Flughafen, an ech wollt mir, ier ech an de Fliger geklomm sinn, nach schnell eng Tut Nëss kafen an esou engem last minute shop. Do sot de Mann han-nert der Théik, ech misst mäi Flug-ticket ginn, hie misst d'Nummer op-schreiwen. Ech sot: Wéi dann, well ech eng Tut Nëss kafen? Hie sot: I have to check.

Dir Dammen an Dir Hären, dat ass d'Atmosphär, déi haut an Europa herrscht, zumindest op gewësse méi sensible Plazen. Et ass eng At-mosphär vu Repressioun a vu Mësstrauen.

Wat huet déi Anekdot mat deem Projet de loi ze dinn, dee mir haut hei stëmmen? Ech ka schonn héie-ren, dass d'Leit dee Lien net ge-sinn.

(Coups de cloche de la Prési-dence)

Ech denken, dass et e Lien gëtt. Ech denken, dass déi Moyenen, déi géint den Terrorismus agesat ginn, ganz oft Moyene vun Iwwer-waachtung a vu Kontroll sinn. Déi Moyenen hunn eng komplett nei

Dimensioun erreecht zënter dem 11. September 2001. Och um Ni-veau vun der Gesetzgebung schléit sech dësen neie Geesch-t nidd. Repressiv Gesetzter gi ge-schaffen oder verschäerft. An d'Re-pressioun gëtt och als Haaptmëttel oder souguer heiansdo als eenzegt Mëttel gesinn, fir géint dës Form vu Kriminalitéit virzegoen. Dat ass awer eng Form vu Kriminalitéit, déi no ganz anere Schemae funk-tionéiert wéi déi gewéinlech. D'Ter-roristen hänke gewéinlech net un hi-rem Liewen. Si gi warscheinlech och net a Strofbicher kucke wéi héich Strofe se kënnen riskéieren, wa se e gewëssen terroristeschen Akt maachen, mä si si vun enger Iddi motivéiert a gedriwwen, déi si selwer als déi eenzeg richteg aschätzen, an déi hir Doten an hi-ren A justifiéiert.

Dës reng repressiv Approche vun och elo europäesche Staten, an dann och vu Lëtzebuerg, wat déi Décision-cadre ëmsetzt, déi op eng politesch Analys verzicht, déi geet menger Meenung no um Phe-nomeen vum Terrorismus laanscht. Et feelt eng politesch Analys, an ech wëllt do e puer Beispiller ginn.

Wann een den Exposé des motifs kuckt, da kann een do liesen, mir misste „lutter de manière efficace contre la menace grandissante du terrorisme“. Dat ass vläicht net falsch. Wann een de Rapport vun der Kommissioun liest, da steet do ze liesen „structures nébuleuses et rusées“. Dat ass och vläicht net falsch, mä méi wäit geet d'Analys, déi gemaach gëtt, an deenen Tex-ter net. Dat ass eng relativ verkierz-ten Approche a mech erënnert se e bëssen un amerikanesch Filmer, wou et ëmmer e Béise gëtt, deen déi etabléiert Uerdnung a Gefor bréngt a wou d'Happy End dann antrëtt, wann e sécher hanner Git-ter gesat ginn ass. Et ass eng Ap-proche, déi iwwregens och am Sproochgebrauch vum Här Bush erëmkënn, wann hie vun der Achs vum Béise schwätzt.

Den Terrorismus brécht awer net iwwer eis era wéi eng Naturgewalt, mä et ass d'Reaktioun op jorzéng-telaang politesch an ekonomesch Entwécklungen. Et ass oft eng Änt-wert op Ennerdréckung an Aus-beutungsverhältnisse. Et ass eng Äntwert mat där een natierlech net brauch d'accord ze sinn, an et ass eng, déi een eiser Meenung no, als demokratesch denkende Mënsch, ganz kloer muss veruerteelen. Mä dat entléisst eis awer net aus eiser Pflicht, Dir Dammen an Dir Hären, fir iwwert d'Ursaache vum Terroris-mus nozedenken.

D'Ausbeutung vun der Drëtter Welt, de Kolonialismus, deen a mo-dern verpaakter Form weiderlieft, den Opportunismus mat deem d'USA an och Europa, jee no Kon-junktur, deen een oder deen anere Regime aus der Drëtter Welt ën-nerstëtzen, fir en dann erëm, wann d'Konjunktur sech ännert, zu Gon-schte vun engem anere falen ze loossen. Ech verweisen do op déi ganz pertinent Analys vun der Chambre de Travail, déi do nach eng Rei Beispiller och gëtt.

Déi rabiat Ëmsetzung vun ekono-mesche Globaliséierungskonzep-ter, d'Arroganz an de Rassismus vum Weste par rapport zu deenen anere Kulturen, dat ass d'Basis op där d'Iddi vum Terrorismus, dee jo eng Form vum Oplehnung géint de politesche System ass, eréischt entsteet, an déi entsteet och mees-chtens dann, wann de Spillraum fir demokratesch Reformen ëmmer méi kleng gëtt.

D'Madame Beissel an och anerer virdrun haten op d'IRA higewisen. Sécherlech d'IRA ass eng terroris-tesch Associatioun, mä et ass eng Reaktioun, déi een an en histo-resche Kontext muss setzen, an et muss een och drun denke wéi Eng-land mat Irland eng ganz Zäit laang ëmgaangen ass. Dat kann een net einfach ignoréieren. D'sel-wecht, fir en anert Beispill ze nen-nen, Tschetschenien. Natierlech kann een net mat deenen Terroris-

ten d'accord sinn, mä et muss een awer och de Kontext gesi vun en-gem Land, wat vu Russland futti gemaach an ausgeblutt ginn ass.

Här President, dat ass sécherlech net déi eenzeg Erklärung, wuerfir den Terrorismus vun haut bal ëm-mer eng fundamentalistesche reliéis an antidemokratesch Konnotatioun huet, mä et weist, dass de Modell vun der westlecher laizistescher Demokratie, anescht wéi viru vläicht nach 30 Joer, an de Länner vun der Drëtter Welt net méi a Moud ass, mä dass déi, déi sech géint Ausbeutung an Ongerech-tegkeet oplehnen, dat ëmmer méi an antimodernistesche Forme maachen, an dass et besonnesch Jonker sinn, déi sech a Palästina oder a Russland op eng mäer-deresch Aart a Weis, an net nëm-me sech selwer mä aner Leit mat ëmbréngen, oder sech soss op der Welt terroristesche Réseauen uschlëssen, deenen hiert Fernzil net méi d'Demokratie mä e Got-tesstat ass. Dat ass net nëmmen extrem beonrouegend, mä och en Ausdrock dovun, dass sech zumin-dest a gewëssene Bevölkerungs-schichten vun deenen neie Gene-ratioune par rapport zum Westen näscht méi erwaart gëtt.

Et gëtt natierlech och Theorien, déi dat e bëssen anescht gesinn, net esou negativ, an déi soen, dass déi terroristesch Bewegungen an hiren Ursprungslänner oft net dee Réck-halt hunn oder déi Verankerung, wéi mir dat an eise Medien ëmmer erëm och virgemaach kréien, mä dass u sech dat och eng Erpres-sungsmethod vis-à-vis vun den eegene Bevölkerungen ass, fir déi Leit, déi no méi Demokratie strie-ven, och ze stéieren an opzehalen.

Par rapport zu dësen Tendenzen, déi sech awer op där ganzer Welt äusseren, wär et fierchterlech ona-dequat, wann d'Äntwert vun Wes-ten sech op banal Repressioun géif reduzéieren, mä genau dat ass awer dat, wat elo mat där Décision-cadre geschitt ass, well déi Décision-cadre, dat staarkt politescht Signal, wat se soll ginn, déi haut dann och hei ëmgesat gëtt, reit sech net an e globalt europäesch Konzept vu politeschen Äntwerten an, dat och de Versteesdemech të-schent de Kulturen oder de Kampf géint ekonomesch Ongerechteg-keete géif beinhalten, mä se steet eleng do.

Här President, si geet och net op d'Problematik a wéi een tëschent Befreiungsbewegungen an terro-ristesche Gruppéierung kann dif-ferenzéieren. D'Madame Err huet virdru schonn eng Rei vu Beispiller genannt, déi weise wéi schwiereng, dass dat ass. Mir ass ënner ane-rem och nach den Nelson Mandela a sän ANC agefall, dee während Jorzéngten op eng ganz militant, fir net ze soe gewaltvoll Aart a Weis virgaangen ass, ANC, deen trotz-deem ëmmer als Befreiungsbewe-gung gegollt huet, an en Nelson Mandela, deen haut vun deene Gréissten op der Welt hoféiert gëtt.

(Interruption)

Et gëtt eng ganz Rei vu Beispiller, wéi den Här Garcia och elo drop hi-weist.

Dës Approche ignoréiert awer nach eppes anescht. Si ignoréiert den Zynismus vun de Grouss-muechten, déi oft aus reng finan-zielle Beweggrënn ëmmer erëm terroristesch Gruppéierungen oder Leaderen ënnerstëtzen, well et se an engem gewësse Kontext arran-géiert. A grad d'USA si jo bekannt dofir, dass se ondemokratesch Re-gimer an och ganz zweifelhaft Een-zelpersounen ëmmer erëm ën-nerstëtzen. Ech denken un den Irak an de Saddam Hussein. Ech denken un de Bin Laden. Et gëtt nach eng Rei vun anere Beispiller, wou d'Blat sech ganz spéit ge-dréint huet a wou dann och ver-giess gëtt wéi d'Vergaangenheet eigentlech war.

Dass ee muss op d'Gefor vum Ter-rorismus reagéieren, dat stellen och mir als Gréng net a Fro, mä

d’Fro ass awer mat wéi enge Moyenen a wat wëllt een erreechen? An do kommen ech dann op d’Fro vun der Effikassitéit, eng Fro, déi vun der Madame Ceroni an hirem Artikel „Terrorisme et involutions démocratiques“ am Detail analyséiert ginn ass, en Artikel, dee mir an der Kommissioun och vill gekuckt hunn, well en ënner anerem och vum Conseil d’Etat a sengem Avis zitéiert ginn ass.

D’Madame Ceroni stellt déi kruzial Fro: Brauch Europa nei Terrorismusgesetzter, a wann neen, wuerfir dëngen se dann? Hir Äntwert ass, fir hiren éischten Zweck, den Terrorismus ze bekämpfen, bréngen déi nei Gesetzter relativ weéneeg, mä si hunn aner Funktiounen. Si hunn engersäits eng symbolesch Funktioun a si hunn anerersäits eng operationell Funktioun.

Déi zwou Décisions-cadre iwwert den Terrorismus an iwwert de Mandat d’arrêt ginn iwwregens ëmmer als Reaktioun op den 11. September duergestallt. Dat stëmmt esou net. Si goufen zwar kuerz duerno vun der EU-Kommissioun virgeluecht, mä si ware scho Bestanddeel vun deem Programme d’action, deem 1999 zu Tampere festgehale gi wor.

Ech kommen da méi am Detail op d’Décision-cadre ze schwätzen, déi haut hei ëmgesat gëtt an ech wëllt do och e bësse méi e kriteschen Toun eschloe wéi dat virdru vun der Spricheerin vun der LSAP geschitt ass. Ech mengen, datt schonn hei fundamental Problemer optauchen. Et gëtt eng ganz Rei vun Infractiounen opgeléicht, déi sollen am Fall vum Terrorismus méi streng bestrooft ginn. Fir d’éischt emol stellt sech hei déi grondsätzlech Fro, ob een eng Hierarchie vun de Motivatiounen kann opstellen. D’Madame Beissel huet virdru gemengt, jo. Ech sinn do e bësse méi skeptesch. Ass e Crime méi schlëmm, jee nodeem aus wéi engem Motiv e geschitt, a wa jo, ass dann en terroristesch Motiv, wat zum Beispill zum Mord un enger Persoun féiert, méi grave wéi platt finanziell Beweggrënn oder mafios Motiver? Dat ass eng relativ schwiereg an heikel Fro.

Doniewent stellt sech awer grad esou eng delikat Fro, déi vun der Definitioun vum Terrorismus. Scho virdrun, ier déi Décision-cadre komm ass, hu sech eng Rei vu Leit dorunner versicht, meeschtens mat net ganz vill Succès. Esou mengt zum Beispill de Rapporteur spécial des Nations Unies sur le terrorisme: „Jusqu’à présent il a été impossible à la communauté internationale d’arriver à une définition généralement acceptable.“ An och bei den Aarbechte fir de Statut vun der Cour pénale internationale ass et op deem Punkt net zu engem Accord komm.

ONGen, Gewerkschaften an d’Société civile am Allgemenge weisen drop hin, datt déi Infractiounen, déi vun der Décision-cadre viséiert sinn, duerchaus och kënnent bei militanten Aktiounen ufalen, zum Beispill vu Gewerkschaftler, vu Globaliséierungsgéigner an esou virun. Et sinn hei besonnesch d’Infractiounen h, i, j, k an l, déi gemengt sinn. Ech liesen se net all am Detail no. Dir kënnt dat am Text gesinn.

Da gëtt geäntwert vun deene Leit, déi déi Décision-cadre ausgeschafft hunn, oder se verteidegen, jo, mä dat ass jo nach net alles, et muss och nach en terroristesche But verfollegt ginn. An dofir spillt och d’Definitioun vum Terrorismus eng immens wichteg Roll. Dat ass awer net esou einfach. Ech bréngen nach en Zitat vun der Madame Ceroni: „Comment identifier de manière univoque la frontière entre terrorisme, extrémisme violent, opposition politique, lorsque les actions matérielles sont identiques?“ An net nëmmen terroristesch Akte si jo hei viséiert, mä och nach d’Memberschaft an terroristesche Gruppéierungen, d’Participatioun esouguer u liciten Aktivitéiten.

Dat stellt dann indirekt och de Problem vun deene Lëschten a Fichieren, mat deenen am Kontext vum Terrorismus geschafft gëtt. Bei där Décision-cadre hänkt nämlech als Annex eng Lëscht un, vun där ech och d’Fro gestallt hat, wéi e juristesche Stellwäert se dann eigentlech hätt, wou eng Rei vun terroristeschen Organisatiounen an och vun Einzelpersonen opgezielt ginn. Ech hat och gefrot wéi déi zu Stane komm ass. Ech hunn herno nogelies, datt op alle Fall d’Europaparlament déi Lëscht net konnt virdru consultéieren, dat heescht, datt se also wahrscheinlech vun de Regierungen op Basis vun den Erkenntnisser vun hire Geheimdénchscher zesummegestallt ginn ass. D’Fro stellt sech awer, ob d’Regierungen an hir Geheimdénchscher ëmmer esou gutt gebriecht sinn, respektiv firwat datt déi Lëscht bestänneg erneiert an erweidert gëtt nom selwechte weéneeg transparente Muster.

Déi lescht Versioun ass iwwregens eréischt e puer Wochen al, si ass vum 28. Juni. Schon zënter enger Zäit stinn op där Lëscht och d’Volleksmudschahedin. Nodeem se säit Joren als Befreiungsbewegung ugesi goufen an och an deem Parlament offiziell emfaange goufen, ass et awer de 16. Juni a Frankräich zu Verhaftunge komm, och opgrond vun där Lëscht. Iwwregens huet och eise Parlamentspräsident sech fir déi virleefeg Fräilöschung vun der Madame Maryam Radjavi agesat, wat ech als en Akt vun Zivilcourage apprécieieren, mä och hie muss sech elo d’Fro stellen, ob hien net ënnert deem neie Gesetz als Sympathisant vun enger Terroristin agestuft a vum Spätzeldénchscher fichiéiert gëtt.

Deen dote Fall, Här President, weist op alle Fall ganz kloer wéi arbiträr d’Method vun där Lëscht ass a wéi schnell ee vum militante Befreiungskämpfer zum Terrorist ka ginn.

En anert Beispill vu Lëschten oder vu Fichieren, ass de Schengener Informatiounssystem. An do hu mer dann e spezifescht Lëtzebuerger Beispill, nämlech dat vum Här Ahmed Flidja, deem de 4. Juli 2000 vun der Lëtzebuerger Regierung ofgeschobe ginn ass, trotz dem zivile Widerstand vun enger Rei vu Manifestanten, an zwar well hie laut Schengener Informatiounssystem der Terrororganisatioun GIA géif no stoen. Deeselwechten Här huet no ville Péripétien elo endlech a Frankräich en Titre de séjour krut. Dat weist ënner anerem och, datt esou Inscriptiounen oft guer net haltbar sinn.

En drëtt Beispill ass dat vun enger Rei vu Particpants um Sommet vu Genua, vun deenen och muncher iertümlech als Terroristen agesat goufen. Mä, an do komme mer zum wickleche Kär vun der Décision-cadre, d’Madame Ceroni seet: „Inutile pour poursuivre, ce type d’infraction est utile pour rechercher.“ D’Pouvoirs policiers gi bei der Enquête méi grouss - et hu schonn eng Rei vu Virriedner a Virriednerinnen op déi Problematik higewisen -, wann ee sech op d’Incrimination vum Terrorismus baséiere kann. Den Asaz vun de Geheimdénchscher kriit esou eng nei Justificatioun.

Datt mat deem System Abüe viprogramméiert sinn, dat konnte mer och schonn ouni dat neit Gesetz erliwen. Ech erënnere lech un d’Aktioun, déi an den islamistesche Kreesser virun enger Rei vu Wochen oder Méint stattfonnt huet. Déi Aktioun huet ënner anerem dozou gefouert, datt och Leit ausgeweise goufen, déi keen anere Crime opzeweisen haten, wéi datt se illegal am Land waren. Wann d’Police hei net ënnert dem Label vun der Terrorismusbekämpfung aktiv gi wär, wär se ënner Emstänn guer net op déi Leit gestouss. Dës soisandant Nieweprodukter wäerte sech hefen, wann dat neit Terrorismusgesetz zum Asaz kënnt. An d’Fro gëtt vun der Madame Ceroni

opgeworf, ob esou Gesetzter net mëssbraucht kënne ginn, fir méi einfach ordinär Infractiounen ze konstatéieren. Grad am Beräich vun der illegaler Immigratioun ass dee Risiko natierlech besonnesch grouss.

Här President, verschidde Länner hu schonn zënter Joren Terrorismusgesetzter. Dat huet net verhënnert, datt sech och do terroristesch Strukturen weider verbreet hunn. Ech denken zum Beispill un Däitschland, wou bei de Castor-Transporter Anti-AKW-Widderständler iwwerwaacht a bespëtzelt gi mat risegem personellen an technischem Opwand, wann awer gläichzäitig beim Attentat vum 11. September dësen Attentat an deemselwechte Land Däitschland mat virbereet ginn ass, ouni datt d’Geheimdénchscher do vill konnten dergéint ausrichten.

Dat weist menger Meinung no drop hi wéi limitéiert dach awer d’Mëttel vun der Repressioun an där heiter Problematik ass.

Här President, ech kéim dann endlech zum Projet de loi selwer. Duerch déi Décision-cadre ass Lëtzebuerg also eigentlech gezwongen sech eng spezifesch Terrorismusgesetzgebung ze ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, mir hu bis haut zu deene Länner gehéiert, an dat si mer eis vläicht net esou richtig bewosst, déi bis elo drop verzicht hunn esou eng spezifesch Gesetzgebung ze hunn, an ech wëllt do e Journalist zitéieren aus dem Lëtzebuerger Land, de Peter Feist: „Vor allem die skandinavischen Staaten und die Benelux-Länder stehen vor einer Zäsur in ihrer Geschichtsschreibung.“ Wann een also u sech scho ka skeptesch sinn iwwert d’Ausrichtung vun der Décision-cadre, da wërf awer déi Lëtzebuerger Iwwersetzung an e Projet de loi nach weider Froen op.

Et ass schonn drop higewise ginn, dass dës Iwwersetzung vill méi wäit geet a méi vaste ass wéi dat wat eigentlech um europäeschen Niveau verlaangt ginn ass.

Éischtens stellt sech d’Fro vun der Lëscht vun den Infractiounen. Déi Problematik ass hei schonn ugeschnidde ginn. All Crime oder Delikt, wou d’Héchststroofmooss mindestens dräi Joer ass, gëtt hei considéiert, amplat datt ee sech genee un déi Lëscht géif halen, déi vun der Décision-cadre virgi gëtt. Dat wär vläicht, wann een an déi aner Richtung gaange wär, méi opwänneg gewiescht, fir déi Infractiounen an eise Code pénal ze cernéieren, mä et wéisst een awer wou een dru wier.

Mir haten do eng ganz Rei vun Diskussiounen an der Commission juridique a mir kruten och zu engem gewësse Moment eng Lëscht mat den Infractiounen, déi ënnert de Modell vum Mindesthéchststroofmooss vun zwee Joer gefall sinn, mat der Präzisioun, datt een awer guer net hätt all dës Infractiounen kënnen ermënnen, well et wäeren der därmoosse vill, dat heescht déi Lëscht war eigentlech schonn emol net komplett. Et wousst een also du schonn net, wat alles géing dorënn falen. Dunn huet d’Kommissioun decidéiert fir vun zwee op dräi Joer eropzuegoen, mir kruten awer keng nei Lëscht presentéiert. Wat also en fin de compte geännert huet, wéi vill Infractiounen maner elo viséiert sinn, wéi eng ewechfalen a wéi eng iwwreg bleiwen, dat si mer net gewuer ginn.

Här President, ech géif éischter mengen, dass et gutt gewiescht wär wann d’Regierung déi Aarbecht gemaach hätt an dat prezis an den Text dra geschriwwen hätt, dann hätten net nëmmen d’Terroriste gewosst wou se sech sollen drun halen, mä mir hätten och gewosst wat dat Gesetz hei géif beinhalten.

Här President, et ass och gesot ginn, dass keng Gradatioun vun de Peinë gemaach ginn ass, do brauch ech also net méi drop anzegoen. An da ginn zweetens awer eng Rei vun anere spezifeschen Infractiounen geschafft, haaptsächlech par rapport zum Groupe terroriste, an och hei stellt de Statsrot fest, dass d’Appartenance zu enger terroristescher Struktur méi streng bestrooft gëtt wéi déi zu enger mafioser. Hei kënnt also och erëm eng Keier déi Bewäertung eran, vun där ech scho virdru geschwat hunn.

Drëttens gëtt eng Dispositioun vun der Décision-cadre vum Projet de loi net iwwerholl, an zwar déi, dass näischt an dëser Décision-cadre kéint als Entrave op d’Mënscherechter interpretéiert ginn. An d’Arbeiterkammer weist zwar mat Recht drop hin, dass dat eng Déclaration d’intention ass, déi wahrscheinlech juristesch net ganz vill Wäert huet, mä et ass awer trotzdem interessant an et schwätzt fir sech, dass de Projet de loi dee Saz net mat iwwerholl huet. Ech hat dat och an der Kommissioun bemierkt, et huet awer net ganz vill geännert.

Vierte Punkt. D’Ëmsetzung vun der Konventioun vun den Nations Unies iwwert de Finanzement vum Terrorismus. Do huet den 11. September sécherlech gehollef, fir dass déi méi schnell ëmgesat gëtt oder ginn ass, nämlech schonn den 20. September duerno, also néng Deeg nom Attentat op de World Trade Center, well eigentlech läit déi Konventioun schonn zënter dem 10. Januar 2000 zur Ënnerschrëft vir. Eigentlech hat d’Assemblée générale vun der UNO schonn 1996 an 1997 a Resolutioun festgehalen, dass d’Länner hir Gesetzgebung an där Matière solle versterken.

Fënneftens, och beim Blanchiment huet et missen zum 11. September kommen, fir dass d’europäesch an an der Suite och déi Lëtzebuerger Gesetzgebung méi streng gëtt, wat jo fir Lëtzebuerg och méi en delikate Sujet ass, an ech hunn den Androck gehat, dass d’Reform vun 1998, déi jo nach net esou laang zrëckläit, wahrscheinlech do och net terribel wäit gaangen ass, soss misste mer elo net hei all dës Reformen duerchéieren a soss misste mer och net e ganze Projet de loi elo nach eng Keier erabrëngen, deem dann deemnächst hei och wäert zur Diskussioun stoen.

Sechste Punkt. D’Problematik vun den Ecoutes. Nom Modell vun der Organisation criminelle gëtt de Code d’instruction criminelle geännert, wat d’Informationspflicht iwwert d’Ecoute betrëfft. Do gëtt vum Délai, fir d’Persounen ze informéieren, déi ofgehéiert goufen, deem op maximal zwielef Méint fixéiert gi war an deem eng wichteg Brems eigentlech duerstellt fir déi individuell Rechter ze garantéieren, dérogiert, an zwar net nëmme fir de Fall vum Terrorismus, vun deem mer hei schwätzen, mä och nach fir d’Organisation criminelle an de grand banditisme.

Ech wëilt da ganz kuerz, Här President, op de Mandat européen agoen, deem ass zwar net an deem Projet mat dran, mä eigentlech sinn déi zwee Projeten oder déi zwou Décisions-cadre, déi hei sollen ëmgesat ginn, zwee Elementer vun enger Politik. Ech hat scho virdrun, wéi mer iwwert den Ordre du jour geschwat hunn, d’Fro opgeworf, firwat dës zwee Projeten net gemeinsam diskutéiert ginn. Huet dat eventuell déiwer Grënn, sollen do Lienen net ersichtlech gemaach ginn?

Dee Mandat européen bedeit nämlech eng Vereinfachung vun de Prozeduren bei enger Rei vun Infractiounen, ënner anerem den Terrorismus, an dat huet zur Konsequenz, wann ee weinst Terrorismus arréiert gëtt, wéi zum Beispill d’Madame Radjavi, vun där ech virdru geschwat hunn, oder wéi aner Leit, dass een dann och kann un en EU-Land ausgeweise ginn, an

dass dann de Prinzip vun der double incrimination net méi spillt.

Am Klortext, wann e mutmasslechen Terrorist opgrond vun engem Mandat vun engem anere Memberstat zu Lëtzebuerg zum Beispill festgeholl gëtt, da kann dat och opgrond vun enger présuméierter Infractioun geschéien, déi nëmmen an deem aneren, also am Emissiounsland, mat mindestens dräi Joer Héchststrof beluecht ass, an net zu Lëtzebuerg. Dat heescht de Spillraum fir Festnahmen ass also reell nach méi grouss, wann de Mandat européen kënnt, wéi mir dat hei elo an deem Projet de loi eigentlech gesinn. Dofir wär et enorm wichteg gewiescht, dass mer déi zwou Saachen hätte kënnen zesummen diskutéieren.

Här President, wéi mer an der Kommissioun iwwert dës Projet geschwat hunn, an ech mengen et wor an der leschter Sitzung, do huet den Här Minister gemengt, hie géif dovun ausgoen, dass dat Gesetz hei zu Lëtzebuerg kaum géif zur Uwendung kommen. Dat heescht et wär also haaptsächlech e politesch Signal. Wann et e politesch Signal ass, da freet ee sech awer fir wien. Ass et nëmmen e Signal fir de Bin Laden und Konsorten, oder ass et och e Signal fir all déi, déi Kriticke vis-à-vis vum bestehende System unzemellen hunn?

Et sinn déi berechtigt Ängschten, déi eng Rei vun ONGen, Gewerkschaften a Parteien dozou bruecht hu sech kritesch ze äusseren an déi och e Grupp vu Jonken zum Offhale vun engem Hongerstreik beweegt huet, eng Saach déi jo zu Lëtzebuerg net grad aldeeglech ass. Déi Ängschten, menge mir, sollt een als Regierung seriö huelen amplat se ze ridiculiséieren, wéi den Här Juncker dat anscheinend leschte Freide gemaach huet.

Ech kéim dann zu menger Konklusioun. Mat Décisions-cadre wéi där virleieder a mat Ëmsetzungssetzer, déi nach iwwert d’europäesch Zil erausschëssen, wéi deem wat d’Lëtzebuerger Regierung hei proposéiert, ginn d’Acquisé vum demokratesche System a Fro gestallt. An et gëtt schlussendlech genau dat gemaach wat de finale But vun deenen Terroristen haut ass, déi haut op der Welt haaptsächlech aktiv sinn: Zerstéierungen, d’Zerstéierung vun den demokrateschen Strukturen, d’Zerstéiere vu fundamentale Rechter wéi Meinungsfreiheet oder Recht op Schutz vun der Privatsphär. Den Terrorismus selwer awer kréien déi repressiv Moossmenge guer net an de Grëff.

Wa Repressioun net en Element an enger Palette vu Moossmen, mä déi eenzeg Waff géint den Terrorismus ass, dann ass dat eng reng technokratesch Approche, eng End-of-pipe-Approche, déi um Problem laanscht geet. Wann een net iwwert dem Terrorismus seng Urspréng nodeckt a versicht bei senger Wuerzelen unzesetzen, da kann een eiser Meinung no den Terrorismus net an de Grëff kréien, an dofir wäerte mir als grëng Fraktioun och géint dës Projet stëmmen.

Ech soen lech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Madame Wagener. Als nächste Riedner ass den Här Urbany agedroen. Här Urbany, Dir hutt d’Wuert.

M. Serge Urbany (déi Lénk).- Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et soll een den Terrorismus net bagatelliséieren. Mer hunn d’Attentater vum 11. September 2001 als déi Lénk vum éischten Moment un, iwwregens och hei an der Chamber, kompromisslos veruerteelt. A weider Attentater, egal vu wem se ausginn, musse verhënnert ginn. An dofir mussen déi néideg Mëttelen agesat ginn, awer ouni iwwert d’Zil eraus ze schéissen.

Den Terrorismus ass awer méi wéi dat Bild, wat mer allegueren am Kapp hunn. Den Terrorismus gëtt weltwäit benotzt als e Sammelbegrëff, als e Fourre-tout vun Iddie fir iwwert dat Zil do eraus ze schéis-sen a fir Leit zu Géigner ze deklariéieren, déi nëmmen an iergenden-ger Form déi bestehend Uerdnung a Fro stellen.

Dofir ginn och als Terroristen net nëmmen déi wierklech Terroriste bezeechent, déi zum Beispill, déi den 11. September organiséiert hunn. Déi sinn iwwregens nach ëmmer net fonnt ginn. Trotz Asaz vun deene schäerfste Mëttelen, trotz kriegereschen Aktiounen am Afghanistan, trotz Guantanamo, wou quasi an engem rechtsfräie Raum Leit kënnen gefrot an esouguer, wéi een héiert, heiansdo gefoltert ginn, fënnt een net eraus wou dann déi wierklech Terroriste sinn, déi un der Basis vun deem Attentat do stinn.

Och an ondemokratesche repres-sive State ginn dacks einfach nëm-me politesch Géigner zu Terroris-ten erkläert, zum Beispill déi natio-nalistesch Bewegungen an der Türkei, an esou weider.

Et ass och gewarnt gi virdrun, dass déi europäesch Direktiv wäit iwwert d'Zil vun enger Bekämpfung vu wierklech geféierlechen Attentäter géif eraus schéissen. Et ass virdu gewarnt ginn, dass se géif on-zoulässeg pauschaliséieren, dass se eng geféierlech Dynamik géif ausléisen, déi d'Grondrechter géif riskéieren a Fro ze stellen.

Den Här Santer huet eis eng Welt virgezechent vu Chauffeuren, Gäertner a Kannermeedercher vun Topterroristen. Hien ass souguer op d'flaacht Land erausgaangen, wou auscheinend kommunal Politi-ker um lafende Band ermuert ginn. Hie kuckt wahrscheinlech ze vill „Bulle von Tölz“.

(Hilarité)

D'Madame Beissel hirersäits huet eis entfouert an...

(Interruption)

Ech kucken en och gär, soss wéisst ech et jo net.

(Hilarité)

D'Madame Beissel huet eis ent-fouert an 1001 Nuecht mat den Haschachinen an aneren aben-teuerleche Gestalten.

Dat fir e bëssen eng Typologie ze zeechne vum Terrorist an ech wëll net soen, dass et déi Typologie net gëtt, mä ech mengen, dass et awer eng Ofenkung ass vun deene reel-le Problemer, déi all déi Leit bewe-gen, déi an dëser Fro warne viru Konklusionen, déi vill ze vill wäit gi bei der sou genannter Bekämp-fung vum Terrorismus.

Déi belsch Penalistin, déi schonn hei zitéiert ginn ass, d'Madame Cesoni, déi och vum Statsrot iww-regens zitéiert ginn ass, beschreift menger Meenung no an hirem Arti-kel an der renomméierter Revue belge de droit pénal et de criminolo-gie ganz genau déi Dériven, wou si fäert a wou mir alleguerte fäer-ten, dass déi Gesetzgebung hei kéint Ulass dozou ginn. Domat läit si méi no bei der Realitéit wéi dat, wat virdrun hei gesot ginn ass. Si schwätzt vun enger neier Genera-tion vun Infractiounen, déi sou-wuel eng symbolesch wéi och ope-rationell Funktioun hätten. «Symboli-ques,» seet se, «puisqu'elles cer-nent les nouveaux ennemis pu-blics, ces infractions servent no-tamment à justifier l'adoption d'autres dispositifs de type procé-dural (techniques particulières d'enquête policière, extension et ramifications des banques de don-nées, octrois de bénéfices aux «repentis»), qui serait autrement ren-due difficile par les restrictions des libertés et les violations des droits fondamentaux qu'ils entraînent».

Si mécht och de Lien mat polite-schen Aktiounen. Si schwätzt vun der « occupation de sites publics durant une grève, le blocage d'un aéroport pour empêcher l'expul-

sion de sans-papiers, voire les ac-tions de grèves comportant l'inter-ruption de services publics qui fournissent des ressources natu-relles (qui) risquent de tomber sous le coup des infractions terro-ristes. » A si bezitt sech dobäi op déi Bréissler Direktiv an hirer Fas-sung vu virdrun, well an hir lescht Fassung, déi no deem Artikel do erauskomm ass, ass eng relativ li-mitéiert Lëscht vu schwéiere Ver-gehen ageschriwwen ginn, vu schwéiere Kierperverletzungen a massive materiellen Degradatiou-nen, als terroristesch Basisinfrac-tiounen, contrairement zu eisem Gesetz also. An dat wa mat esou Infractiounen ënner anerem e Stat soll zu iergendengem Akt gezwon-ge ginn, dee fir hie schwerwiegend Konsequenzen huet.

Dat heite Gesetz geet bekanntlech vill méi wäit, wann et ugeholl gëtt. Da gëtt bei all klengerem Delikt d'Méiglechkeet geschafe vun en-ger krimineller Qualifikatioun vun deem Delikt, wann d'Auteuren do-mat bewosst - ech widderhuelen et nach eng kéier - wëllen e Stat zu iergendengem Akt zwingen, dee sengen Interesse schwerwiegend schuet. Et muss een einfach deen nebulöse Charakter vun där Defini-tioun gesinn. Do geet et duer, wann dat hei ugeholl gëtt, fir dann aus engem Delikt op deem eng Maxi-malstrof vun dräi Joer steet, vläicht awer zum Beispill nëmmen eng Mi-nimalstrof vun e puer Deeg oder vun engem Mount - et gëtt ëmmer vun der Maximalstrof geschwat -, fir doraus e Schwéierverbrechen ze maachen op deem 15 bis 20 Joer Prisong stinn. An op déi 15 bis 20 Joer Prisong geet vun der Ba-sisinfractioun aus an engem Siess de Lift erop, ouni dass do déi ge-réngste Gradatioun vun de Peiné géif agefouert ginn.

Duerfir mengen ech, zesumme mat villen aneren, déi sech heizou geäussert hunn, dass wesentlech Prinzipie vun Strofrecht dobäi vio-léiert ginn, wéi de Prinzip vun der Legalitéit a vun der Proportionalitéit vun den Infractiounen a vun de Strofen, déi net nëmmen an eisem Recht, mä och am europäesche Recht verankert sinn. Dat frap-pantst Beispill ass menger Mee-nung no dat vun der Confédération paysanne vum José Bové, well et passt op dese Projet wéi d'Fauscht op d'A, och wann d'Majoritéit gesot huet an der Kommissioun, fir si wier de José Bové keen Terrorist.

Fir kuerz ze soen, de José Bové sëtzt elo a Frankräich fir e puer Méint am Prisong, well hie sech un Infractiounen bedeelegt huet, op deenen och an eisem Code pénal e Maximum vun dräi bis fënnef Joer Prisong dra steet. Ech zielen op: Symbolesch Degradatioun vu klengere Récolté vu genmanipu-léiertem Mais an eng éischter sym-bolesch geringfügeg Zerstéierung vu Gebaier an Ariichtunge vu Mc Donald's.

Ouni Zweifel wollten déi Bauerever-trieder, wéi si dat gemaach hunn, d'Regierung zu enger bestëmmter Haltung forcéieren, vun där d'Re-gierung och der Meenung ass, dass si hir kommerziell Interesse grondleeënd schiedegt, zum Bei-spill am Kader vun der Welthan-delsorganisatioun.

Domadder wieren all d'Elementer do, fir no deem heiten neie Gesetz eng Infractioun vun Terrorismus ze charakteriséieren. Si sinn net onbe-déngt an der europäescher Direk-tiv, well d'europäesch Direktiv schwätzt vu massive materiellen Zerstéierungen.

Wa vu Gewalt Rieds geet, da muss ee jo wëssen, d'Gewalt gëtt jo net eréischt gestrooft an eisem Code pénal mat deem heite Gesetz. Fir all déi Strofdoten, déi ech elo ge-nannt hunn, si Penalitéite virgesinn, souwuel fir déi méi kleng Strofdo-ten, souguer relativ héich Penalitéi-ten, well eise Code pénal ass jo een, deen zimlech d'Propriétéit schützt, an och fir déi grouss In-fractiounen alleguerte bis bei de Meurtre, bei den Assassinat. Do

ass liewenslänglech virgesinn. Méi wéi liewenslänglech gëtt et net als Strof.

Et sinn an eisem Code pénal Saache virgesi fir de grouss Ban-ditismus ze bekämpfen, fir an der Sécurité extérieure virzegoen, an esou weider. Dofir freet ee sech, an d'Madame Cesoni freet sech dat och, firwat dann dat heite Gesetz? An ech mengen, dass eng vun de wesentlechen Erklärunge vun deem heite Gesetz dora besteet, dass et erlaabt preventiv Enquêtes ze maachen, wann de Verdacht besteet, dass Aktivitéite begaange ginn oder kéinte begaange ginn, déi emol eng kéier kéinten ënnert den Terrorismusverdacht falen.

Eng wichteg Roll spille jo d'Natur an de Kontext vun deenen Aktivitéi-ten, besonnesch wa se vu Gruppe begaange ginn. Do gëtt zum Bei-spill déi einfach Bedeelegung u le-galen Aktivitéite vun esou engem Grupp scho strofbar, also och Géi-gestand vun Ermittlungen.

An da gëtt jo elo, wat deen neie Projet de loi ugeet vum Service de renseignement, den Terrorismus als deem seng Haaptaufgab prak-tesch doran ageschriwwen. Dat heescht, de Service de renseigne-ment gëtt zoustänneg bei quasi alle strofrectleche Bestandopna-men, soubal de Verdacht op e poli-teschen Hantergrond besteet. „Ein Beruf mit Zukunft“ schreibt d'Lëtze-buerger Land a schwätzt vu bis zu 60 Agentinnen an Agenten, déi déi Administratioun soll kréien, wa se reforméiert ass.

Den Artikel 88.3 vum Code d'in-struction criminelle erlaabt dësem Service mat de géeegeten tech-nesche Mëttel d'Kontroll vun all Zort vu Kommunikatiounen ze maachen.

Virun 20 Joer, ech hunn dat nogelies, hunn an dësem Haus memo-rabel Ausernanersetzungen statt-fonnt, ënner anerem tëschent dem Här Robert Krieps an dem Här Nic Mosar. De Robert Krieps huet ver-laangt de Spëtzeltingscht ofze-schaffen an d'Police verantwortlech fir déi Aufgaben ze maachen, déi no normale Regele vun der penaler Prozedur sollte geregelt ginn.

Elo fënnt de Contraire statt. De Ser-vice de renseignement kritt Aufga-be bei normale strofrectlechen Delikter mat politischem Hanter-grund an e féiert déi Enquêtes duerch, ouni op de Code de procé-dure pénale mussen opzepassen.

D'Police hirersäits wäert och d'Méi-glechkeet kréie mat deem heite Gesetz méi preventiv ze ermët-te-len, woubäi se bis elo ermëttelt huet, wann e konkrete Verdacht vir-long.

Da ginn tëschent der Police an dem Service de renseignement Fi-chieren ausgetosch. Dat gesäit de Projet de loi iwwert de Service de renseignement ausdrécklech vir a sengem Artikel 3: « Le Service de renseignement communique les in-formations collectées dans le cadre de sa mission aux autorités policières (...) Les autorités poli-cières communiquent les informa-tions utiles à l'exercice de sa mis-sion au Service de renseigne-ment. »

Do kéint ee mam Günther Grass soen: „Ein weites Feld“, wat sech do opdeet, an op deem Feld ris-kéieren déi individuell Fräiheeten, riskéiert den Droit de la défense op der Streck ze bleiwen.

Et sinn och nach an deem Text Saachen dran iwwert den Témoïn anonyme. Wann en Agent vum Ser-vice de renseignement ausseet vir-un engem Gericht oder virun en-ger Verwaltung, därerf hie seng Sourcen net präisginn, dat heescht...

■ M. le Président.- Här Urba-ny, ech wollt lech drop opmierksam

maachen, datt Är Riedezäit ofgelaf ass.

■ M. Serge Urbany (*déi Lénk*).- Ech wëllt nach e Beispill ginn, well dat elo ganz aktuell ass. Ech froe mech zum Beispill hei an ech wier nawell frou, wann ech eng Äntwert drop géif kréien, opgrond vu wat fir Bestëmmungen an op-grond vu wiem sengen Uweisun-gen a leschter Zäit Fotoe vun dau-sende vu Manifestanten, zum Bei-spill bei Friddensdemonstratiou-nen, kënnen gemaach ginn, oder elo zum Beispill dobausse Fotoë gemaach gi vun deene Leit, déi do mat villem Engagement Zivilcoura-ge bewiesen an dobaussen de-monstréieren, wou vill gewichteg Stëmmen hei am Land schweigen, wann et ëm e wichtege Gesetzes-projet hei geet? Aus wat fir engen Ursaachen, Här President, ginn déi Leit dobausse fotografiéiert, wa se hei friddlech demonstréiere virun eisem Parlament?

(Interruptions diverses)

Ech wollt nach eppes soen iwwert déi limitativ Lëscht vun Infractiou-nen an iwwert dee Problem, dee sech doraus besonnesch fir Lëtze-buerg ergëtt, hei am europäesche Kontext, wou jo Lëtzebuerg eng Sonderroll anhëlt, mä well ech déi Saache schonn a mengem schrëft-leche Beitrag erwähnt hunn, wëll ech elo net méi dorop agoen.

De Minister huet an der Kommis-sioun selwer gesot, dass hien net fäeg wier eng exakt exhaustive Lëscht vun allen Infractiounen op-zustellen, déi ënnert d'Méiglech-keet vun enger terroristescher In-fractioun an Zukunft wäerte falen, wa mer deen heiten Text unhuelen. Well da si jo all Infractiounen vu méi wéi dräi Joer Prisong dovü be-traff an et ass onméiglech aus alle Gesetzer an aus alle Reglementer eraus, déi an deene leschten 100 oder 200 Joer hei gestëmmt gi sinn oder ugeholl gi sinn, eng Lëscht ze maachen, wat fir Infractiounen iw-werhaupt betraff sinn. Dat ka kee soen. Dat ass d'Nebulös vun där de Statsrot schwätzt.

Dofir, aus all deenen Ursaachen, ech hu leider, wéi Der wësst, wéi-neg Zäit hei Saachen ze dévelop-péieren, wëll ech awer zum Schluss soen, dass ech mengen d'Chamber sollt sech nach eng kéier gutt iwwerleeë wat se mécht a si soll den néidege Courage op-bréngen, fir zu deem heite Gesetz Neen ze soen a ganz zum Schluss wëll ech nach en Zitat aus dem Journal vun haut bréngen. Ennert dem Titel: „Répression, Régres-sion“ gëtt de Cardinal Mercier zi-téiert, dee gesot huet: „Quand la prudence est partout, le courage n'est nulle part.“

■ M. le Président.- Merci, Här Urbany. Als nächste Riedner ass den Här Alex Bodry agedroen. Den Här Bodry huet d'Wuert.

■ M. Alex Bodry (*LSAP*).- Här President, Dir Dammen an Dir Hä-ren, meng Fraktiounskolleejin, d'Madame Lydie Err, huet an der gewinnter excellenter Manéier de Prinzip am Detail erkläert, wat d'Oppositioun vun der LSAP-Frak-tioun zu dësem Regierungsprojet ausmécht. Ech mengen, vun eiser Säit gëtt net d'Bekämpfung vum Terrorismus a Fro gestallt, och net d'Noutwendegkeet fir konzertéiert op europäeschem Plang virze-goen, och net fir nei Instrumenter ze schafen, mä wat vun eis hei un de Pranger gestallt gëtt, dat ass eng net korrekt Emsetzung vun in-ternationalen Texter duerch deen heite Projet, duerch dës Regierung an, wéi ech fäerten och, herno duerch dës Majoritéit.

(M. Jean Spautz reprend la Présidence)

Et muss ee sech d'Fro stellen, ob d'Regierung lues a lues amgaang ass de Wee vum bon sens, de Wee vun der Virsiicht ze verloossen, mat neie repressiven Instrumenter am Beräich vun der Kriminalitéits-bekämpfung. Gëtt hei net de Prin-

zip vun der Verhältnisméissegkeet vun de Mëttelen zum Zweck ver-looss? Mir stellen eis déi dote Fro. Mir si besuergt, dass Schrëtt fir Schrëtt duerch eenzel Texter, an ech kommen och op Beispiller zrëck, dee schonn delikaten Equili-ber tëschent den öffentleche Fräi-heeten an den Noutwendegkeete vun enger Kriminalitéitsbekämp-fung usazweis zumindest a Fro gestallt gëtt duerch dës Regierung an duerch dës Majoritéit.

Ech erënneren un de Virstouss vum leschten Dezember, déi sou ge-nannte Lex Greenpeace, déi den Hausfriddensbroch schwéier be-strooft an ënnert dem Protest vu vil-le Säiten, vun der Regierung sel-wer an der Tëschenzäit hallef zrëckgezu ginn ass. Och do er-kennt een éischt Usätz, fir gewë-se Prinzipien a Fro ze stellen.

Ech erënneren och hei un de Re-gierungsprojet iwwert den anony-men Témoignage, dee mer nach wäerten hei an der zoustänneger Kommissioun an an der Chamber ze diskutéiere kréien, dee ganz vill prinzipiell Froen opwërf a wou eminent Juriste sech a leschter Zäit zu Wuert gemellt hunn an dat Ganzt esouguer als eng Erëmbelie-wung vun der Inquisition un de Pranger gestallt hunn. Do ass vill Matière à discussion.

Ech erënneren un de rezente Vir-schlag vum DP-Generalsekretär an Transportminister, fir d'Fernsehiw-erwaachung op eise Stroossen anzeféieren. Big Henry is watching you! D'Regierung schéngt sech do nach Gedanken driwwer ze maachen, mä och dat wërf vill prinzi-piell a fundamental Froen op vu Vereinbarkeet mat öffentleche Rechter a Fräiheeten.

Ech erënneren och, a grad am Ze-summenhank mat där Diskussioun vun elo, un déi Reform vum Spët-zeldéngscht, vum Service de ren-seignement, wou d'Regierung pro-poséiert deem seng Kompetenz vum der Sécurité extérieure ausze-weiden op d'Bekämpfung vum Ter-rorismus, och esouguer vum Crime organisé, wann en a Relatioun mam Terrorismus steet. Hei maache mer eng large Definitioun vum Acte terroriste an domadder geet selbstverständlech och de Champ d'activité, de Champ d'ac-tion vum Service de renseignement gläichzäiteg automatesch auser-neen, mat der Fro, awéiwäit déi Ak-tivitéiten do wierklech effektiv ze kontrolléiere sinn, sief et op admin-istrativem Plang, sief et op poli-teschem Plang.

Et gesäit ee bei der Oplëschtung vun eenzelne Regierungsvorha-ben, dass mer ufänken, an déi Dis-kussiounen hate mer jo jorelaang net méi hei zu Lëtzebuerg, an deem Beräich vum Strofrecht eis dann awer seriö an eng Richtung ze bewegen, déi riskéiert fragile Equilibre vun der Vergaangen-heet a Fro ze stellen.

An dësem Text geet et jo drëm fir haaptsächlech international Rech-ter a besonnesch europäescht Recht ëmzesetzen. Den Akt vum Terrorismus soll hei op méi primär Infractiounen applizéiert ginn, wéi dat an deenen aneren eu-ropäesche Länner de Fall ass a wéi dat besonnesch och vun der Décision-cadre verlaangt gëtt vun de Memberstate vun der Europäe-scher Unioun.

Dat geschitt, sot haut praktesch all Riedner, eleng aus techneschen Ursaachen. Et wär keng elegant le-gislativ Technik, fir an engem Arti-kel all Infractioun am Detail opze-zielen. Et wär besser, et géif een dat an engem Saz maachen an do-madder wär den Text da méi iw-versichtlich.

Ech muss soen, dat Argument do iwwerzeegt mech net. Éischstens muss ech soen, dass ech bis elo kee Land kenne wat op de Wee geet vu Lëtzebuerg. Mir schéngen, esouwäit déi Texter, déi den Depu-téierten zouänglech waren, dat eenzegt Land ze si wat sech op deen dote Wee avancéiert, ech

géif bal soen aventuréiert. All déi aner Länner sinn op de Wee gaangen, déi, déi et bis elo ëmgest hunn, dat sinn der nach net schrecklech vill, fir eng Opzielung vun den eenzelnen Infractiounen virzehuelen, an ech mengen, dat wär eigentlech och eng Regel vum bon sens, wou mer gutt hätten eis do-runner ze inspiréieren an net hei eege Lëtzebuerger Weeër op deem dote ganz minéierten Terrain ze goen.

Déi Aart Täschenargument ass net stéchhaltig, mä virun allem hunn all d'Riedner vun der Majoritéit haut vergiess dat zweet Argument opzeféieren, wat awer an der Kommissiounssitzung vun der Vertrie-derin vum Ministère gesot ginn ass. Si sot jo, ee Grond, deen zweete Grond, firwat dass mer op deem dote Wee ginn a wëlle ganz large eigentlech deen Akt vum Terrorismus hei zu Lëtzebuerg an d'Strof-recht verankeren, dat ass dee vun den techneschen Ursaachen.

Mä si huet och en éischte Grond genannt. Ech zitieren: „Parce que le terrorisme est susceptible de se manifester par rapport à un éventail plus large d'infractions primaires que celles prévues dans la décision-cadre.“ Et ass also déi politesch Absicht vun där Regierung, a wann d'CSV an d'DP dat stëmmen, vun där Majoritéit, fir hei wierklech méi Infractiounen ënert dee Begrëff vun Terrorismus kënnen eranzehuelen, wéi d'Directive-cadre dat virgesäit. Dat ass net, géif ech soen, eng automatesch Répercussioune vun där Technik, déi gewielt ginn ass, mä et ass eng politesch Absicht fir dat hei ze maachen. Just, si haten net de Courage dat haut de Mëtteg an den Debatten esou kloer ze soen, wéi d'Vertrie-derin vum Minister dat an der zoustänneger juristescher Kommissioun am Numm vum Minister deklaréiert huet.

Ech muss nach eng Kéier d'Fro opwerfen, firwat bei esou enger wesentlecher Fro eis den Avis vum Parquet général net virläit. An der Sitzung ass gesot ginn, de Parquet général ass consultéiert ginn. Firwat gëtt der Chamber net dat Schrëftstéck zur Verfügung gestallt?

Wisou geet d'Regierung net hin, wa se schonn eng Commission nationale vun den Droits de l'homme kreéiert, an esou engem wichtege Projet, deen awer effektiv ganz kriddeleg ass an där Fro vun de Mënscherechter, a si freet déi Kommissioun do ëm hiren Avis? Och dat sinn, mengen ech, Lacunen, déi Froen opwerfen, ob dat doten nëmmen eng schlampeg Aart a Weis ass fir virzegoen oder ob do politesch Absicht hannert deem ganze Virgoe steet.

Wisou och, froen ech mech, déi Hektik an deene leschten Deeg? Mat deem ganz ausseruerdentleche Virgank, dass de Rapport vun der Kommissioun scho faerdeg war ier iwwerhaapt d'Diskussiounen an der zoustänneger Chamberkommissioun ofgeschloss waren. Den Avis complémentaire vum Conseil d'Etat war nach net diskutéiert a scho louch e Projet de rapport vum äifrege Rapporteur vir, wat herno dann zu engem peinelche Rectificatif zu deem Rapport huet misse féieren.

Ech froe mech: Wou bleift do déi vill zitéiert roueg Hand? Wou bleift déi Serenitéit, déi Besonnenheet, déi vu verschiddene Leit an der Diskussioun ronderëm d'Kriminalitéitsbekämpfung ëmmer erëm zitéiert ginn ass? An ech froe mech: Wat sollen an deem ganzen Zesummenhank dann och déi Aussoen, déi de Premier anscheinend de Moien an enger Entrevue mat deene jonke Leit gemach huet, déi an deene leschten Deeg hei virun der Chamber géint deen heite Projet de loi demonstréiert hunn, nodeems hie se lächerlech gemach huet de leschte Freiden?

Hëpp, Volte-face, eng Kéier ëm 90 Grad, an haut gëtt da praktesch suggéiert iwwert eng Motioun

dann eng Klorstellung vun deem heiten Text ze kréien. Alles dat ass fir mech onverständlech. Dat ass net en Zeeche vun Iwwerzeegtheet vun deem wat een hei wëllt maachen, mä et ass fir mech e kloer Beweis vu grousser Hektik a vun Onsécherheet an deem heite Beraich.

Ech géif net nëmme soen, dass mer an engem wesentleche Punkt iwwert dat erausginn, wat mer eigentlech op europäeschem Plang misste maachen a sollte maachen, well deen eegene Wee, dee Lëtzebuerg geet, dréit sécherlech net zur Harmoniséierung bái op europäeschem Plang, dee suergt eigentlech fir Confusioun, well Lëtzebuerg hei op en anere Wee geet, wéi bis elo all déi aner Länner, déi déi heiten Texter schonn ëmgestat hunn. Mä wat mech besonnesch beonrouegt, an do wëll ech insistéieren hei, dat ass, dass mer souguer an engem Punkt menger Ansicht no kloer verstousse géint den Text vun der Directive-cadre.

(Interruption)

Dir kennt déi Motioun net? Ech weess, dass de Premier...

(Interruption)

Neen, de Premier huet den Demonstrante suggéiert fir duerch Kontakter, notament mat senger Fraktioun kloerzestellen, dass eventuell eng Motioun kéint kommen, déi sech esou enger Initiativ net géif opposéieren.

Dir kennt jo dem Premier d'Fro stellen, ob dat da stëmmt wat ech hei weiderginn.

Dat sinn op jidde Fall déi Aussoen, déi déi jonk Leit mir géigeniwwer gemach hunn, déi dat aus där Entrevue mam Premier mat erausgezunn hunn.

Här Rippinger, et ass lech fräigestallt, selbstverständlech, ze vérifiéieren, ob dat, wat déi jonk Leit mir verzielt hunn, richteg ass. Ech gleewen hinnen op jidde Fall op deem dote Punkt, well ech de Premier och ganz laang kennen.

An deem Artikel 5 vun där Décision-cadre steet nämlech eppes ganz Interessantes dran. Do steet dran, dass déi Sanktiounen, déi déi eenzel Länner sollen op déi Actes de terrorisme setzen, mussen effektiv sinn, si mussen dissuasives sinn a si mussen, ech ënnersträichen dat, proportionéiert sinn. A genau op deem dote Punkt läit de Regierungsprojet falsch. Do läit en nieft dem Dill. Well hie mécht guer keng Distinction par rapport zu der Gravitéit vun der Infractioun. Hie seet ganz einfach all déi Infractiounen, wou eng minimal Maximalstrof vun dräi Joer Prisong virgesinn ass, déi ginn alleguerten d'selwecht behandelt. Wa se ënnert de Begrëff vum Terrorismus falen, da gesäit den Artikel 135 (2) vum Code pénal vir Réclusioun, also d'Prisongsstrof vu 15 bis 20 Joer.

Dës Regierung proposéiert also an alle Fäll, ouni, wéi dat vun der europäescher Richtlinn verlaangt ass, eng Distinction ze maachen tëschent der Gravitéit vun deenen eenzelnen Infractiounen, se alleguerten d'selwecht ze behandelen. De Prinzip vun der Proportionalitéit gëtt hei vun der Regierung mat Absicht net respektéiert. Dat ass eng logesch Konsequenz vun där Technique législative, wou se sech, menger Ansicht no, schlechterweis inspiréiere gelooss huet.

Hei ginn also Strofen, déi haut eventuell bei dräi, véier, fënnf Joer leien, praktesch verfënneffacht, vervéierfacht, wa se a Bezuch mat Terrorismus kënnen gestallt ginn. Dat ass net dat wat d'europäesch Direktiv, d'Décision-cadre verlaangt, déi souguer schwätzt vu Minimalstrofe vun aacht Joer op eenzel Fäll. Si gesäit also duerch aus vir, dass d'Länner sech bei aacht Joer usidelen an net mussen op e Strofmooß vu 15, 20 Joer goen.

Ech sinn also der Meinung, dass hei net nëmmen an eenzelne Punk-

ten d'Regierung méi wäit geet wéi d'Direktiv dat verlaangt, wann et ëm d'Repressioun geet, mä dat besonnesch also och contraire eigentlech an deem heite Fall ass zu enger klorer Ausso vun der Décision-cadre vun der Europäescher Unioun. An ech betounen nach eng Kéier, ech mengen, dass souguer dat dote Schwieregkeeten huet zu Bréissel Bestand ze halen, well et ass jo net onschëlleg firwat deen Ausdrock proportionné do dra komm ass, well eenzel Länner aus Iwwerleeunge vu Rechts-sécherheet, aus Iwwerleeunge vu grouse Prinzipie vum Strofrecht, drop gehalen hunn, dass deen Ad-jectif « proportionné » soll dra kommen. An d'Proportionalitéit, déi geet hei fleete mat deem Regierungstext, well alles iwwert ee Leescht gezu gëtt.

Hei ass d'Regierung de Wee vun der Facilitéit gaangen. Si ass de Schwieregkeeten aus de Féiss gaangen a se huet schlussendlech hei en Text gebuer, deen an eisen Aen net perfekt ass.

An et muss ee jo soen, iwwer all Parteiwwerleeungen eraus, déi ee kann huelen als Jurist, deen Text do ass zudéifst betrüblich, deen ass a kengem Mooss zefriddestellend. Hei si mer am Strofrecht dran, wou et wierklech drëm geet mat Präzisioun d'Infractiounen festzeleeën, wou et drëm geet d'Strofmooß ze fixéieren, wat an direkter Relatioun steet zu där Gravitéit, zu där Atteinte à l'ordre public, déi soll sanctionnéiert ginn. A wat gëtt hei vun der Regierung an der Majoritéit gemach? Et gëtt alles einfach iwwer ee Leescht gezunn.

Dat ass kee seriösen Text. Dat ass en Text, deen hautement perfectible ass, a mir hunn ugebuede gehat, dofir hu mer déi Demande gemach, fir deen heite Punkt vum Ordre du jour erofzehuelen. Hei ass keng Nécessitéit do fir dat hei iwwert de Knéi ze brieche. Mir hätte parfaitement kënnen nach dräi bis véier Méint eis Zäit huele fir zeguttst hei e besseren Text ze maachen, dee conforme wär zum europäesche Recht, deen awer och conforme wär zu allgemenge Prinzipie vum Strofrecht.

Dofir soen ech perséinlech neen zu deem heiten Text als Jurist, an ech soen nach méi haart neen als Politiker dozou. Eis Partei wäert, wéi d'Madame Err et scho gesot huet, deen heiten Text net stëmmen.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Laurent Mosar agedroen. Den Här Mosar huet d'Wuert.

M. Laurent Mosar (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, D'Événement vum leschte Samschden um Rockconcert zu Moskau, wou eng Rei onschëlleg, an der Majoritéit jonk Leit hiert Liewen an engem terroristeschen Attentat verluer hunn, hunn eis eng Kéier méi virun Ae gefouert, datt de Phenomeen vum Terrorismus méi wéi jee aktuell ass an op deene verschiddenste Plazen op der Welt ëmmer erëm kann zouschloen.

Den Terrorismus ass u sech déi schlémmste Form vun Ugrëff op d'Dignitéit an d'Fräiheet vun all Mësch. Et gi vill Forme vun Terrorismus, mä d'Haaptzil ass ëmmer fir Terror ze séien, ze zerstéieren a méiglechst vill Leit, wa méiglech Onschëlleger, ënzebréngen, ouni dass an deene meeschte Fäll iwwerhaapt emol e politescht Zil hanert deenen Aktiounen steet. Vill ze vill onschëlleg Liewe sinn duerch all Forme vum Terrorismus op eng brutal Manéier zerstéiert ginn a vill ze vill laang ass och vun den Autoritéiten nogekuckt ginn. Et sinn eigentlech eréischt d'Événement vum 11. September 2001, déi zu

enger weltwäiter Prise de conscience gefouert hunn.

De Kampf géint den Terrorismus ka sech dann och net nëmmen um nationalen oder lokale Plang ofspillen, mä e muss an en internationale Kontext geschriwwen ginn. Bis elo ass et esou gewiescht, datt mer an eiser Législatioun eigentlech d'Notioun vun Terrorismus guer net kann hunn, och wa praktesch déi allermeescht vun deenen Infractiounen, déi am Kader vum Terrorismus bekämpft ginn, als eenzel Infractiounen och an eise Code pénal sech erëmfannen.

Ëm wat geet et elo an deem Projet de loi? De Rapporteur Patrick Santer huet a sengem excellente schréfflechen an och mëndleche Rapport, fir deen ech him hei nach eng Kéier de Merci vu menger Fraktioun an och vu mir selwer wëll iwwermëttelen, in extenso beschriwwen ëm wat et geet, nämlech déi Décision-cadre vum 6. respektiv 7. Dezember 2001 an eis Législatioun ze transposéieren.

Well de Rapporteur Patrick Santer dat schonn am Detail gemach huet, wëll ech net méi op déi eenzel Punkte vun där Décision agoen, mä mech haaptsächlech mat deene Punkte beschäftegen, déi an de vergaangenen Deeg an och haut fir vill Wand dobaussen an och hei am Haus gesuergt hunn. Deen éischte Punkt ass dee vun der Definitioun vun der Notioun vun Terrorismus, an deen zweeten ass d'Integratioun an de Gesetzestext vun enger limitativer Lëscht vun Infractiounen.

Ier ech awer domadder ufänken, erlaabt mer zwou Observatiounen ze maachen, wat déi Kriticken ubetrëft, déi virdu vu verschiddene Riedner ugefouert gi sinn, hei wär eng parlamentaresch bäcléiert Aarbecht virgeluecht ginn. Dat kann ech net akzeptéieren. Ech wëll nach eng Kéier drun erënnere, datt mir eis a véier Sitzungen intensiv mat deem Projet beschäftegt hunn. Mir hate laang Diskussiounen, besonnesch iwwert déi zwee Problemer, déi ech elo hei ugeschwat hunn, a wat ech och net kann akzeptéieren, datt da Leit, déi selwer bei deene Sitzungen net ëmmer derbäi waren, elo grouss-aarteg Kriticken hei artikuléieren an deene Leit, déi an der Kommissioun matgeschafft hunn, elo op eemol soe wéi se alles hätte kënnen besser maachen. Ech fannen, dat ass net déi richteg parlamentaresch Virgehensweis an ech kann dofir dat och net akzeptéieren.

Ech kann och dee Virwurf vun der Madame Err an dem Här Bodry net akzeptéieren, hei wär emol guer net ofgewart ginn iert den Avis complémentaire vum Statsrot komm wär. Ech wëll drun erënnere, datt den Avis complémentaire vum Statsrot sech just op en eenzege Punkt limitéiert huet, nämlech den Amendement, dee vun der Commission juridique adoptéiert ginn ass. An deen Amendement ass mat grousser Begeescherung och vun der Madame Err ugeholl ginn. Et soll een also net elo behaapten, wéi wa mer do iwwert de Wëlle vun der Kommissioun ewechgaange wäeren, well ech menge bis op eng eenzeg Ausnahme huet deen Amendement d'Unanimitéit vun de Membere vun der Kommissioun gemach. Et ass weider näischt am Avis complémentaire a sech diskutéiert gi wéi deen Amendement. Dofir, wann ech glift, wa mer hei kritiséieren, da solle mer awer alleguer bei der Wourecht bleiwen.

M. Alex Bodry (LSAP).- Här Mosar, wéi oft kennt et da vir, datt e Rectificatif...

M. Laurent Mosar (CSV).- Här Bodry, Dir waart emol net an alle véier Sitzungen do.

(Interruption)

Dann ass een do och vläicht e bësse méi virsiichteg an et geet een net deenen anere Memberen, déi an deene véier laange Sitzungen

extensiv mat diskutéiert hunn, hei Reproché maachen. Ech fannen, dat ass net eng anstänneg parlamentaresch Aarbecht.

(Interruption)

M. Alex Bodry (LSAP).- Dat hei ass e Rectificatif zum Rapport.

M. Laurent Mosar (CSV).- Här President, ech géif elo nawell gäre virufueren, wann...

(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)

M. Alex Bodry (LSAP).- Dat hei ass e Rectificatif zum Rapport. Ass dat gutt?

M. Laurent Mosar (CSV).- Här Bodry, d'Kommissioun huet deen Amendement bäibehale mat der Zoustëmmung vun Ärer Fraktioun, mat der Zoustëmmung vun der Madame Err.

M. Alex Bodry (LSAP).- Ass esou en Dokument üblech?

M. Patrick Santer (CSV), rapporteur.- Här Bodry, ech kann lech erklären, firwat dat esou ass. Dir kennt déi zoustänneg Persoun froen am Sekretariat, den Här Leclere. Mir hunn de Rapport esou ëmgeännert wéi dat gesot gi war, och mat deenen zwou Ännerungen, déi zwar gemach gi waren, awer net an de Rapport komm sinn. D'Sekretariat vun der Kommissioun huet eréischt gesinn, datt déi Ännerungen net am Rapport wäeren, wéi d'Expeditioun schon eriwuer war, an dofir ass de Rapport rectificatif komm. Als Rapporteur hutt ech deem zougesot, well dat esou an der Kommissioun décidéiert gi war, awer net am Rapport répercutéiert gi war.

M. Alex Bodry (LSAP).- Wa manner Hektik wär, da kéimen esou Saachen net vir.

M. Laurent Mosar (CSV).- Här Bodry, et war guer keng Hektik an der Kommissioun. Wann Dir vun Ufank un an deene véier Sitzungen derbäi gewiescht wäert, dann hätt Der dat kënnen constatéieren.

Här President, wann den Här Bodry et erlaabt, da géing ech nawell gäre virufueren.

(Coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Fuert weider, Här Mosar, an déi aner sollen nolauschten.

M. Laurent Mosar (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen déi allermeescht Kriticken, déi géint dese Gesetzestext an d'Feld gefouert gi sinn, och nach de Mëtteg, déi si jo a Relatioun ze gesi mat der Definitioun vun der Notioun vun Terrorismus. An hei wëll ech awer nach eng Kéier virausschécken, datt d'Definitioun vun där Notioun vun Terrorismus an enger Décision-cadre festgeschriwwen ginn ass. Et ass also keng Erfindung vun den Auteurs vun deem Projet de loi. Dës Décision-cadre ass à l'unanimité vun deene 15 Justizministere vun der EU adoptéiert ginn, an do ass eng ganz Rei vu verschiddene politesche Faarwen och vertrauede gewiescht, esou datt een elo net ka maache wéi wann dat heiten eng Eegeninitiativ gewiescht wär vun der Lëtzebuerger Regierung, respektiv vum Justizminister.

(Interruption)

D'Regierung, Här Bodry, an d'Chamber hunn also guer keng aner Méiglechkeet gehat wéi des Definitioun - ech schwätze vun der Definitioun vum Wuert Terrorismus - telle quelle ze iwwerhuelen.

Sécherlech, an do kann ech Är an och anere Leit hir juristeschen Bedenken deelen, huet meng Begeescherung sech och a Grenze gehalen, wat des Definitioun ubetrëft, an ech mengen, ech schwätzen do enger ganzer Rei vu Leit, déi an der Commission juridique sinn, aus

dem Häerz, déi och gesot hunn, déi Definitionou do ass keng optimal Definition. Nach si mer eis awer bewosst gewiescht, datt et och net einfach wär méi eng kohärent Definition vun der Notioun vun Terrorismus ze fannen, an ech hunn och an deene sämtlechen Avisen, déi vill kritesch Bemierkungen zu där Definition gemaach hunn, keng eenzeg alternativ Propositionen erëmfonnt, wéi een dann hätt kënnen besser déi Notioun definéieren.

Dobäi kënnt, datt ähnlech Definitionen, wéi se elo vun där Décision-cadre zrëckbehale gi sinn, och sech schonn an anere Gesetzgebungen erëmfannen. Ech hunn zum Beispill déi franséisch Notioun vun Terrorismus gekuckt. Déi ass guer net wäit ewech vun deem, wat elo an där Décision-cadre steet.

Ech muss och feststellen, datt d'Transposition vun där Décision an eisen Nopeschlänner quasi-méi eng Lettre à la poste iwwert d'Bühn gaangen ass, a fir vill manner Welle gesuergt huet, wéi dat hei bei eis de Fall war.

Ech mengen och, datt et wéineg Sënn mécht dës Definitionen a Fro ze stellen, well dëst géif jo dann automatesch bedeuten, datt een déi Décision-cadre net wëllt an d'nationaalt Recht transposéieren. Ech brauch lech net ze soen, wat fir e Signal mir als lëtzebuergesch Parlament géife ginn, wa mer an esou enger essentieller Fro wéi dem Kampf géint den Terrorismus als eenzeg europäesch Land hei wëllten ausscheren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och dëst Gesetz ass, wéi esou vill Gesetzter am Kontext vun der Bekämpfung vum Terrorismus, eng Gratwanderung tëschent der absoluter Noutwendegkeet mat alle Moyaen géint déi divers Formen vum Terrorismus virzegoen, an awer op där anerer Säit ouni d'Fräiheet vun all eenzelne Bierger anzuschranken. Dës Gratwanderung ass net ëmmer einfach, an d'Gesetz wat mer haut hei stëmmen, ass eigentlech dofir en excellent Beispill. Wann Dir lech d'Méi maacht déi verschidden Avisen, déi zu dësem Projet gemaach gi sinn, am Detail ze analyséieren, esou stellt Der fest, datt et esou vill Meinungen heizou gëtt wéi Avisen, an esouguer an engem Avis ginn zwou Meinungen artikuliert, nämlech an deem vun der Chambre de Travail, wou en Avis majoritaire an en Avis minoritaire gemaach ginn ass.

Ech verwiere mech dofir och dergéint, datt elo vu verschiddene Kreesser et esou duergestallt gëtt, wéi wann all Avisen, déi zu dësem Projet verfaasst gi wäeren, sech massiv géint de Fong vun dësem Projet ausgeschwat hätten. Dofir erlaabt mer ganz kuerz op déi eenzel Avisen anzugeen.

D'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics huet de Projet ausdrécklech begréisst an huet och keng Bedenke géint déi eenzel Punkten abuecht. Och d'Chambre des Employés privés huet keng fundamentalen Problemer mam Projet, mä just eng Rei vu punktuellen Observatiounen gemaach.

Dëst ass anescht, an ech hunn et virdru gesot, bei der Chambre de Travail, wou mer a Presenz vun zwéi Avisé sinn, engem Avis majoritaire an engem Avis minoritaire, déi an hire jeeweilegen Aussoe sech an enger fundamentalen Opposition erëmfannen. Fir lech ze dokumentéieren, datt och entgéint deem, wat een an der Press konnt liesen, d'Chambre de Travail sech net unanime an integral géint dëse Projet ausgeschwat huet, erlaabt mer e kuerze Passage aus dem Avis minoritaire ze zitieren, dee beweist, datt och an der Aarbechterkummer d'Meenungen iwwert dësen Text wäit ausernee gaange sinn.

Ech zitieren also: « Comme chacun peut le constater, le XXI^e siècle n'a pas bien commencé et nos sociétés sont confrontées à des

structures terroristes nébuleuses, mais très rusées qui peuvent frapper à tout moment et n'importe où. La lutte contre le terrorisme ne peut plus être le domaine des Etats nations, surtout en Europe. C'est pourquoi une action concertée au plan supranational est nécessaire. Par conséquent, nous approuvons explicitement la décision-cadre du Conseil et le projet de loi qui s'en dégage. Nous sommes également d'avis qu'il faut couper les organisations terroristes des flux financiers qui les nourrissent. C'est la raison pour laquelle la convention des Nations Unies a également son utilité. » Dat sinn also net d'Auteure vum Projet, déi dat soen, mä dat ass d'Meenung vun enger ganzer Rei notoire Représentant vum der Aarbechterkummer.

Och de Statsrot huet sech intensiv besonnesch mat der Problematik vun der Aschreiwung an d'Gesetz vun enger Lëscht vun Infractiounen beschäftegt, huet awer och eng Rei vu widersprécklechen Aussoen doriwwer gemaach an huet trotz Bedenke keng besser Léisung proposiert.

Dëst weist lech dann och, Dir Dammen an Dir Hären, wéi schwéier d'Diskussion um Punkt vun der Noutwendegkeet, fir eng Lëscht vun Infractiounen an de Gesetzestext anzuschreien, ass. Wann d'Kommission, an dat wëll ech hei ganz kloer nach eng kéier betounen, sech schlussendlech an hirer Majoritéit dofir entscheet huet vun esou enger Aschreiwung an de Gesetzestext ofzegesinn, ass dat net well se e politesche Problem mat esou enger Aschreiwung gehat hätt, bien au contraire, si huet sech hei ganz eleng, an all déi Leit, déi an der Commission juridique sinn, kënnen dat bezeien, vu juristeschen Iwwerleeunge leede gelooss.

Ech mengen och hei soen ze kënnen am Numm vun all deene Kolleginnen a Kollegen, déi sech fir dës Léisung entscheet hunn, datt déi alleguerte politesch grad esou gutt hätte kënnen mat esou enger Integratioun vun enger Lëscht an d'Gesetz liewen, esou datt een hei der Kommission sécherlech net kann de Virwurf maachen, si hätt aus politeschen Iwwerleeunge liichtfankeg sech fir eng aner Option entscheet.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer dann awer nach eng kéier lech déi Argumenter ze ginn, firwat eng Majoritéit vun der zoustänneger Kommission sech géint d'Opféierung vun enger Lëscht vun Infractiounen an de Gesetzestext ausgeschwat huet. Ech gesinn haaptsächlech dräi Argumenter, déi awer reng, an ech wëll et nach eng kéier betounen, juristescher Natur sinn.

Eischstens, den Här Bodry huet et hei virdru scho gesot, huet doraus awer wëllen eng politesch Interpretatioun maachen, wat awer net richtig ass. Dës Lëscht wier sécherlech ni komplett gewiescht, well den Terrorismus sech par rapport zu méi engem groussen Eventail vun Infractiounen ka manifestéieren wéi déi, déi an der Décision-cadre festgeschriwwen sinn. De Risiko wär also dee gewiescht, datt déi eng oder aner Infractioun vergiess gi wärem mam Resultat, datt fir déi Infractioun d'Décision-cadre, respektiv dat neit Gesetz, net méi uwendbar gewiescht wär.

Zweetens hätt dat bedeit, datt am Gesetzestext selwer eng ganz Rei vu Renvoien hätte missen op aner Artikelen aus dem Code pénal gemaach ginn, déi primär Infractiounen betreffen. Dëst hätt de Risque bedeit, datt wann dës Article spéider eng kéier ëmgeännert gi wäeren, datt dann den ëmgeännerten Text net méi konform zu der Décision-cadre gewiescht wär. Dobäi kënnt, datt eng ganz Rei vun deene Fäiten, déi elo an der Décision-cadre opgelëscht ginn, zu kenger vun den aktuellen Infractiounen vum Code pénal korrespondéiert an dëst hätt alles dozou gefouert,

datt mer herno e risegen Duercherneen an eisem Code pénal gehat hätten. Bis elo hat ëmmer déi zoustänneg Kommission d'Ambitioun méiglechst einfach a verständlech Texter ze maachen, wou zumindest déi Leit, déi all Dag heimadder a Kontakt sinn, sech kënnen erëmfannen, esou datt mer, wa mer dann eng Oplëschtung vun allen Infractiounen gemaach hätten, eigentlech mer a Kontradiktioun mat dëser Positioun an domadder mat eis selwer gewiescht wäeren.

Fir lech einfach emol ze weisen zu wat esou eng Oplëschtung gefouert hätt, wëll ech lech e klengen Deel vun där Lëscht virlesen, esou wéi se vum däitsche Bundestag an d'Gesetz iwwert den Terrorismus ageschriwwen gouf. Wéi gesot, et ass just e klengen Deel, ech zitieren lech do eng Rei vun Infractiounen.

Dat geet u mam Alinea vum Artikel 306 vum Strafgesetzbuch Brandstiftung.

Da kënnt Artikel 306-A, schwere Brandstiftung.

Da kënnt den 306-B, besonders schwere Brandstiftung.

Da kënnt den 306-C, Brandstiftung mit Todesfolgen.

Da kënnt den Artikel 307, herbeiführen einer Explosion durch Kernenergie.

Artikel 308, herbeiführen einer Sprengstoffexplosion.

Artikel 309, Missbrauch ionisierender Strahlen.

Artikel 313, e ganz flotten Artikel, ech kommen nach eng kéier herno op deen ze schwätzen, herbeiführen einer Überschwemmung.

Artikel 314, gemeingefährliche Vergiftung.

Artikel 316-B, Störung öffentlicher Betriebe, ganz interessant.

Artikel 330-A, schwere Gefährdung durch Freisetzen von Giften.

Artikel 316-1 oder 3, Störung öffentlicher Betriebe.

Artikel 317-1, Störung von Telekommunikationsanlagen, an ech kéint esou virufueren. Ech erspueen lech dat awer, well soss wier ech nach eng ganz Rei Minutten amgaangen.

En drëtt Argument, Här President, ass dat, datt esouguer wa mer dann och eng Lëscht vun Infractiounen an de Gesetzestext ageschriwwen hätten, mer domadder déi Bedenken, déi verschidde Kritiker géint den Text virbruecht hunn, trotzdem net aus der Welt geschaaft hätten.

Och de Statsrot huet sech laang mat dëser Fro beschäftegt. Hien huet awer och keng alternativ Proposition gemaach, huet awer au contraire gemengt, datt och eng Festschreiwung vun enger Lëscht déiselwecht Froe géif opwerfen, an ech erlabe mer hei de Statsrot ze zitieren, dee seet: « Le choix ainsi opéré n'est pas sans susciter des interrogations sur les contours exacts de la nouvelle incrimination, quitte à ce qu'il convient d'emblée de relever que la délimitation matérielle du champ d'application de la nouvelle incrimination par rapport à une liste, soit infraction déterminée, soit de catégorie générique d'infraction, soulèverait les mêmes interrogations. » De Statsrot seet also ganz kloer, och wann Der déi Lëscht aschreift, ännert der fundamental iwwerhaapt näischt un der Situatioun.

Här President, ech mengen also schon, datt d'juristesch Kommission sech et net einfach gemaach huet an hirer Meenungsbildung, a sech hei wierklech nëmme vu juristeschen Iwwerleeunge leede gelooss huet. Well mer awer och an der Kommission der Meenung

waren, datt ee misst all déi Infractiounen, déi a Relatioun mam Terrorismus gesat ginn, op déi limitéieren, déi vun enger gewëssener Gravitéit sinn, huet d'Kommission an engem Amendement proposéiert d'Prisongsstrofen, d'Maximalstrofen, vun zwéi op dräi Joer erop ze setzen. Domadder falen, an dat wëll ech och emol eng kéier hei soen, eng ganz Rei vun Infractiounen aus dem Champ d'application vum Gesetz eraus a mir ginn eigentlech iwwert dat eraus wat d'Directive-cadre virgesinn huet.

Ech kommen allerdéngs net derlaanscht fir hei op déi deelweis kontradiktoresch Positioun vum Statsrot zrëckzekommen, deen a sengem éischten Avis den Text kritiséiert, well e fäert, datt hei d'Dieren ze vill grouss géifen opgemaach gi mam Risiko vun Abüen, duerno awer a sengem Avis complémentaire d'Auteure vum Amendement kritiséiert mam Argument, datt eigentlech den Eventail vun de potentielle primären Infractiounen esou large wéi méiglech misst gehale ginn a seng Konklusioun ass dann och déi, datt e seet: „Le projet de loi amendé resterait dès lors en deçà des exigences de la décision-cadre.“ Dat heescht, den Text geet net esou wäit wéi en eigentlech misst laut Décision-cadre goen.

Fir net falsch hei verstanen ze ginn, ech kritiséieren net d'Virgehensweis vum Statsrot, mä wollt heimadder beweise wéi schwéier och de Statsrot et sech gemaach huet an och schlussendlech kee besseeren Text konnt proposéieren wéi dee vun der Regierung, respektiv deen, deen och vun der zoustänneger Kommission zrëckbehale ginn ass.

Här President, Dir gesidd also wéi komplex, datt déi Fro vun der Lëscht vun den Infractiounen ass an eigentlech kee bis elo déi optimal Äntwert op déi berechtigt Bedenke vun enger Rei Leit fonnt huet. Ech sinn allerdéngs iwwerzeegt, datt duerch d'Eropsetze vun der Prisongsstrof vun zwéi op dräi Joer eng Rei vu klengen a mëttleren Infractiounen systematesch ausgeschloss ginn an domadder mir um Niveau vun der Europäescher Unioun sécherlech deen Text wäerten hunn, deen am restriktivsten ass an net wéi hei behaupt gëtt, datt mir elo wierklech do géifen op e Wee goen, wou mer eis géife lächerlech maachen, well mer immens vill Infractiounen géifen zrëckbehalen.

(Interruptions)

Mme Wagener, ech ginn lech elo zwéi ganz konkret Beispiller, fir ze beweisen, datt mir net esou wäit gi wéi zum Beispill eis däitsch an eis belsch Frënn, an ech géif lech do emol fir d'alleréischten Artikel 526 vum belsche Code pénal nennen, deen an der Lëscht opgefouert gëtt. Dat ass en Artikel, dee geet iwwer « la destruction ou dégradation des tombeaux, monuments, objets d'art, titres documents ou autre papier ». Mir hunn do deeselwechten Artikel 526, dee virgesäit, datt fir déi Infractioun: « Sera puni d'un emprisonnement de huit jour à un an et d'une amende de 10.001 francs à 220.000 francs quiconque aura détruit, abattu, mutilé ou dégradé », an da kënnt eng Opzielung vun enger ganzer Rei vu Monumenter.

Nom belschem Text ass déi Infractioun dran. Dat heescht, an Zukunft kann déi Infractioun bestrooft ginn. Bei eis fällt se eraus. Dat heescht, déi doten Infractioun gëtt net mat erageholl. Dat ass ee Beispill.

Ech ginn lech en zweet Beispill. Ech hat scho virdrun dovunner geschwat. Den däitschen Text gesäit do en Artikel 313 vir. Dat ass „herbeiführen einer Überschwemmung“. Dat ass ongeféier datselwecht wéi eisen Artikel 549 vum Code pénal. Bei eis ass do eng Strof virgesi vun 10.000 bis 120.000 Frang. Déi Infractioun fällt also net drënner, contrairement zum däitschen Text, wou se drënner fällt.

Ech kënnt lech hei nach eng Onmass vun anere Beispiller nennen, fir lech och ze beweisen, datt eisen Text wäit net esou grouss gefächert ass wéi déi auslännesch Texter an dofir kann ech och dee Virwurf net akzeptéieren, datt mir hei géifen d'Dier besonnesch grouss opmaachen. Dat ass einfach net richtig.

Ech kann dofir och déi Kriticken net novollzéien, déi an de leschten Deeg an och haut an d'Feld gefouert gi sinn andeem notament behaupt gëtt, datt Lëtzebuerg op europäeschem Plang dee representivsten Text géif adaptéieren. Et kann ee sécherlech eng Rei vun Argumenter géint dëse Projet an d'Feld féieren, mä déi Kritik ass sécherlech net berechtigt.

Här President, ech ginn dann och d'Gefill net lass, datt bei dësem Projet de loi, wéi och bei aneren, vill falsch Informatioun zu vill Confusioun an och onberechtigte Kriticke gefouert huet. Erlaabt mer dofir och eng Observatioun am Kontext vun där Protestaktioun, déi sech elo säit e puer Deeg virun eiser Chamber ofspilt. Ech hunn eigentlech vill Sympathien dofir, dass d'Jugend sech haut nach ka mobiliséieren fir oder géint verschidden Initiativen an och dësen Engagement duerch allméiglech Formen vun Aktiounen artikuliert. Ech begreissen och expressément den Engagement fir net materiell Wäerter, dee leider Gottes an eiser Gesellschaft ëmmer méi kleng gëtt.

Ech hunn allerdéngs Problemer domat, dass déi Jugendlech, ier se dann esou eng Aktioun starten, net fir d'éischt emol eng kéier versiche sech ëmgehend ze informéieren an och am Virfeld emol d'Gespräch mat politesche Responsablen ze sichen. Mir kréien an der Commission juridique zu ville Projeten Demandé fir Entrevuë vu Gewerkschaften, ONGen an aner Associatiounen aus der Société civile.

(Interruption)

Bei dësem Projet ass keng - Madame Wagener, da loosst mech dach schwätzen - eenzeg Demande erakomm, weder vun enger Associatioun aus der Société civile, nach vun enger ONG, nach vun enger Gewerkschaft.

Ech sinn iwwerzeegt, datt eng ganz Rei vu Viruerteiler hätte kënnen an esou engem Gespräch vum Dësch geraumt ginn. Ech vermessen dann och, dass déiselwecht jonk Leit, déi sech hei mat guddem Recht Suergen iwwer e Gesetz maachen, mat darselwechter Vehemenz an deeneselwechten Aktiounen dat Attentat vum leschte Samschen zu Moskau condamnéiert hätten.

(Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence)

Ech hunn och keng vun all dësen opgereepte Stëmmen héieren, wéi onschëlleg Touristen d'Liewen an enger Moschee zu Djerba gelooss hunn a wéi vill jonk Leit op eng brutal Manéier an enger Diskothék zu Bali ëmkomm sinn. Och dëst, Dir Dammen an Dir Hären, ass eng Feststellung aus där jiddferre seng eege Konklusiounen soll zéien.

Här President, ech kommen domat zu menger Konklusioun. De Projet, dee mer haut hei stëmmen, ass en équilibréierten Text, deen déi schwierig Gratwanderung fäerdeg bréngt zwëschent der Noutwendegkeet, déi Gäissel vun eiser Gesellschaft, déi den Terrorismus duerstellt, effikass ze bekämpfen, an dem Respekt vun de perséinleche Rechter vun all eenzelne Bierger. Dofir wäert dann och meng Fraktioun dëse Projet stëmmen.

Ech soen lech merci.

■ M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Justizminister Luc Frieden.

■ M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, all Mënsch huet Recht op Fräiheet a Sécherheet.

Esou steet et an der Grondrecht-charta vun der Europäescher Unioun. An dat ass eng vun den Hauptursaachen, firwat vill Leit, an dorënner och ech, Politik a virun allem Justizpolitik maachen.

An dësem 21. Jorhonnert hunn d'Bierger méi Fräiheet wéi jee virun. D'Nazien an d'kommunistesch Diktature si Gott sei Dank hannert eis. Leit, déi fräier Feinde waren an Europa, liewen elo niewenteneen a Fridden a Fräiheet. Mä dës Fräiheet, léif Kolleegen, ass net op éiweg garantéiert. Eis pluralistesche Demokratie kennt Feinden, Leit, déi net mat eisem Liewensstil d'accord sinn, Leit, déi net mat eiser Fassong, wéi mer eis Gesellschaft op eng demokratesch Aart a Weis wëlle regéieren an d'Problemer léisen, averstane sinn. Eis Sécherheet, eis bannescht Sécherheet, déi vu ville Länner an Europa an doriwwer eraus an och hei zu Lëtzebuerg gëtt oder ka bedrot ginn duerch eng grenziwwerschreidend organiséiert Kriminalitéit an duerch den internationalen Terrorismus.

A wann een dee Constat mécht, dann huet een als Regierung zwou Optiounen. Dat eent, dat ass déi fir sech net dogéint ze wieren. Da kritt ee vläicht manner Schwierigkeiten. Da verschwanne lues a lues eis Grondfräiheeten. Wann Extremisten, Krimineller, ondemokratesch Kräfte amplaz vun den demokrateschen Regierungen a Parlamentar Décisiounen huelen oder imposéiere wëllen. An déi aner Optioun, dat ass déi fir mat Energie, mat Determinatioun d'organiséiert Kriminalitéit an den Terrorismus ze bekämpfen.

D'Lëtzebuerger Regierung hält dës zweet Optioun, bei dësem Projet wéi bei anere Projeten. Wa mer nämlech de Kampf géint d'organiséiert Kriminalitéit an den Terrorismus mat Erfolleg féieren, da kënnen d'Leit a Fridden a Fräiheet an dofir och a Wuelstand liewen. Dëst Gesetz zesumme mat aneren Texter, an ech komme vläicht herno dorop rëck, well verschidde Virriedner och aner Gesetzter ugeschnidden hunn, beweist nach eng Kéier d'Zil wat mer hunn, fir mat Determinatioun eis Gesellschaft an duerno eis Grondfräiheeten ze schützen, an dofir musse mer Phenomeener wéi den Terrorismus bekämpfen.

Ech hunn an deene leschten Deeg heiandsdo gemengt, datt verschidde Leit den 11. September 2001 vergiess hätten. Oder datt se vergiess hätten, déi onschëlleg Affär an Italien an an Däitschland an deene leschte Jorzénkten. Datt se vergiess hunn, déi Affär an Irland an a Spuenien all Dag, och an dëse Wochen a Méint. Onschëlleg Leit stierwen ënner terroristeschen Attentater, well Leit mat Gewalt, an net mat demokratesche Mëtten, hir politesch Ziler wëllen erreechen. An dofir ass a bleift den Terrorismus eng Gefor fir eis Zivilisatioun. Et ass eng Gefor fir eis Demokratie. Et ass eng Gefor fir den internationale Fridden a fir d'Sécherheet. Et ass e Verbrieche, a mir wäerten et bekämpfen. Mir wäerten et an Europa an zu Lëtzebuerg an op anere Kontinenter an enger enker Zesummenaarbecht mat deene bekämpfen.

Natierlech ass d'Preventioun an d'Ursaacheforschung e wichtegt Element, mä mir maachen hei e Projet de loi fir den d'Justizpolitik zoustänneg ass, an datt d'Madame Wagener fënnt, datt mer am Exposé des motifs net kloer genuch iwwer all d'Ursaache geschriwwen hätten, dann akzeptéieren ech dat, mä e Projet de loi ass kee Buch. Ech wëll awer drop hiweisen, dass zu Laeken, wou d'Stats- an d'Regierungschefen eis och do den Optrag ginn hu mat dësem Text virunzecommen, ganz sécher eng méi global Approche zu där ganzer Problematik vum Terrorismus geholl ginn ass, där vu ville Fachministernen - dorënner d'Entwécklungsministernen, dorënner d'Ausseministernen - selbstverständlech Attentioun gi gëtt.

Preventioun ass wichteg a Preventioun gëllt och op deene Pläng, wou mer méi zoustänneg sinn, nämlech deene vun der Police. An et ass selbstverständlech noutwendeg, datt mer den Echange d'information verbessern tëschent de Geheimdénkschter, den Echange d'information tëschent de Policen, fir am Virfeld d'Geforen, déi den Terrorismus bréngen, besser kënnen ze écartéieren.

Mir hunn zu Lëtzebuerg, net wéi an anere Länner, nom 11. September d'Pouvoir vum der Police erweiert. Mir hunn après müre réflexion dëse Projet erabruucht. Mir hunn net dat gemaach wat déi rout-gréng Regierung an Däitschland gemaach huet a sengen zwee « Antiterrorpakete », wou ech emol gäre gesinn hätt wéi déi hei zu Lëtzebuerg kommentéiert gi wäre vun deenen, déi haut hei dëse Projet schaarf kritiséiert hunn.

(Interruption)

Ech stelle just fest, datt déi Regierungen, déi lech am Ausland no stinn, Gesetzter gemaach hunn, mä oft aus guddem Grond, well se wëssen...

(Interruptions)

Ech wëll jo gären hunn, datt Dir mengt, eist Land hätt d'Mauer ronderëm stoen, wou all organiséiert Kriminalitéit an Terrorismus einfach op der Grenz ophält, mä doriwwer mengen ech kënne mer op enger anerer Plaz schwätzen.

Och de repressive Volet ass, wann een net wëllt, datt et eng Insel an Europa gëtt, wou sech kënnen terroristesch Elementer ophalen, da muss ee mat engem Code pénal ëmgoen, deen der Kriminalitéit vun dëser Zäit Rechnung dréit.

An deen Text vun der Décision-cadre, de Rahmebeschluss iwwert den Terrorismus, deen hu mer nom 11. September ugehall. Et ass richtig, datt scho virun d'europäesch Kommissioun an deenen Texter geschafft huet. Mä et war de Schock vun deenen dramateschen Evénementer vum 11. September 2001, deen et mat sech bruecht hunn, datt mer an deenen Deeg direkt nom 11. September eis alleguerte gesot hunn an der Europäescher Unioun, d'Stats- an d'Regierungschefen an d'Justizministernen, jiddferen a sengem Beräich, datt mer bis Enn des Joers 2001 misste mat engem Text kommen iwwert den europäeschen Haftbefehl an iwwert d'Infractioun vum Terrorismus.

Dëst Gesetz war noutwendeg, well eng Rei Länner, dorënner Lëtzebuerg, keen Terrorismusparagraph haten. Ëm sechs, siwe Länner hate schonn een, déi hunn en ausgeweit, an anerer hate keen, dorënner ware mir. An dunn hu mer eng Definitioun geschriwwen, an ech war op ville Sitzungen derbäi, an ech sinn net een, deen hikënt a seet: Jo, et ass en Text zu Bréissel, dee mer ëmsetzen. Ech hunn deem Text am Numm vun der Lëtzebuerger Regierung zugestëmmt, mä et ass awer och richtig wéi mäi Virriedner hei gesot huet, dass 14 aner Justizministernen deem Text och zugestëmmt hunn. Mir hu laang diskutéiert iwwert déi Definitioun.

Ech si gären d'accord, dass déi Definitioun vläicht net perfekt ass, mä akzeptéiert awer weinstens, dass et d'Justizministere vu 15 Länner ware mat hire Kollaborateuren, déi no laange Sitzungen dësen Text, dës Definitioun ugehall hunn. Wann een also dat heite kritiséiert, wat jiddferengem säi gutt Recht ass, da muss een awer iwwert d'Mauer vun eisem Land eriwuer kucken, fir ze gesinn, wou deen Text hierkënt, an dat ass nun emol de Rahmenbeschluss, deen zu 15 ugehall ginn ass, well an deem Beräich ass nach ëmmer Unanimitéit, an ech wär frou, wann an der Regierungskonferenz géing d'Majoritéit qualifizéiert gefrot ginn, mä dat ass fir en aneren Débat. Mir hunn à l'unanimité déi Definitioun ugehall.

An dann ass et och wichteg, an op dat huet de Rapporteur Patrick Santer, deem ech fir seng gutt Aarbecht hei wëll am Numm vun der Regierung merci soen, higewisen, dass et jo net einfach esou ass, dass do eng Definitioun besteet, mä et gëtt nach eng ganz Rei Konditiounen, déi erfüllt musse sinn, fir dass et iwwerhaupt zu engem terroristeschen Akt ka kommen: „Tout crime et délit punissable d'un emprisonnement d'un maximum d'au moins trois ans.“ Et muss also eng schëmm Strofdot gemaach gi sinn, fir dass iwwerhaupt een emol sech kann eventuell an déi Situatioun setzen, dass et kënt eng terroristesch Infractioun sinn.

Mä da kënt déi zweet an drëtt Konditioun. De Patrick Santer huet se am Detail erkläert, dofir ginn ech weinst der spéider Stonn net méi am Detail drop an, wëll awer, dass d'Leit wësse vu wat mir schwätzen. Et muss een also eng grave Infractioun gemaach hunn, an déi muss duerch hir Natur oder de Kontext engem Land oder senge Leit seriöse Schued zougefüg hunn, an et muss een d'Absicht gehat hunn, den Élément intentionnel, en terroristesch Zil ze verfollegen.

Et ass also villes an där Definitioun, villes och an deene Konditiounen, déi mussen erfüllt sinn, éier dee Paragraph ka spillen, well mir schwätzen hei vun enger ganz seriöser Infractioun.

De Fait, dass mer keng laang Lëscht gemaach hunn, huet den honorablen Här Mosar elo grad am Kontext vun den auslännesche Législatiounen ganz gutt bellicht. Ech wëll lech zwee Elementer vläicht nach dobäi soen, déi och net onwichtig sinn.

Dat eent, wat interessant ass, ass, dass Däitschland, dat esou en Terrorismus-Paragraph hat, decidéiert huet deen auszeweiten. An der offizieller Matdeelung vum däitsche Justizminister steet: „Die geplante Gesetzesänderung sieht vor den Katalog der Straftaten zu erweitern“, well ebe se just der Meinung waren, dass deen Text, dee se virun haten, net wäit genuch gaangen ass, a si also d'Ambitioun hunn am Terrorismus eng Leaderroll anzehuelen. De Spriecher vun der sozialistischer Fraktioun am däitsche Bundestag, de Joachim Stünker, huet do Folgendes gesot: „Durch die Umsetzung des Rahmenbeschlusses ins nationale Recht bauen wir unseren Spitzenplatz bei der Bekämpfung des Terrorismus in Europa aus.“

D'Ambitioun, dem Terrorismus keng Chance ze ginn, ass eng richtig, déi dierf net egal wéi an en Text ageschriwwen ginn. Mir hunn hei eng Definitioun iwwerholl, déi aus der Décision-cadre erausgeet, an dee Kritär, fir ze soen et sinn all d'Infractiounen mat engem gewësene Strofmooß.

Ech wëll lech soen, dass déi franséisch Regierung an hirem Text iwwert de Blanchiment, iwwert d'Geldwäsch, genau deen dote Wee gaangen ass fir ze soen, Infractiounen primaires vum Blanchiment, vun der Geldwäsch, sinn all d'Infractiounen, déi e gewësene Strofmooß am Code pénal hunn. Et ass also eng Method, déi och an anere Länner geholl ginn ass, an dat war déi Zäit, wou a Frankräich d'Sozialisten an der Regierung waren - dat kritiséieren ech net -, mä ech wëll domat soen, et ass eng Method, déi geholl gëtt, fir ze soen, d'Basisinfractioun muss eng schëmm Dot sinn oder eng manner schëmm, jee nodeem wat fir e Seuil een hält. Et ass also net, dass mer hei eppes maachen, wat mir iergendwou eng Kéier um Boulevard royal erfonnt hätten an domat duerch d'Stad gaange wären. Et ass e bësse méi lwwerleeës do derhannert.

Déi aner Argumenter, déi net fir eng Lëscht plädéiert hunn, huet den Här Mosar hei exposéiert. Ech kommen net méi dorobber zrëck. Et muss een och gesinn, dass et eng onofhängeg Justiz ass, an een esou wéi bei all aneren Infractiounen am Detail muss kucken, ob d'Konditiounen vun der terroristescher Infractioun gi sinn. Grad esou wéi bei der Association de malfaiteurs, wou och muss gekuckt ginn, ob dat esou eng ass. Dat ass net automatesch de Fall. Et ass un der Justiz ze kucken, wat fir eng Elementer gi sinn, éier se kann esou eng Infractioun an engem Jugement zu enger Condamnatioun féieren.

An et ass evident, an dat ass bei all Infractioun esou, dass déi an der Verfassung oder an der europäescher Mënscherechtskonventioun verankert Grondrechter heimat net touchéiert ginn, mä selbstverständlech sinn dat och alles keng absolut Grondrechter. Och den Exercice vun engem Grondrecht erlaabt engem net alles ze maachen. Et sinn ëmmer Limiten do, déi aner Grondrechter setzen, respektiv déi d'Strofgesetzbuch setzt.

D'Versammlungsfreiheet, d'Ausdrocksfriheet ginn duerch dëst Gesetz net touchéiert. Deen, dee friddlech seng Meinung seet, an och wann dat eng aner Meinung ass wéi déi vun der Regierung oder der parlamentarescher Majoritéit, dee fält net ënner dëst Gesetz. Et soll een also ophalen, esou wéi bei anere Gesetzter, egal wat ze behaupten. Och de Proportionalitéitsprinzip ass respektéiert.

■ **M. Alex Bodry (LSAP).**- A wat fir engem Sënn bei de Sanktiounen?

■ **M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice*.**- Ech géif lech bidden de Préambule vun der Décision-cadre ze liesen, well mir haten doriwwer och eng Diskussioun am europäesche Ministerrot, a mir waren der Meinung, dass de Fait, dass d'Gerichter hei ënner enger breeder Marge vun engem Strofmooß ze decidéieren hunn opgrond vun enger ganzer Rei vun Elementer, dass och all déi aner Prinzipie vum europäesche Mënscherechtsge-richtshaff an der Jurisprudenz vu Stroosbuerg respektéiert ginn.

Dëse Projet de loi huet awer och en anere Punkt, deen de Mëtten hei net ganz vill Bëuechtung fonnt huet, an och net an der Debatt an deene leschten Deeg. Et ass de Finanzement vum Terrorismus. Wa verschidde Kolleegen de Mëtten hei gesot hu Lëtzebuerg wär vläicht net direkt eng grouss Zilscheif vun Terrorismus, da wëll ech éischens do soen, dass dat vläicht richtig ass, mä dass een natierlech net évitéiere kann, dass sech Leit, déi hei am Kontakt si mat Extremisten, voire potenziellen Terroristen, dass déi sech kënnen zu Lëtzebuerg ophalen. Dat war an der Vergaangenheet esou de Fall.

Ech erënneren un e Waffelager, wat viru Joren am Süde vum Land fonnt ginn ass. Ech erënneren un déi Perquisitiounen, déi d'Justiz ordonnéiert huet am fundamentalistesche Milieu, wou eng ganz Rei impressionant Saache fonnt gi sinn. Perquisitiounen, déi iwwerengs gemaach gi sinn opgrond vun Texter, déi haut schonn an eisem Code pénal sinn, mä wou een awer muss kucken, ob déi duer- ginn, well ech wëll net eng Kéier an enger Situatioun sinn, wou gesot gëtt, ma wann déi deemools e Gesetz gemaach hätten, da kënnte mer hei poursuvéieren. Wann een an der Regierung ass, dann huet een eng Responsabilitéit an da muss een se huelen.

Mam Finanzement vum Terrorismus, do hu mer nach vill méi eng grouss Responsabilitéit. Mir wunnen an engem Land, wat eng vun deene gréisste Finanzplazen an Europa huet. A wann ee gesäit, wat fir eng Méiglechkeeten eng Finanzplaz bitt, well am Terrorismus kënnen et legal Sue sinn, déi fir en ille-

galen Zweck gebraucht ginn, woubäi et beim Blanchiment illegal Sue sinn, déi wäissgewäsch ginn, da muss een dach do en Text hunn. Mir hunn an der Vergaangenheet an och nom 11. September Sue blockéiert opgrond vun Texter vum Blanchiment, wou ech ëmmer fonnt hunn, dass et wichteg wär, dass mer hei juristesche Präzisiounen géingen an déi Texter erabréngen. Dofir sinn ech frou, dass mer dat hei gemaach hunn.

An et ass net erwähnt ginn, dass d'Regierung drop gehalten huet, dass de Finanzement vum Terrorismus mat deenen nämlechte Strofe géing bestrooft gi wéi den terroristeschen Akt selwer, well d'Regierung der Meinung ass, dass deen, deen als Hintermann figuréiert, deen, dee Sue gëtt mat esou engem Zil, dass dee wuel esou schëmm ass wéi deen, deen den terroristeschen Akt ausféiert.

A wann een d'Analys vum 11. September mécht, da war dat net nëmmen e Match vun Aarme géint Räicher. Do ginn dach vill Terroriste recrutéiert, mä ganz vill vun deenen, déi do derhannert stongen, hunn zu mat deene Räichsten aus der arabescher Welt gehéiert, an dofir muss een och do an der Ursaachefuerschung dat net eesäiteg gesinn, et muss een also och ganz gutt gesinn, dass mam Terrorismus mir mat engem Phenomeen befaasst sinn, dee méi komplex ass wéi all d'Konflikter, déi mir virdu vläicht kannt hunn.

Här President, wéi ech de Mëtten déi Rieden héieren hunn, an och déi lescht Deeg, do hunn ech mer geduecht an der Politik kann ee sech et heiansdo awer och vill méi einfach maachen a just näischt maachen, frëndlech duerch d'Land goen an de Leit e Bonjour soen. Da kritt ee vläicht kee bëisen Artikel an et kritt ee keng Kriticken. Wann, an ech soen dat, well och de Mëtten hei eng Rei aner Projeten awer opgefouert gi sinn, Leit illegal Privatbesetz wéi Geschäftler besetzen, da kann een als Regierung soen, mäi Gott et ass eis egal, mir hu keen Text, mir maachen näischt.

Wa Leit illegal an e Land areesen a sech do ophalen, da kann een als Regierung soen, mäi Gott mir maa- chen näischt, da gëtt et och keng Diskussioun. Wa Leit als Affär an als Zeien an engem Prozess, wou et ëm organiséiert Kriminalitéit oder Terrorismus geet, optrieden a fäerte fir auszesoen, an datt een dofir an der Poursuite net virukënt, da kann ee soen: Mäi Gott, da ginn déi Affären eben net poursuvéiert.

Ech muss soen...

(Interruption)

Den Här Bodry huet déi Punkten ugeschnidden, dann erlaabt mer - ech hunn hien net ënnerbrach - och déi Saachen ze soen. Mir schwätzen hei zënter dräi Auer an elo ass et halwer aacht, elo ass et u mir fir ze schwätzen.

(Interruption)

Neen, neen, guer net.

Ech soe just, datt wann een also mat engem Problem konfrontéiert ass, da muss een de Problem a mengen Aen ugoen. A mir hunn déi anonym Zeienaussoe justement proposéiert, well mer festgestallt hunn, datt a graven Affäre vu grousser Kriminalitéit et e reelle Problem gëtt, fir an der Poursuite weiderzekommen. An duerfir hu mer och net eppes gemaach, wat absolut net besteet, well dat besteet am Ausland an Holland zënter den 90er Joren, am Frankräich war et déi sozialistesche Regierung 2001, déi dat an hiert Gesetz agefouert huet, an der Belsch 2001 déi rout-gréng Regierung, déi do um Pouvoir war, a mir proposéieren dat nämlechte, well mer och ënnert de Justizministernen an Europa doriwwer diskutéieren.

Elo muss dat jo net dat Gielt vum Ee sinn, ech hätt just gären, datt een a sengen Analysen, a sengen Nuancen, net eppes dohinner

stellt, wéi wann dat eppes aus dem Mëttelalter wär, wat ech elo op eemol erfonnt hätt, fir d'Inquisition erëm anzeféieren, mä well ech gären hätt...

(Interruption)

Neen, neen, mä et ass de Mëtten hei och vun...

M. Alex Bodry (LSAP).- Ech hunn net gesot ech géif déi Appréciatioun deelen!

Une voix.- Net en Amalgame maachen!

M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice*.- Den Témoignage anonyme, den Hausfriddensbroch ass, an déi zwee Punkte sinn de Mëtten hei opgeruff ginn, an ech soen lech, ...

(Interruption)

Mä ech si frou wann d'Sozialisten elo mat mir d'accord sinn.

Ech wëll lech just soen, datt meng Konzeptioun vu Politik déi ass, datt wann ee Problemer gesäit, an ech hunn lech der dräi opgezielt an deem Beräich, déi elo hei de Mëtten opgezielt gi sinn, da muss een natierlech Kriticken héieren, och wa se wéi bei dësem Projet, contrairement zu deem wat am Ufank vun dëser Debatt de Mëtte gesot ginn ass, mengen ech, net eng grouss Debatt am Lëtzebuerger Land maachen, mä wa berechtegt Kriticken oder onberechtegt Kriticke vun e puer Leit do sinn, da muss een déi héieren a respektéieren.

Mä deen, deen an der politescher Responsabilitéit ass, dee muss och de Courage hunn da Faarf ze bekennen. An et ass dann um Parlament, an deem déi vum Vollek gewielten demokratesch Verrieder sëtzen, fir eng Décisioun ze huelen. An dofir mengen ech ass et richtig, datt d'Parlament de Mëtten heiriwwer laang debattéiert huet an dann zu enger Konklusioun kënn.

De Stat huet an den Ae vun der Regierung d'Pflicht eis traditionell Grondfräiheeten ze schützen, an duerfir muss en och do agräifen, wou se a Fro gestallt gi sinn. A beim Terrorismus sinn déi Grondfräiheeten a Fro gestallt, wéi och an aneren Domänen, déi ech elo virun e puer Minutten ugeschnidden hunn.

Dëst Gesetz, Här President, ass keng Aschränkung vun iergendwelche Grondfräiheeten. Ech kann lech och soen, datt d'Regierung bei all hire Projekte besuergt ass e Gläichgewicht ze fannen tëschent de Grondrechter an der noutwender Bekämpfung vun der Kriminalitéit. D'Suerg ëm d'Grondrechter ass net de Monopol vun e puer Leit oder e puer Organisatiounen. Et ass d'Suerg, ech kann lech dat soen, vun der ganzer Regierung an ech mengen och vu villen, déi dëse Projet de loi hei ënnerstëtzt hunn.

Mä et geet och net, datt een naiv duerch d'Welt geet an d'Aen zoumécht, wa kriminell Organisatiounen oder terroristesch Mouvementer eis Gesellschaft wëllen zerstéieren. Mir sinn dervun iwwerzeegt, datt an esou Situatiounen de Stat sech muss wieren, an dofir muss ee sech d'Instrumenter ginn, fir wann esou Gefore kommen - a mir hoffen, datt se net kommen -, datt een dann d'Instrumenter huet fir kënne ze agéieren.

Hei geet et ëm Leit, déi eng schlëmm Strofdot maache fir zu hiren Ziler ze kommen. Hei geet et net ëm Leit, déi einfach eng aner Meinung hunn, an déi soen. Hei geet et also net ëm friddlech Demonstranten, hei geet et net ëm Leit, wéi gesot, déi net mat der Regierung d'accord sinn.

Den Terrorismus ass eng eescht Verletzung vun de Grondfräiheeten. Den Terrorismus ass eng Gefor fir Mënscherechter, eng Gefor fir d'Prinzipie vu Fräiheet an Demokratie. A mat dësem Gesetz gëtt dofir keng Ausdrocksfräiheet ageschränkt. Dëse Projet respektéiert déi friddlech ausgeübte Grondrechter an deen, deen eis pluralistesche Demokratie wëllt schützen, deen, dee wëllt, datt de Stat ka géint Krimineller an Terroriste virgoen, deen invitéieren ech am Numm vun der Regierung dëse Projet ze stëmmen.

Ech soen lech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Kolleeginnen a Kolleegen, domadder wär d'Diskussioun ofgeschloss. Mir kommen zur Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 bis 5 si gelies an ugeholl.

Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen elo of iwwert dee virleien-de Projet.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi derfir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthalen sech.

De Projet de loi 4954 ass ugeholl mat 41 Jo- an 19 Nee-Stëmmen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hupert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers (par M. Patrick Santer), Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber (par Mme Nancy Arendt), Lucien Weiler et Claude Wiseler (par M. Nico Loes);

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes (par M. Jeannot Belling), Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Alexandre Krieps (par Mme Simone Beissel), Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes (par M. Aly Jaerling), Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Ont voté non: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par Mme Mady Delvaux-Stehres), MM. Jos Scheuer (par M. Jeannot Krecké), Georges Wohlfart (par M. Mars Di Bartolomeo) et Marc Zanussi (par Mme Lydie Err);

MM. François Bausch, Robert Gar-

cia, Camille Gira (par Mme Renée Wagener), Jean Huss et Mme Renée Wagener;

M. Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

9. 5102 - Projet de loi relatif à l'adaptation budgétaire du projet de construction d'un bâtiment pour le Centre de Recherche Public Henri Tudor et le Centre de Technologie de l'Educat

ion à Luxembourg-Kirchberg (suite)

An dann hu mer nach iwwert e Projet ofzestëmmen iwwert de Centre de recherche public Henri Tudor.

Beim Projet de loi 5102 ass d'Lection vum den Artikelen geschitt a mir kënne direkt zum Vote iwwergoen. Mir stëmmen also of iwwert de Projet de loi 5102 iwwert de Centre de recherche Henri Tudor.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthalen sech.

De Projet de loi 5102 ass ugeholl mat 52 Jo-Stëmmen an 8 Abstentounen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hupert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers (par M. Patrick Santer), Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber (par M. Marco Schank), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz (par M. Jean-Marie Halsdorf), Fred Sunnen (par Mme Nancy Arendt), Lucien Weiler et Claude Wiseler (par M. Nico Loes);

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes (par M. Jeannot Belling), Mme Agny Durdu, MM.

Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Gusty Graas), Alexandre Krieps (par M. John Schummer), Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Jos Scheuer (par Mme Mady Delvaux-Stehres), Georges Wohlfart (par M. Mars Di Bartolomeo) et Marc Zanussi (par M. Jeannot Krecké);

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira (par Mme Renée Wagener), Jean Huss et Mme Renée Wagener.

Se sont abstenus: MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes (par M. Robert Mehlen), Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Kolleeginnen a Kolleegen, eisen Ordre du jour huet virgesinn, dass mer haut nach géingen dräi Projeten evaküieren. Wa mer op d'Auer kucken an d'Engagement gesinn, déi verschidde Kolleegen hunn, a wa mer den Ordre du jour vum nächsten Donneschde kucken, da menge mer misst et materiell méiglech sinn, fir déi Projeten dann och nach ze evaküieren.

Ech wëll awer d'Chamber froen, ob se mat der Proposition d'accord ass.

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Domadder wärem mer um Enn vun eiser Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzung ass mar de Mëtten a fänkt um halwer dräi un.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 19.31 heures)

Ordre du jour

- 5136 - Projet de loi portant approbation du Protocole au Traité de l'Atlantique Nord sur l'accession de la République de Bulgarie, signé à Bruxelles, le 26 mars 2003
5137 - Projet de loi portant approbation du Protocole au Traité de l'Atlantique Nord sur l'accession de la République d'Estonie, signé à Bruxelles, le 26 mars 2003
5138 - Projet de loi portant approbation du Protocole au Traité de l'Atlantique Nord sur l'accession de la République de Lettonie, signé à Bruxelles, le 26 mars 2003
5139 - Projet de loi portant approbation du Protocole au Traité de l'Atlantique Nord sur l'accession de la République de Lituanie, signé à Bruxelles, le 26 mars 2003
5140 - Projet de loi portant approbation du Protocole au Traité de l'Atlantique Nord sur l'accession de la Roumanie, signé à Bruxelles, le 26 mars 2003
5141 - Projet de loi portant approbation du Protocole au Traité de l'Atlantique Nord sur l'accession de la République Slovaque, signé à Bruxelles, le 26 mars 2003
5142 - Projet de loi portant approbation du Protocole au Traité de l'Atlantique Nord sur l'accession de la République de Slovénie, signé à Bruxelles, le 26 mars 2003
(Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes et de la Défense - Discussion générale - Lecture du texte des projets de loi - Votes sur l'ensemble des projets de loi et dispenses du second vote constitutionnel)

- 4929 - Projet de loi autorisant l'Etat à participer au financement des travaux nécessaires à l'évacuation et à l'épuration des eaux usées générées par les localités regroupées autour du lac de la Haute-Sûre
(Rapport de la Commission des Affaires intérieures - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel)

Au banc du Gouvernement se trouvent: Mme Lydie Polfer, Vice-Premier Ministre; M. Michel Wolter, Ministre.

(Début de la séance publique à 14.32 heures)

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber iergendwellech Matdeelung ze maachen? Dat ass net de Fall.

Mir kommen elo zur Diskussioun vun de Projets de loi 5136 bis 5142 iwwert d'Bäitrettsvertrag fir d'NATO vu Bulgarien, Estland, Lettland, Litauen, Rumänien, der Slowakei a Slowenien. Déi siwe Projekte ginn an enger Diskussioun behandelt. D'Riedezäit ass nom Modell 2 fest-

geluecht. D'Wuert huet elo de Rapporteur vun deene Projeten, den honorablen Här Emile Calmes.

- 5136 - Projet de loi portant approbation du Protocole au Traité de l'Atlantique Nord sur l'accession de la République de Bulgarie, signé à Bruxelles, le 26 mars 2003

5137 - Projet de loi portant approbation du Protocole au Traité de

l'Atlantique Nord sur l'accession de la République d'Estonie, signé à Bruxelles, le 26 mars 2003

5138 - Projet de loi portant approbation du Protocole au Traité de l'Atlantique Nord sur l'accession de la République de Lettonie, signé à Bruxelles, le 26 mars 2003

5139 - Projet de loi portant approbation du Protocole au Traité de l'Atlantique Nord sur l'accession de la République de Lituanie, signé à Bruxelles, le 26 mars 2003

5140 - Projet de loi portant approbation du Protocole au Traité de l'Atlantique Nord sur l'accession de la Roumanie, signé à Bruxelles, le 26 mars 2003